# INFO BLAT

'05 25

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 16. JULI 2025

Actualités Events DIFFMAG Emploi Differenttogether.lu FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Vivre Découvrir La ville Démarches Contact

Maint. 7°

# Conseil communal du 10 décembre 2025

ACCUEIL > CONSEIL COMMUNAL DU 10 DÉCEMBRE 2025

A- A+

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP) | CILLIEN Eric (DP) | OLTEN Claude (CSV) |
| ULVELING Tom (échevin, CSV) | DA SILVA Elisabeth (DP) | PREGNO Laura (déi gréng) |
| WAGNER Thierry (échevin, LSAP) | DIDERICH Gary (déi Lénk) | SCHEUREN Michel (LSAP) |
| HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV) | ENGEL Morgan (LSAP) | SCHÜTZ Manon (déi gréng) |
| CHARLÉ Zenia (échevine, LSAP) | HUBERTY Caroline (LSAP) | TEMPELS Guy (CSV) |
| AGUIAR Paulo (déi gréng) | MEISCH François dit Fränz (DP) | |
| CEMAN Emina (CSV) | MULLER Erny (LSAP) | |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT .05 25


COMPTE-RENDU DU 16 JUILLET 2025

24-71

SONDAGE SPORT

72

BONS D'ACHAT

73

STEEL RUN 2026

74



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 05/2025,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 16 JUILLET 2025

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Zenia Charlé, échevine (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Caroline Huberty (LSAP)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

**Absents/excusés:** Morgan Engel (LSAP)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Projets communaux :**
   a. Mise en place du système Visupol — devis, article budgétaire 4/319/222100/25015 ;
   b. Agencements et aménagements de terrains — divers projets CIGL : travaux d'aménagement de l'étang de Lasauvage — devis, article budgétaire 4/264/221200/99001 ;
   c. Terrain de pétanque Lasauvage — travaux de rénovation des terrains extérieurs et intérieurs — devis et crédit spécial, article budgétaire 4/821/221312/25035 ;
   d. Aquasud Oberkorn — extension et transformation : phase 1 portant sur la transformation du bâtiment existant — devis et plans, article budgétaire 4/823/221313/19038.
3. **Déifferdeng, eng Stad hëlleft : projets et actions soutenus en 2025 (première tranche).**
4. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier Zwësche Lauterbännen, concernant des fonds sis au même lieudit à Niederkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de la Ville de Differdange.**
5. **Enseignement fondamental : plans d'encadrement périscolaire (PEP) 2025-2026.**
6. **Structures d'accueil : règlements d'ordre interne des sites 2025-2026.**
7. **École de musique : organisation provisoire pour l'année scolaire 2025-2026.**
8. **Organisation des cours de langues pour adultes pour l'année scolaire 2025-2026.**
9. **Personnel communal : organigramme — créations de postes et actualisation.**
10. **Actes et conventions :**
    a. Acte de cession avec l'État du grand-duché de Luxembourg concernant un terrain situé à Niederkorn au lieudit Vor der Lanterbann d'une contenance de 3,2 a ;
    b. Acte notarié visant l'acquisition d'un immeuble sis à Differdange, 3, rue du Parc-Gerlache ;
    c. Acte notarié visant l'acquisition de parcelles situées à Niederkorn, aux lieudits rue Saint-Pierre et Auf dem Honsbusch d'une contenance totale de 40,70 a ;
    d. Convention relative à l'achat et à l'exploitation d'un conteneur pour formations à l'utilisation d'extincteurs ;
    e. Contrat de location de toiture sur le bâtiment de l'école Fousbann pour installer des panneaux photovoltaïques ;
    f. Contrats de bail d'ateliers d'artistes au no 58 de la Grand-rue à Differdange ;
    g. Contrats de bail et avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub ;
    h. Premier avenant à un contrat de bail établi suivant les dispositions relatives au logement abordable pour un logement locatif au sein du complexe Gravity à Differdange.
11. **Gestion des eaux : consultation publique relative au calendrier et programme de travail du quatrième plan de gestion de la directive-cadre sur l'eau — avis.**
12. **Règlements communaux : règlements temporaires de circulation.**
13. **Changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.**
14. **Motion de déi gréng, DP et déi Lénk concernant l'importance du bon fonctionnement des commissions communales consultatives.**

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ouvre la séance du conseil communal du 16 juillet 2025 en saluant les membres du conseil, les représentants de la presse et les auditeurs présents dans la salle et à l'extérieur. Il signale l'absence de madame Engel pour raison de maladie.*

*Il demande ensuite aux conseillers d'annoncer leurs questions, qui seront traitées entre le point 14 et la séance non publique. Monsieur Cillien, madame Pregno, monsieur Aguiar et monsieur Diderich annoncent avoir des questions.*

*Après une brève interruption technique due à un problème de microphone, le bourgmestre passe aux communications.*

*Il aborde les évènements de la veille, déjà partiellement relatés dans la presse. Il explique qu'une perquisition de la police judiciaire a eu lieu à son domicile ainsi que dans son bureau à la commune. Durant ces perquisitions, des copies de son matériel informatique communal et privé ont été effectuées, tant à son domicile qu'à la commune. Des copies ont également été faites des ordinateurs des services techniques et de toutes les personnes concernées par le projet qu'il s'apprête à présenter. Des perquisitions ont aussi été menées chez les notaires et chez le promoteur.*

*Ces actions font suite à une enquête demandée par l'Inspection générale des finances auprès du Parquet, concernant l'achat d'un projet de 79 logements étudiants avec des salles d'instruction, des salles de séjour et un laboratoire situés avenue du Parc-des-Sports, en collaboration avec LUNEX. Cet achat a été présenté et approuvé par la majorité du conseil communal en novembre 2024.*

*Le bourgmestre retrace l'historique du projet. Il y a 14 ans, la commune a vendu l'ancien Maxim's, propriété communale, à un promoteur. Aucun argent n'a circulé : la vente s'est faite par acte notarié et, en contrepartie, trois appartements ont été promis à la commune dans le futur bâtiment. Pendant 14 ans, rien ne s'est passé avec cette verrue urbaine. Le promoteur avait promis d'y construire un hôtel, mais rien n'a été réalisé. Le conseil com-*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, léif Dammen an Häre Vertrieder vun der Press, léif Nolauschterer dobaussen, léif Spectateuren an Nolauschterer hei am Sall, et ass mer eng Freed, Iech haut um 16. Juli 2025 hei an eiser Gemengerotssitzung vun der Stad Déifferdeng begréissen ze dierfen.

D'Madamm Morgan Engel léisst sech entschëllegen, si feelt, leider, krankheetshallwer.

Wie vun Iech huet eng Fro unzemellen, déi mer tëschent dem Punkt 14 an der Séance non-publique traitéiere géifen? Wie mellt eng Fro u fir dee Moment do? Den Här Cillien, d'Madamm Pregno, den Här Aguiar, den Här Diderich. Keng weider Fro méi unzemellen? Nee. Da soen ech Merci. Ech hu mer dat opgeschriwwen.

Da kéime mer zum Punkt 1 vun eisem Ordre du jour, de Kommunikatioune vum Buergermeeschter a vum Schäfferot. Ech hätt zwou Kommunikatioune matzedeelen.

Ech schwätzen déi Evenementer vu gëschter un, déi jo schonn deelweis am Detail an der Press, an der geschriwwener Press an um Radio zitéiert gi sinn. Déi Evenementer, dat heescht eng Perquisitioun vun der Police judiciaire bei mir doheem, eng Perquisitioun op der Gemeng, a mengem Büro, an de Lokaler vun der Gemeng.

Bei deene Perquisitioune si Kopien ugefäerdegt gi vu mengem Informatiksmaterial, wat ech doheem hu vun der Gemeng an och vu mengem private PC. An och op der Gemeng vu mengem PC, deen ech do stoen hunn, fir Gemengenaarbechten ze leeschten. Zudeem si Kopië gemaach gi vun den techneschen Déngschter hire PCen an alleguerten deene Leit, déi concernéiert waren an deem Projet, deen ech Iech duerno virstellen. Des Weidere si Perquisitioune gemaach gi bei den Nottären an och Perquisitioune vun der Police judiciaire beim Promoteur.

Dëst ass eng Folleg vun enger Enquête, déi vun der Inspection des finances beim Parquet ugefrot ginn ass, am Zesummenhang mam Kaf vun engem Projet vun 79 Studentewunnengen, niewent deene Wunnenge mat Instruktiounssäll, mat Openthaltssäll a mat engem Laboratoire hei an der rue Parc des Sports. An dat an Zesummenaarbecht mat der LUNEX, respektiv duerno enger Mise à disposition vun de Studente vun der LUNEX.

Dëse Kaf ass hei am Gemengerot am November 2024 aktéiert ginn, presentéiert ginn an och guttgeheescht gi vun der Majoritéit vum Gemengerot.

Ech kommen e bëssen zur Geschicht vun deem ganze Projet. Ech muss mech do erklären, och fir déi Leit, déi dobaussen nolauschteren, déi net grad esou am Dossier mat dra si wéi Dir hei ronderëm den Dësch.

Viru 14 Joer huet d'Gemeng deen ale Maxim's, wat eng Proprietéit vun der Gemeng war, engem Promoteur verkaaft. Mee do ass ni Geld gelaf. Dat heescht: Dee Verkaf ass iwwer d'Bün gaangen a Form vun engem Acte notarié, wéi dat normal ass. An en contrevaleur, sinn der Gemeng dräi Appartementer zougesot ginn, déi sollten an deem do entstoende Bau da gebaut ginn.

14 Joer ass awer näischt mat deem Schandfleck geschitt – deen ee wierklech kann als Schandfleck bezeechnen. No 14 Joer war deen nach am Ist-Zoustand, sou wéi de Promoteur dat deemools kaf hat, an och versprach hat, do een Hotel opzeriichten. Et ass awer näischt komm. Déi Zäit war och vum Gemengerot ënnerlooss ginn, fir do ee genauen Delai dranzesetzen, wéini dee Bau géif ugoen a wéini dee Bau sollt ofgeschloss ginn. Vu dass dat net war, konnt de Promoteur dat op d'laang Bänk du schiben.

No 14 Joer, wéi näischt geschitt ass, ass d'Firma vum Promoteur, deen initialement de Projet kaaft huet, opkaf gi vun enger neier Firma. Dat heescht, déi ganz Firma ass opkaf gi vun neien Associéen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Promoteur.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Vun engem neie Promoteur, ganz richteg.

No Analys vun deem Dossier, deen dee Promoteur eis virgestallt huet – dat heescht dee Bau vun deenen 79 Studentewunnengen, wéi ech virdrun am Detail erkläert hunn, an déi Supplementen, déi ech virdrun erkläert hunn –, hu mer dann am November dee Kaf vun deem Projet hei am Gemengerot decidéiert.

Dee Präis, dee mir bezuelt hunn, dee jo ëmmer erëm analyséiert a kritiséiert gëtt, dat war de Präis, deen a Relatioun war mam Kaf vun der Firma, deen a Relatioun war mam Projet, mat de Pläng a mat der Plus-value déi 14 Joer al war. D'Quote-part Terrain huet dat och an der Héicht vun hirer Quot reflektéiert.

All dës Detailer si bei den Nottären an den Akte festgehale ginn a ginn elo analyséiert, fir Kloerheet an deen Dossier ze bréngen.

Dofir déi Aktioune gëschter, déi säitens der Police judiciaire gelaf sinn. An ech vu menger Säit aus kann Iech soen, dass dat ee professionellt Optriede war vun deene Leit, am Respekt vu menger Persoun an am Respekt vu menger Famill. Well et ass net flott, wann et um hallwer siwe moies bei Iech schellt, an et ass net ee Fournisseur oder een, deen eng Enveloppe bréngt, mee et ass een, deen erakënnt fir an dengem private Beräich ze raumen a fir do Kopien ze maachen.

Ech, mengersäits, hunn e ganz fräit Gewëssen, hu mir näischt virzewerfen an hoffen, dass déi Klacken, déi mech elo wëllen an den Dreck zéien, grad esou haart lauden, wa meng Onschold bewisen ass. Dat ass eng grouss Hoffnung vu mir an net nëmme vu mir, och vu menger Famill!

Et ass richteg, ech hat ee Liewe viru mengem Job als Buergermeeschter. Et ass richteg, wéi ech viru siwe Joer an d'Politik gaange sinn, hunn ech demissionéiert an deem Fussballveräin, wou ech als President vun der Jugendkommissioun aktiv war a wou ech och als Member vum Kommitee vum Fussball aktiv war. Do hunn ech do demissionéiert. An, jo, et ass och richteg, dass ech meng Parte vun enger Firma, dee Moment, wou ech politesch aktiv gi sinn, u mäi Bouf ofgetrueden hunn, fir meng Neutralitéit ze gewären a fir net beaflossbar ze sinn, a kengem Milieu, weeder am Sport nach an deem Beräich, wou ech dann an där Firma täteg war.

Dat ass meng Ausso zu deene Faiten, déi gëschter waren. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Ech hunn awer nach eng Kommunikatioun, déi vläicht net esou spannend ass, mee wat awer och derwäert ass, fir gemaach ze ginn. Dat ass déi Kommunikatioun a Relatioun mat der Konventioun vum TICE.

Och dat ass e relativ däregen Dossier, dee jo och vill kommentéiert ginn ass. Wou och vill Falschinformatiounen zirkuléiert sinn a wou och de Spekulatiounstirang heiansdo méi wäit opgerass ginn ass, wéi den Tirang et iwwerhaapt gepackt huet.

Ech kann Iech just confirméieren, dass no laangen a ville Reunioune mat dem Transportministère, dem Ministère de l'Intérieur, dem Ministère de l'Économie an deene verschiddene Personaldelegatiounen, dem Büro an dem Kommitee vum Syndicat TICE, eng Konventioun zustane komm ass. Dës Konventioun gëllt als Iwwergang an als Basistext zur Schafung vun engem neie Syndicat.

Fir dëse Syndicat kënnen ze grënnen, musse mer awer am Gemengerot decidéieren a votéieren, fir deen ale Syndicat TICE opzeléisen, fir dann dem Legislateur an deenen neie Partner, d'Méiglechkeet ze ginn, deen neie Syndicat iwwer e Gesetz festzeleeën.

Firwat een neie Syndicat iwwer ee Gesetz? Well dat eng Envergure financière gëtt, muss do ee Finanzgesetz gestëmmt ginn. Dat ass net einfach esou ze maache mat Dotatioune vum Staat.

All d'Südgemengen, déi Member am Syndicat TICE sinn, sichen e gemeinsamen Datum fir ee Gemengerot, als Zeeche vun der Eenegkeet. An deem Gemengerot gëtt deen neien Text virgestallt, erkläert an am Detail diskutéiert,

*munal n'avait pas fixé de délai précis pour le début et la fin des travaux, permettant au promoteur de reporter indéfiniment le projet.*
*Après 14 ans d'inaction, la société du promoteur initial a été rachetée par une nouvelle société avec de nouveaux associés. Après analyse du dossier présenté par ce nouveau promoteur pour la construction des 79 logements étudiants et des équipements supplémentaires, le conseil a décidé en novembre de l'achat du projet.*
*Le prix payé, souvent analysé et critiqué, correspondait à la valeur de l'achat de la société, du projet, des plans et de la plus-value accumulée sur 14 ans. La quotepart du terrain reflète cette valeur. Tous ces détails sont consignés dans les actes notariés et sont actuellement analysés pour faire toute la lumière sur ce dossier.*
*Le bourgmestre souligne le professionnalisme de la police judiciaire lors de ces interventions, menées dans le respect de sa personne et de sa famille, tout en reconnaissant la difficulté de recevoir la police à 6 h 30. Il affirme avoir la conscience tranquille, n'avoir rien à se reprocher et espère que ceux qui tentent de le salir feront autant de bruit lorsque son innocence sera prouvée.*
*Il confirme avoir eu une vie avant son poste de bourgmestre. Lorsqu'il est entré en politique il y a sept ans, il a démissionné du club de football où il était président de la Commission de la jeunesse et membre du comité. Il a également cédé ses parts d'entreprise à son fils pour garantir sa neutralité et éviter toute influence.*
*Le bourgmestre présente ensuite une seconde communication concernant la convention TICE, un dossier complexe ayant fait l'objet de nombreux commentaires et fausses informations. Après de longues réunions avec les ministères des Transports, de l'Intérieur et de l'Économie, ainsi qu'avec les délégations du personnel et le syndicat TICE, une convention a été établie. Cette convention sert de transition et de texte de base pour créer un nouveau syndicat. Pour fonder ce nouveau syndicat, le conseil communal doit voter la dis-*

*solution de l'ancien syndicat TICE, permettant ainsi au législateur et aux nouveaux partenaires d'établir le nouveau syndicat par voie législative. Un nouveau syndicat nécessite une loi, car l'envergure financière impose le vote d'une loi de finances.*

*Guy Altmeisch informe le conseil que toutes les communes du sud membres du TICE recherchent une date pour organiser un conseil communal, en signe d'unité. Lors de cette réunion, le nouveau texte sera présenté, expliqué et discuté en détail avec tous les membres du conseil communal, y compris celui de Differdange.*

*Cette date est prévue pour octobre et ne comportera qu'un seul point à l'ordre du jour. Dès que cette date sera fixée avec les neuf communes concernées, les conseillers en seront informés. Il exprime son souhait d'une présence majoritaire pour discuter et analyser ce dossier.*

**TOM ULVELING (CSV)** *prend ensuite la parole pour trois communications. Il présente d'abord le bilan des CityTrees installés dans la commune depuis près d'un an, au nombre de cinq. Il se réjouit qu'aucun acte de vandalisme n'ait été constaté. Les plaques de mousse fonctionnent bien, ne se salissent pas et ne sont pas desséchées. L'entretien régulier s'effectue sans problème et la collaboration avec Green City Solutions, l'entreprise qui les a installés, est excellente.*

*Il constate que ces CityTrees sont très fréquentés en été lors des fortes chaleurs, les gens s'y asseyant volontiers. Les mesures montrent qu'en période de grande chaleur, la température de l'air soufflé est inférieure de 11 °C à celle de l'air aspiré : par 30 °C extérieurs, l'air ressort à 19 °C, créant une sensation agréable.*

*L'entreprise recherche actuellement des solutions pour limiter le rayonnement solaire sur ces places et développe une sorte de chapeau à installer au-dessus pour offrir plus d'ombre aux usagers. Une décision sera prise sur la poursuite de la location ou l'achat définitif une fois tous les paramètres analysés.*

*Il présente ensuite la brochure « Differdange Art Walk », publiée*

mat alle Memberen aus dem Gemengerot, dann och vun der Gemeng Déifferdeng.

Viraussiichtlech ass dësen Datum am Oktober a begräift just ee Punkt um Ordre du jour. Soubal mer dësen Datum mat deenen néng concernéierte Gemenge festgeluecht hunn, kritt Dir selbstverständlech deen Datum matgedeelt. An ech wier frou, wa mer da majoritär hei wieren, fir deen Dossier ze diskutéieren an ze analyséieren.

Dat war et elo mol vu menger Säit fir d'Kommunikatiounen. Ech géif dann d'Wuert un den Här Ulveling ginn, deen Iech och nach interessant Saache matdeele kann. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, dräi kleng Kommunikatiounen.

Als Éischt hätt ech ee klenge Bilan vun eise CityTrees, déi mer elo bal ee Joer an der Gemeng hei opgestallt hunn, fënnef un der Zuel.

Mir si frou, dass mer kee Vandalismus haten. Déi Moosplacke fonctionéiere gutt, se verdrecksen net a sinn och net verdréchent. Mir hu keng Probleemer gehat. Den Entretien ass reegelméisseg gemaach ginn, an et war eng gutt Zesummenaarbecht mat Green City Solutions, där Firma, déi déi opgestallt huet.

Mir stelle fest, dass déi CityTrees am Summer, wann et ganz waarm ass, ganz gutt besicht sinn an d'Leit och oft do sëtzen. Et ass och festgestallt ginn, dass bei ganz waarmen Temperaturen d'Temperatur vun der Loft, déi agesaugt gëtt an déi, déi erausgeblose gëtt, ëm 11 Grad manner ass. Dat heescht: Bei 30 Grad dobaussen, kommen eelef Grad manner, 19 Grad ginn do erausgeblosen. Dat heescht, wann een do sëtzt, ass dat ganz agreabel.

D'Firma ass elo amgaangen, nach no Solutiounen ze sichen, fir d'Sonnenastralung ze limitéieren op deene Plazen. Si sinn amgaangen, esou eng Aart Hutt, kann ee soen, ze developpéieren, fir deen dropzesetzen, fir dass d'Leit méi am Schiet kënne sëtzen.

Wa mer elo déi ganz Parameteren hunn, da kritt Der ee genaue Bericht, an da wäerte mer och decidéiere mussen, ob mer dat weider loune respektiv kafen. Déi haten eis déi Optioun opgehalen.

Dat Zweet, dat ass hei dat klengt Bichelchen Differdange Art Walk, wat mer anlässlech vun eisem Skulpturesymposium publizéiert hunn. Dir wësst jo, dass et ëmmer mäi Bestriewe war, d'Konscht méi no bei d'Leit ze bréngen. Do sinn all déi Konschtwierker, déi op eisem ganzen Territoire verspreet sinn, dra festgehalen, mat engem Croquis vum Här Arnaud de Meyer. Dat ass en Architekt, deen huet déi Monumenter alleguerte gemoolt. Do ass all Detail festgehalen, den Titel, den Artist, d' Geolokalisatioun, op wéi enge Plaze se iwwerall stinn.

Dat Speziellt ass: Mir hunn dräi Weeër, dräi Circuiten am Fong, ausgesicht, déi ee ka maachen, fir da mat deem Buch hei eventuell ofzegoen an sech déi Saachen dann unzekucken.

Dat ass eng flott Saach. Déi Bicher sinn erhältlech am Ale Stadhaus fir e Präis vun 10 Euro.

Last but not least ass de Rapport d'activité, wat kulturell alles am Joer 2024 lass war.

2024 war ee besonnescht Joer, well lauter ronn Anniversairë waren: zéng Joer Aalt Stadhaus, 20 Joer Blues Express, fënnef Joer L'Essentiel du Rire. A mir hunn och dat Joer La(rt) Sauvage ugefaangen, wou mer elo nächsten Donneschdeg, mengen ech, och eng Editioun wäerte starte fir dëse Summer.

Dir gesitt, unhand vun de Chifferen, dass mer ganz vill Produktiounen haten, insgesamt 131. Dat sinn der 13 méi wéi dat Joer virdrun, déi national an international waren. Do hu mer, an den nationalen, eng Steigerung virzeweisen. Déi Produktiounen, déi am meeschte besicht waren, waren Comedie a Concerten natierlech. An awer och de Jeune public an d'Expoen.

Dir gesitt och, dass mer eng Hausse hate vun de Visiteure vu 14,76 %. Mir si mëttlerweil bei bal 12.500 Leit. Dat heescht, och d'Fréquentation moyenne vun de Manifestatioune geet erop. Mir hunn ee ganze Koup Zuhörer a Specta-

teuren, déi mer hei kënne verbuchen, haaptsächlech an eise Produktioune vun der Comedie, Expoen a jeune public.

An der Billetterie, do si bal 40 % zum Volltariff bezuelt ginn, a 14,5 % ware fir de Jeune public reservéiert.

Dir wësst och, dass mer ee Kulturpass hei hunn, wou ee ka fir en Tarif symbolique vun 1,5 Euro sech ee Spektakel ukucke goen. 6.500 Leit sinn op Produktioune komm, wou den Entrée fräi war. Dat ware meeschtens Expoen a Lundi-littérairen, awer och Schoulklassen, déi verschidde Spektakelen, déi mer fir si organiséiert haten, besicht hunn.

Den Taux d'occupation général läit bei 81,4 %. Wat ganz éierbar ass, géif ech soen, a wou ee kann drop opbauen.

Ganz hannen ass eng Géintiwwerstellung vun den Depensen an de Recetten. Dat heescht: Depensen: 2,5 Milliounen a Recetten: 400.000 Euro.

Ze erwänen ass, dass mer d'lescht Joer 16.000 Euro méi Subsid krute wéi déi Jore virdrun. Wat mer natierlech begréissen.

Dir hutt déi ganz Detailer hei an där Broschür, déi ech Iech ausgedeelt hunn. Et ass eng flott Broschür. Ech wëll all deene Leit, déi déi Broschür ausgeschafft hunn, villmools Merci soen, aus dem Service culturel, well et ass vill Aarbecht, dat alles zesummenzebréngen, mat Fotoen ze illustréieren.

Merci nach eng Kéier alle Mataarbechter aus dem Service culturel fir dee flotte Rapport, dee mer hei virleien hunn an deen natierlech och un de Ministère geet, fir hinnen och ze weisen, dass wierklech um kulturelle Plang, hei zu Déifferdeng eppes geschitt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. D'Wuert geet weider un den Här Wagner. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, schéine gudde Moie vu menger Säit un eis Nolauschterer dobaussen. Am leschte Gemengerot, am Punkt iwwer d'Schoulorganisatioun, hat ech Iech matgedeelt, dass mer um Campus Fousbann mat engem Pilotprojet amgaange wären, wou et ëm Gewaltpreventioun geet.

De Kick-off war den 9. Juli 2024. A plus/minus ee Joer duerno hu mer d'Entwécklung vun eisem PLK-Team ofgeschloss, an d'Struktur ass operationell.

Wat heescht déi Ofkierzung PLK-Team? Dat steet fir Preventiouns-, Léisungs- a Krisenteam.

D'Visioun ass, de Projet Fousbann als Modell ze developpéieren, deen op déi aner Campussen dann och kann iwwerdroe ginn.

D'Zil war an ass et, ee séchere Campus, gemeinsam, also Schoul a Maison relais, ze entwéckelen, mat klore Strukturen a Reegelen, déi fir all Acteur liicht verständlech an novollzéibar sinn. Dat soll de Kanner an deem ganze Personal vun der formaler an non-formaler Bildung eng Sécherheet ginn.

Et goufe gemeinsam Reegelen opgestallt, déi den Alldag an der Maison relais a Schoul betreffen, wéi och déi gemeinsam Iwwergäng.

Am Zentrum heivunner steet d'Preventioun vu Konflikter, Feelverhale bis Gewalt. Fir domadder dat respektvollt an empathescht Zesummeliewen ze stäerken.

Opgebaut ass et op dräi Wäerter: Respekt, Uechtsamkeet an Disziplin, déi ontrennbar matenee verbonne sinn, an een Ëmfeld schafen, an deem Vertrauen a Verantwortung kënne wuessen. Si ënnerstëtzen d'emotional an d'sozial Entwécklung vun de Kanner, andeems si ee respektvollen Austausch vu Meenungen a Gefiller erméiglechen. D'Fäegkeet zur Selbstreflexioun an Opmierksamkeet förderen an de Kanner hëllefe Verantwortung fir hiert eegent Verhalen ze iwwerhuelen.

*à l'occasion du symposium de sculptures. Cette publication recense toutes les œuvres d'art disséminées sur le territoire communal, illustrées par des croquis de l'architecte Arnaud de Meyer. Chaque monument y est détaillé avec son titre, son artiste et sa géolocalisation. Trois circuits sont proposés pour découvrir ces œuvres. La brochure est disponible à l'ancien hôtel de ville au prix de dix euros.*
*Enfin, il présente le rapport d'activité culturelle 2024, année particulière marquée par plusieurs anniversaires ronds : dix ans de l'Aalt Stadhaus, vingt ans du Blues Express, cinq ans de L'essentiel du rire et le lancement de La(rt) Sauvage. Les chiffres témoignent de 131 productions, soit 13 de plus que l'année précédente, nationales et internationales. La fréquentation connait une hausse de 14,76 % avec près de 12 500 visiteurs. Les comédies et concerts restent les plus populaires, suivis du jeune public et des expositions. Le taux d'occupation général atteint 81,4 %, un résultat très honorable.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *présente le projet pilote de prévention de la violence au campus Fousbann. Lancé le 9 juillet 2024, ce projet a abouti à la création d'une équipe PLK (prévention, solution et crise) désormais opérationnelle. L'objectif est de développer un campus sécurisé avec des structures et règles claires pour tous les acteurs de l'éducation formelle et non formelle.*
*Thierry Wagner évoque divers outils et méthodes pédagogiques utilisés dans les écoles, notamment une carte « feux tricolores » en classe et un baromètre des émotions dans l'école, ainsi qu'à la maison relais. Il explique que l'objectif de ces méthodes est de donner à l'enfant la possibilité de réfléchir à son comportement et à ses sentiments, et d'établir un lien entre son comportement et les conséquences qui en découlent. Ce dispositif vise à créer un cadre commun, transparent et uniforme pour les enfants, le personnel et les parents. Il annonce qu'il enverra une présentation détaillée avec toutes les informations complémentaires.*

*Thierry Wagner précise que les prochaines étapes consistent à informer le personnel enseignant et le personnel éducatif de la maison relais, puis les parents pour la rentrée 2025-2026. Le projet de l'équipe PLK au Fousbann peut ainsi démarrer en phase de test, avec l'objectif de l'étendre à tous les campus de la commune.*
*Il remercie tous ceux qui ont participé au projet : messieurs Feller et Engel pour l'accompagnement technique, les personnes du service scolaire et SEA, les représentants de la direction, et surtout le personnel de terrain du Fousbann, qui a donné vie au projet.*
*Il profite de l'occasion pour souhaiter de bonnes vacances à tout le personnel scolaire et une période estivale plus calme aux éducateurs. Il rappelle également que les vacances loisirs ont été élargies, débutant le 21 juillet et se terminant le 1er aout.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *annonce une invitation importante : l'association HUT — Hëllef um Terrain, avec son équipe du foyer Karro et d'autres partenaires sociaux, comme le CollecDiff, les structures pour réfugiés et le département du vivre-ensemble de la commune, organise le vendredi 26 septembre à partir de 15 h la première édition de Gerlache en fête. Le parc se transformera en une fête de quartier pleine de joie, d'activités et de bonne ambiance, où tout le monde est bienvenu.*
*Des activités pour tous les âges sont prévues : châteaux gonflables, ateliers créatifs, spectacles et délices culinaires permettront aux habitants de faire la fête ensemble dans une atmosphère détendue et de mieux se connaitre. L'entrée est gratuite. Il invite chacun à venir avec famille et amis pour passer un merveilleux après-midi ensemble.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *commence par présenter deux évènements récents. Le 21 juin, une visite du jardin communautaire d'Esch a été organisée avec des personnes intéressées pour analyser comment implémenter un projet similaire au centre de Differdange. Les services examinent actuellement la faisabi-*

Des Weidere gëtt et nach aner Outilen a Methode wéi eng Ampelkaart an der Klass, ee Gefillsbarometer an der Schoul ewéi och an der Maison relais.

De But vun all dëse Methoden ass et, dem Kand eng Méiglechkeet ze ginn, säi Verhale respektiv seng Gefiller ze reflektéieren an, zum Beispill, bei engem Verhalen och deementspriechend Konsequenzen dovunner a Bezéiung zu sengem Verhalen ze bréngen.

Dat soll fir d'Kanner, fir d'Personal a fir d'Elteren ee gemeinsamen transparenten an eenheetleche Kader duerstellen.

Ech schécken Iech nach weider Detailer zou an enger Presentatioun. Dann hutt Der all Info och dozou.

Nächst Schrëtt sinn oder wären eng Informatioun un d'Léierpersonal respektiv d'edukatiivt Personal aus der Maison relais. A fir d'Rentrée 2025/2026 dann och un d'Elteren. Esou kann de Projet PLK-Team um Fousbann elo als Testphas ulafen, mam Zil, wéi gesot, et op all eis Campussen ze deklinéieren.

Ech wëll all de Leit Merci soen, déi um Projet bedeelegt waren. Dat wären déi Häre Feller an Engel, déi eis fachlech Begleedung waren, d'Leit aus dem Service scolaire an SEA, d'Vertrieder vun der Direktioun, mee virun allem de Leit um Terrain, déi um Fousbann schaffen, an déi de Projet mat Liewe gefëllt hunn.

Ech wéilt och vun der Geleeënheet profitéieren, alle Leit aus de Schoulen eng schéi Vakanz an eisen Educateuren eng méi roueg Summerzäit ze wënschen. Plus wëll ech och drop hiweisen, dass de Vacances loisirs nees eng méi ëmfangräich Nues kritt huet. Do ass de Start den 21. Juli an den Ofschloss den 1. August.

Merci gesot.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner, fir dës Erklärungen. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Matbierger a Vertrieder vun der Press, gudde Moien.

Ech hunn haut eng flott Invitatioun fir Iech matzedeelen. An zwar organiséiert HUT – Hëllef um Terrain Asbl, hir Ekipp aus dem Foyer Karro, mat weidere soziale Partner wéi dem Collec' Diff, also eise Streetworker, de Flüchtlingsstrukturen an dem Service Vivre-ensemble vun der Gemeng e Freideg, de 26. September ab 15:00 Auer déi éischt Editioun vum Fest Gerlache en fête.

Hei verwandelt sech de Park an eng flott Quartiersfeier, voller Freed, Aktivitéiten a gudder Stëmmung. Wou jidderee wëllkomm ass, ob grouss oder kleng. Fir all Alter ass eppes dobäi: Sprangschlässer, kreativ Atelieren, Spektakelen, kulinaresch Genësslechkeeten. Hei kënnen d'Awunner an enger entspaanter Ambiance zesumme feieren a sech besser kenneléieren.

D'Entrée ass gratis. Mir freeën eis drop, Iech am Park Gerlache begréissen ze dierfen. Bréngt Är Frënn, Famill a virun allem gutt Laun mat a loosst eis zesummen ee wonnerbaren Nomëtteg verbréngen.

Wéi gesot, no der Rentrée, e Freideg de 26. September ab 15.00 Auer. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. D'Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif Nolauschterer alleguerten, fir d'éischt géif ech ufänke mat zwee Eventer, déi mer elo deslescht haten an Iech e bëssen erzielen, wéi hei den Oflaf war oder wéi den Erfolleg war.

Den 21. Juni ware mer op eng Visitt an de Jardin communautaire zu Esch. Dëse Projet gouf zesumme mat den interesséierte Leit besicht a gouf zesummen e bëssen analyséiert, wéi een dëst kéint bei eis zu Déifferdeng am Zen-

trum eventuell ëmsetzen. Eis Servicer analyséieren och aktuell d'Faisabilitéit, zesumme mat de Bierger an awer och zesumme mat eisem Conseil alimentaire.

Am August wäerte mer een éischte Bilan zéien an Iech deen hoffentlech nach dëst Joer kënnen hei am Gemengerot presentéieren.

Leschte Weekend, de 5. Juli, war d'Bat Night. Bat Night ass e flotte Familljenevent, wou sech alles ronderëm d'Fliedermais dréit. Et gouf eng flott Begehung gemaach mat Ultraschalldetektoren, fir d'Déieren ze observéieren. Dat war ee ganz groussen Erfolleg. D'Kanner waren alleguerte staark begeeschtert.

Da wäerten am Juli weider zwee Eventer stattfannen, wou mer eis géife freeën, wann Der zahlreich komme géift mat Ärer Famill, mat Äre Frënn. An zwar hu mer, zesumme mat den TNT-Gemengen, de Sentier d'été organiséiert. Dat ass den 22. Juli ab 17:00 Auer. Start ass beim Gaart an Heem zu Nidderkuer. Eng flott Wanderung iwwer de Giele Botter.

De 27. Juli organiséiere mer ee Barbecue, zesumme mat der Food Sharing Asbl, zu Lasauvage op der Grillplaz. Hei dréit sech alles ëm d'Theema Rescued Food, sief dat aus de Butteker oder aus verschiddenen HoReCa-Betriber, déi hei eppes dobäi ginn.

De Fokus ass geriicht op Liewensmëttelverschwendung an awer och, fir eventuell deen een oder deen aneren neie Benevole fir dëst Theema ze motivéieren.

Dann nach zwou weider Kommunikatiounen. An zwar hu mer zënter e puer Wochen eis e bësse méi schlau gemaach punkto Harespelsberodung hei an der Gemeng, well mer ganz vill Demande krute vun eise Bierger. Deemno maache mer eng gréisser Sensibiliséierungsaarbecht a stellen dës ganz an de Vierdergrond. Mir maachen och elo verschidden Interventioune bei de Leit direkt, fir verschidden Näschter ze sécheren oder ze verréckelen, wann d'Leit net zesumme mat dësen Harespelen dann eebe kënnen esou liewen.

Do ass den Här Lukas Masura aus dem Service écologique aktuell ganz ganz aktiv. Et goufe schonn iwwer 20 Berodunge bei de Leit doheem. Mir si mat dësem Service féierend bei de Gemengen hei an der Ëmgéigend, well ganz wéineg Servicer esou eppes ubidden an d'Leit hei oft eleng gelooss ginn.

Dann nach eng flott Kommunikatioun zu eise Sharing Stations vu Sportsmaterial. Op dräi Plazen hei an der Gemeng hu mer esou Statiounen installéiere gelooss. Déi sinn un de Luuchtepottoe festgemaach, eng am Parc Gerlache, eng um AS-Terrain an eng beim Hall O, wou ee sech dann iwwer eng App Sportsmaterial ausléine kann. Zum Beispill Pingpongsracketten niewent engem Pingpongsterrain oder Petanquesbullen nieft dem Petanquesterrain.

Iwwer App kann een déi Këschten opmaachen, ka sech eppes ausléinen an erëm draleeën. Dat ass natierlech och esou ofgeséchert, datt wann een et net méi zréckbréngt oder et futti ass, dass een natierlech dann erausfënnt, wien et sech geholl huet, opgrond vun dëser App, déi dann eeben do sur place ass.

Dëst ass ee ganz wichtege Punkt am Hibléck op d'Économie circulaire an am Kader vun NetZeroCities. An natierlech och fir eng méi inklusiv Sportoffer an eise Parken, wäert dëst eng grouss Valorisatioun si vu verschiddene Plazen.

Dat wär et vu menger Säit. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi interessant Informatiounen. Ier mer op de Punkt 2 iwwerginn, wollt ech de Kolleege vun deene Gréngen, der DP an deene Lénke confirméieren, dass mer hir schrëftlech Motioun kritt hunn, an dass mer déi géifen, wann dat an der Rei fir Iech wier, als Punkt 14 op den Ordre du jour bäisetzen, da kéinte mer se do am Detail presentéiert kréien an och dann diskutéieren. Wann dat fir Iech an der Rei wier, géife mer se do bäisetzen.

Da kéime mer zum Punkt 2, eise kommunale Projeten. Punkt 2a) ass d'Mise en place vum System Visupol, den

*lité avec les citoyens et le conseil alimentaire. Un premier bilan sera dressé en aout et présenté au conseil communal cette année.*
*Le 5 juillet a eu lieu la Nuit des chauvesouris, un évènement familial avec observation des animaux grâce à des détecteurs ultrasoniques, qui a connu un grand succès auprès des enfants enthousiastes.*
*Deux évènements sont prévus en juillet : le Sentier d'été le 22 juillet à 17 h, et un barbecue le 27 juillet à Lasauvage avec l'association Foodsharing sur le thème du gaspillage alimentaire.*
*Zenia Charlé annonce également que la commune a développé un service de conseil sur les frelons à la suite de nombreuses demandes. Une sensibilisation importante est menée avec des interventions directes chez les habitants pour sécuriser ou déplacer des nids. Plus de vingt consultations ont déjà été effectuées.*
*Enfin, elle présente les stations de partage de matériel sportif installées dans trois endroits de la commune, accessibles par une application mobile, permettant d'emprunter des raquettes de tennis de table ou des boules de pétanque, dans le cadre de l'économie circulaire et du projet NetZeroCities.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme la réception d'une motion écrite des groupes déi gréng, DP et déi Lénk, proposant de l'ajouter comme point 14 à l'ordre du jour pour une discussion détaillée.*
*Guy Altmeisch présente le point concernant la mise en place du système Visupol, un dispositif de vidéosurveillance policière. Il explique que, à la suite des expériences réussies de la Ville de Luxembourg avec ce système, la commune de Differdange s'est intensivement penchée sur cette thématique au cours des deux dernières années.*

*Après de nombreuses discussions avec des experts, des réunions avec la direction et la police locale, ainsi qu'avec les représentants des services communaux et étatiques compétents, et après avoir obtenu l'autorisation ministérielle nécessaire, des étapes concrètes peuvent maintenant être entreprises.*
*Il précise que la surveillance par caméras planifiée vise non seulement à améliorer la sécurité objective, mais surtout à renforcer le sentiment de sécurité perceptible des habitants dans le centre-ville, aux alentours du parc et dans les rues d'accès importantes. Par cette démarche, la commune espère obtenir une augmentation substantielle de la qualité de vie dans les quartiers concernés, comme cela a déjà été mis en œuvre avec succès dans d'autres villes.*
*Il conclut en indiquant que les préparations sont terminées et que l'installation du système démarre avec ce vote, dans l'espoir que les premières images puissent être transmises avant la fin de l'année.*

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *prend la parole en exprimant que son parti attend ces caméras depuis très longtemps et salue cette initiative. Cependant, il critique vivement le manque de documentation fournie au conseil communal pour se préparer et informer leurs comités. Il déplore qu'ils n'aient reçu qu'une simple page A4 avec uniquement un total de 450 000 €, sans détails supplémentaires, sans informations sur le fonctionnement, sans plan indiquant les emplacements. Il qualifie cette approche de peu sérieuse et affirme que s'il ne s'agissait pas d'un sujet aussi important, ils refuseraient de voter.*
*Il rappelle que la présence de la police, des agents municipaux et des travailleurs de rue a été intensifiée dans les zones problématiques, mais que, malheureusement, on se sent encore en insécurité dans le centre de Differdange. Il insiste sur la nécessité de poursuivre cette présence pour donner un meilleur sentiment de sécurité aux citoyens. Il considère les caméras comme une étape supplémentaire dans cette direction, dont le centre-ville ne peut que profiter, tout en respectant*

Devis, dee mer Iech haut presentéieren. Ech géif Iech e klengen Detail ginn zu der Situatioun, vum Ist-Zoustand an zu deem, wat am Virfeld gelaf ass.

Opgrond vun deenen erfollegräichen Erfarunge vun der Stad Lëtzebuerg mam Visupol-System, der geziilter Kameraiwwerwaachung vun der Police, huet sech och d'Gemeng Déifferdeng déi lescht zwee Joer intensiv mat dëser Thematik befaasst.

No ville Gespréicher mat Fachleit, eenzele Reunioune mat der Direktioun an der lokaler Police, mat Vertrieder aus den zoustännege kommunalen a staatleche Servicer, an no der néideger ministerieller Autorisatioun, konnte konkreet Schrëtt an d'Weeër geleet ginn.

Déi geplangte Kameraiwwerwaachung ziilt net just op eng verbessert objektiv Sécherheet, mee virun allem op eng wouerneembar Stäerkung vum Sécherheetsgefill bei den Awunner am Stadzentrum, am Ëmfeld vum Park an de wichtegen Zougangsstroossen.

Duerch dëse Schratt erhoffe mir eis eng substanziell Erhéijung vun der Liewensqualitéit an de betraffene Quartieren, wéi et an deenen anere Stied scho mat Erfolleg ëmgesat gouf.

D'Preparatioune sinn ofgeschloss. D'Installatioun vum System gëtt mat dësem Vott gestart. An der Hoffnung, dass viru Joresofschloss déi éischt Biller kënnen iwwerdroe ginn, wier ech frou, wann Der dëse Projet géift matdroen.

Dat wier et vu menger Säit. Wuertmeldungen? Den Här Meisch, wannechgelift.

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Schéine gudde Moien. Mir waarde jo scho länger Zäit op déi Kameraen, ganz laang! Elo ass et dann endlech souwäit. Wat mer natierlech begréissen, vun eiser Säit aus.

Wat mer awer bemängelen ass, wéi och bei villen anere Punkten um Ordre du jour, dass mer kaum Dokumenter zur Verfügung gestallt kréien, fir eis als Gemengerot ze preparéieren, respektiv fir eise Kommitee ze informéieren.

Als Devis einfach eng Säit DIN A4, eng Fatz, wou einfach ënnen en Total vu 450.000 Euro steet, ouni weider Detailer an null Informatiounen zum Fonctionnement, kee Plang wou wat hikënnt – einfach näischt. Dat ass am Fong net seriö. A wann et net esou wichteg fir eis wär, da géife mer refuséiere matofzestëmmen.

D'Presenz vun der Police, eisen Agents municipaux a vun de Streetworker gouf jo noweislech intensivéiert op de Plazen, wou et ëfters méi héich hiergeet. Leider fillt ee sech am Déifferdenger Zentrum nach ëmmer onsécher.

Déi Presenz sollt natierlech weidergefouert ginn, virun allem fir eis Bierger, fir eise Bierger et bessert Sécherheetsgefill ze vermëttelen. Mat de Kameraen ass et een nächste Schratt an déi Richtung.

Eise Stadkär kann och just dovunner profitéieren.

Dat Ganzt natierlech am Respekt vun der Protection de la vie privée oder der Protection des données. Ganz strikt Restriktiounen a Prozedure sinn do ze befollegen. Dat wësse mer.

Aner Plazen an der Gemeng däerfe mer awer och net vum Radar verléieren. Ech denken un d'Place des Alliés, d'Place Jéhan Steichen, hei niewendrun, oder anerer.

Nichtsdestotrotz huele mir deen Devis hei gäre mat un. A mir hoffen, datt et schnell ka lassgoen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Aguiar.

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moie vu menger Säit, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot. Merci pour les explications. Comme Monsieur Meisch disait, enfin le devis attendu est devant nous.

Nous saluons l'ensemble du parcours qui était réalisé pour arriver à cette étape-là.

Je pense que nous pouvons toutes et tous être d'accord, ce fut un processus long, mais nécessaire, car il nous a permis d'explorer d'autres pistes, de tester d'autres solutions humaines, sociales et techniques et de poser des bases sur un plan local de sécurité réfléchi.

Effectivement, c'est un devis d'environ 450 000 € pour la mise en place d'un système dans une zone avec environ 48 caméras, si je ne me trompe pas.

Il est donc normal et même nécessaire de faire le point sur l'opportunité de ce projet, aujourd'hui, à la lumière de l'évolution de la situation locale.

Car depuis cette décision politique, de nombreuses mesures ont été mises en œuvre dans notre ville pour renforcer la sécurité de manière durable et humaine : le Plan local de sécurité a été adopté, des patrouilles pédestres de la police grand-ducale ont été instaurées dans les quartiers concernés, l'éclairage public a été renforcé dans les zones sensibles et les streetworkers et les éducateurs de rues sont mobilisés au quotidien.

Et depuis mai 2025, Differdange est intégrée dans un dispositif national de la Police locale, qui repose sur la présence, la prévention et la proximité. Et là, je reviens, Monsieur le Bourgmestre, sur la question communale du 7 mai, où nous en sommes par rapport au comité d'évaluation. Qu'est-ce qu'il dit ? Quel est le retour de toutes ces mesures ?

Ces mesures sont visibles sur le terrain et ont un impact positif. D'ailleurs, quand j'ai interrogé monsieur le bourgmestre sur la situation sécuritaire, il m'a répondu que la sécurité s'est améliorée à Differdange. Cette affirmation a été reprise dans la presse.

Or, à ce jour, nous n'avons aucune donnée concrète pour le confirmer. Et là, je veux insister et poser des questions éthiques et morales. Et je pense qu'il est dans notre devoir de disposer des données actualisées, précises et localisées. Quelles sont les infractions constatées entre 2022 et 2024 ? Dans le dossier, nous avons des statistiques criminelles qui datent d'entre 2020 et 2022. Quelles sont les tendances ? Quel est le ressentiment des habitants ? Avons-nous besoin de tout ce matériel actuellement ?

Tout ça pour vous dire qu'on ne peut pas se contenter d'une impression générale. Nous devons fonder nos décisions sur des faits. Et effectivement, on doit également penser que toutes ces caméras sont une forte atteinte à la vie privée, tel qu'il est écrit dans le cadre du dossier.

Il est aussi important de rappeler que les différentes commissions, qui ont donné leurs avis, posent également différentes questions. Et là, il faut également pouvoir y répondre.

Je redis clairement : on n'est pas opposé à plus de sécurité ni même à l'usage réfléchi de la technologie. Mais on doit être prudent.

Pour terminer, nous soutenons ce devis, car on reste fidèle à nos engagements. Mais encore une fois : nous devons nous positionner, sans avoir des informations récentes. Ce qui est problématique pour nous pour avoir un débat sérieux. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Leit alleguer, léif Nolauschterer, d'Videoiwwerwaachung am Kader vun der preventiver Sécherheet vun de Leit, an dat spezifesch op festgeluechte Plazen, an der Haaptsaach ronderëm dem Park, war säit jeehier eng Fuerderung vun der LSAP an ass zesumme mam Koalitiounspartner festgehale ginn a gëtt elo ëmgesat.

Ech well eng Kéier soen, wann haut gesot gëtt, dat géif alles ze laang daueren an der Ëmsetzung, da muss ech awer virausschécken, dass et och laang gedauert huet, ier iwwerhaapt e valabelt Konzept virgestallt ginn ass. An et gouf och net ëmmer déi Eenegkeet am Ge-

*strictement la protection de la vie privée et des données.*
*Il rappelle qu'il ne faut pas négliger d'autres endroits de la commune, comme la place des Alliés ou la place Jehan-Steichen.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *salue l'ensemble du parcours réalisé pour arriver à ce point. Il reconnait que ce fut un processus long, mais nécessaire, permettant d'explorer d'autres pistes et de tester d'autres solutions humaines, sociales et techniques.*
*Il souligne qu'il s'agit d'un devis d'environ 450 000 € pour installer environ 48 caméras. Il estime nécessaire de faire le point sur l'opportunité de ce projet à la lumière de l'évolution de la situation locale, rappelant les nombreuses mesures déjà mises en place : plan local de sécurité, patrouilles pédestres, éclairage public renforcé, mobilisation quotidienne des travailleurs de rue et éducateurs.*
*Il s'interroge sur le manque de données concrètes actualisées pour évaluer l'impact de ces mesures et souligne l'importance de baser les décisions sur des faits. Il rappelle que les caméras constituent une atteinte forte à la vie privée et conclut en soutenant le devis par fidélité aux engagements pris, tout en regrettant le manque d'informations récentes pour un débat sérieux.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *confirme que la vidéosurveillance dans le cadre de la sécurité préventive des personnes, spécifiquement dans des lieux définis, principalement autour du parc, était depuis toujours une revendication du LSAP, inscrite avec le partenaire de coalition et maintenant mise en œuvre.*
*Erny Muller souligne que, si certains estiment aujourd'hui que la mise en œuvre prend trop de temps, il rappelle qu'il a fallu longtemps avant qu'un concept valable soit présenté. Il note que l'unité actuelle au sein du conseil communal, où tous les partis et fractions soutiennent cette initiative de manière transpartisane, n'a pas toujours existé.*
*Le conseil vote aujourd'hui un montant total de 450 000 €, principalement destiné cette fois au sys-*

*tème Visupol et à l'installation des caméras. Ce projet repose sur l'analyse qui a été effectuée et sur le schéma établissant précisément les emplacements où les caméras doivent être installées. Il précise que le concept complet a été voté par le conseil communal et qu'il est exécuté exactement comme prévu, sans rien de nouveau.*
*Erny Muller reconnait que le devis reste assez général, comme c'est souvent le cas pour obtenir le montant nécessaire. Il regrette que le nombre précis de caméras ne soit pas indiqué dans le document, alors que 172 000 € sont prévus pour leur achat. Il s'interroge sur la gestion de projet de 40 000 € mentionné, demandant s'il s'agit d'une personne ou d'un bureau, et quelles sont exactement les missions de ce gestionnaire de projet. Il note qu'un montant de 15 000 € est prévu pour une étude par LuxConnect.*
*Pour conclure, il affirme que le LSAP soutient pleinement ce projet, qui constitue une mesure principale pour renforcer le sentiment de sécurité des citoyens dans le centre-ville, aux côtés d'autres mesures déjà prises, comme l'amélioration de l'éclairage. Le LSAP place de grands espoirs dans ce concept pour améliorer la sécurité des habitants.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *intervient en rappelant l'historique du projet. Le conseil communal précédent avait déjà planifié ces caméras sans parvenir à les installer. Il ne comprend pas la position de monsieur Aguiar, qui, après avoir réclamé les caméras précédemment, les remet maintenant en question en évoquant des problèmes d'atteinte à la vie privée. Guy Tempels affirme n'avoir aucun problème à être filmé en se promenant à Differdange, rappelant que les enregistrements sont effacés après un certain temps et ne sont pas rendus publics.*
*Il souligne que sur les réseaux sociaux, de nombreuses personnes, surtout des personnes âgées, expriment leur insécurité autour du parc le soir. Il considère donc comme important que des caméras soient installées autour du parc, à*

mengerot, esou wéi se elo momentan ass, wou all Fraktioun, all Partei, parteiiwwergräifend hanner där Initiativ hei steet.

Mir stëmmen haut e gesamte Montant vu 450.000 Euro, an der Haaptsaach, dës Kéier, fir de System Visupol an d'Installatioun vun de Kameraen.

Dee ganze Projet berout jo op där Analys, déi gemaach gi war, an och op deem Schema, wëll ech emol soen, wou festgeluecht ginn ass, ganz prezis, op wat fir enge Plazen déi Kamerae komme sollen.

Et hätt ee vläicht haut dat nach eng Kéier kënnen dobäi leeën an den Dossier, zur Erënnerung, mee dat ganzt Konzept ass hei am Gemengerot gestëmmt ginn. An ech mengen, et gëtt genau esou exekutéiert. Do ass näischt Neits dran. An dat ass och, wéi gesot, d'Konzept.

Natierlech kann een elo soen, den Devis ass e bëssen allgemeng gehalen, wéi dat oft ass bei engem Devis, well mer jo do kucken, fir de Montant ze kréien. D'prezis Zuel vun de Kameraen hätt kënnen do dra sinn, mengen ech. Vläicht kréie mer do nach eng Informatioun, wéi vill et der genee sinn. Ech konnt dat och elo net direkt feststellen, wéi vill Kameraen elo hei an deem Montant virgesi sinn, fir déi 172.000 Euro. Wat de Käschtepunkt ass vun de Kameraen. D'Zuel vun de Kamerae steet net do.

Mir hätten nach eng Fro. Dir hutt geschwat vun engem Project management, 40.000 Euro. Wéi ass dat geduecht? Geet dat iwwer eng Persoun, iwwer e Büro oder wat ass dee Project Manager do? Wat ass deem seng Aufgab genee? A wéi gëtt dat ofgewéckelt? Well an deem gesamte Montant hu mer jo och nach eng Kéier ee Chiffer vu 15.000 Euro fir LuxConnect fir d'Etüden.

Mir begréissen dat do wierklech als LSAP, well dat jo eng Haaptmesure ass, déi mer op de Leescht geholl hunn, fir, wat den Här Buergermeeschter och scho gesot huet, d'Sécherheetsgefill vun de Biergerinnen an de Bierger ze verstäerken an eisem Zentrum. Nieft anere Mesuren, déi och scho gemaach gi sinn, dat ass hei erwäänt ginn: Verbesserung vun der Beliichtung an allgemeng Verbesserungen am Kader vun der Sécherheet.

An hei, wéi gesot, ass elo dat grousst Konzept uewendrop, wou mer grouss Hoffnungen drop hunn, dass mer dann um richtege Wee si fir d'Sécherheet vun eise Leit. Op jidde Fall d'LSAP stëmmt dëse Projet mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen, ech ginn elo net weider op de Budget oder de Präis an, wat dat do eis wäert kaschten. Ech ginn e bëssen op den Historique an.

De virege Gemengerot hat dat do schonn um Plang. Mir hunn et net fäerdegbruecht, sengerzäit, déi Kameraen hinzekréien. Hei komme se.

Ech kann den Här Aguiar elo net ganz verstoen. Déi Kéiere virdrun – dat ass nach net esou laang hier –, do hu se gefrot, wéini kommen d'Kameraen? Wou bleiwe se? Elo hannerfreet e se erëm. Elo op eemol gesäit en awer erëm ee Probleem do mat de Kameraen, mat Aschränkung, mat Agrëff a säi Liewen oder dass een do gefilmt gëtt.

Ech mengen, wann ech zu Déifferdeng spadséiere ginn, hunn ech kee Probleem, wann ee mech filmt. Dat do gëtt no enger Zäit geläscht. Et kënnt net un d'Ëffentlechkeet. Ech kann de Probleem elo net ganz verstoen.

An de Sozial Medie schreiwe vill Leit, dass owes ronderëm de Park kee gären dohinner geet. Oder si sinn net sécher do, zemools eeler Leit. An ech mengen, et ass wichteg, dass elo op dës Plazen, ronderëm de Park, lénks a riets, déi Kameraen do kommen. An dofir wäerte mir dëse Projet mat Jo stëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, léif Press, léif Bierger, déi nolauschteren, dësen Dossier ass, en effet, jo scho méi al an deementspriechend och finanziell méi al. Hei soll elo en Devis gestëmmt gi vu 450.000 Euro – déi zousätzlech kommen zu deene Moyenen, déi mer schonn investéiert hunn. Wa mer all d'Moyenen zesummerechnen, déi bis elo an d'Kameraiwwerwaachung gestach gi sinn, ouni dass et d'Kameraiwwerwaachung gëtt, si mer bei iwwer enger Millioun respektiv 1.100.000 Euro.

Wéi vill Léisungen een zousätzlech an anere Beräicher hätt kënnen en place setzen, am urbanisteschen oder am soziale Beräich, fir dee Budget, iwwerloossen ech Ärer Aschätzung.

D'lokal Police ass entretemps eng nei Mesure, déi komm ass a fir déi mir eis och agesat hunn, am Sënn vun, dass se déi privat Sécherheetsfirmen ersetzen, déi sengerzäit engagéiert gi sinn. Déi mer kritiséiert hunn a gesot hunn: Wann do patrulléiert gëtt, da mussen dat assermentéiert Beamte sinn an dat muss vun ëffentlecher Hand sinn. An deem Sënn begréisse mer, dass déi Léisung, als eng vu ville Léisungen, en place gesat ginn ass. A bestëmmt hir Effeten huet.

Déi Froen, déi den Här Aguiar gestallt huet, fannen ech ganz berechtegt, fir ze froen: Wat ass dann elo d'Situatioun, wéi eng Chifferen hu mer dann elo iwwer d'Situatioun? Sécherlech geet et, menger Meenung no, net duer, d'Analys ze maachen, wat eenzelner vun eis op Social Media oder an hirem Entourage esou gesot kréien. Jidderee weess, dass Social Media verschiddenen Algorithmen ënnerworf ass. Et weess jiddereen, dass dat ëmmer just eng Bulle ass, vun där een Informatioune kritt.

An ech mengen, et misst eis och alleguerte bewosst sinn, dass Sécherheet en Theema ass, ganz vill vu subjektivem Gefill. An eng Millioun Euro auszegi fir subjektiv Gefiller, ouni Chifferen ze hunn, respektiv ouni aktualiséiert Chifferen ze hunn, fannen ech dann awer, en effet, ganz problematesch.

Well mer eeben hei och net vun iergendeppes schwätzen – mir schwätzen hei vu Grondrechter. Privatsphär ass ee Grondrecht. An och wann Dir, Här Tempels, kee Probleem dermat hutt, gefilmt ze ginn, wann Der duerch Déifferdeng spadséiert – Dir gitt jo och am Moment gefilmt, Dir sidd eng Persoun vum ëffentleche Liewen, dann ass dat Äert gutt Recht, domadder kee Probleem ze hunn.

Dat heescht awer net, dass all Bierger sech dobäi wuelfillt. An dat heescht och, wann et do international Konventioune gëtt iwwer Grondrechter an iwwer Privatsphär, mengen ech, huet dat awer een anere Stellewäert wéi eis perséinlech Appreciatioun, ob mer gäre gefilmt ginn oder net.

An deem Sënn, wëll ech och dem Här Muller soen, dass et keng Eestëmmegkeet gëtt an dësem Gemengerot. An déi ass et nach ni ginn an déi wäert et och net ginn, well déi Lénk sech ëmmer ganz kritesch ausgeschwat huet, wat d'Kameraiwwerwaachung ugeet. A mir hunn nach ni en faveur geschwat, a mir wäerten och ni en faveur stëmmen. Well dat, wat mer wëlle bewierken, net an deem Mooss mat deem ze dinn huet, wat mer hei asetzen a wat mer hei vun Agrëffer maachen.

Mir musse ganz genee kucken, ob mer d'Situatioun scho verbessert hunn, zum Beispill duerch eng ganz gewiichteg Mesure, an dat ass déi vun der lokaler Police, an da kann een eréischt kucken. Mee och dann ass nach ëmmer eng Kameraiwwerwaachung eng Mesure, déi ganz vill Nodeeler huet. Dat kann zur Verlagerung vun de Situatioune féieren. An ech mengen net, dass mer wëllen nach méi Milliounen ausginn, fir op eemol ganz Déifferdeng mat Kameraen ze iwwerwaachen. Well da misst ee scho wierklech eng Situatioun hunn, wou ee keng aner Léisunge méi hätt, dass ee misst zu esou enger Mesure gräifen, eiser Meenung no. Ech soen Iech Merci.

*gauche et à droite, et annonce que le CSV votera en faveur du projet.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *termine en rappelant l'ancienneté du dossier et son cout. Avec ce nouveau devis de 450 000 € s'ajoutant aux moyens déjà investis, le total dépasse 1,1 million d'euros pour la vidéosurveillance sans qu'elle soit encore opérationnelle. Il s'interroge sur les solutions de rechange qui auraient pu être mises en place dans les domaines urbanistique ou social avec ce budget.*
*Il salue la mise en place de la police locale comme solution de rechange aux sociétés de sécurité privées.*
*Gary Diderich estime légitimes les questions sur la situation actuelle et les chiffres disponibles, soulignant que la sécurité reste largement subjective. Dépenser un-million d'euros pour des sentiments subjectifs sans chiffres actualisés lui parait problématique, d'autant que cela touche aux droits fondamentaux, comme la vie privée.*
*Il remet en question l'unanimité évoquée par monsieur Muller, en soulignant que déi Lénk a toujours été fermement opposé à la vidéosurveillance. Il préconise d'évaluer d'abord l'efficacité de la police locale avant d'envisager des caméras, qui pourraient simplement déplacer les problèmes ailleurs.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *tient à clarifier un point important : le 4 juillet 2024, chaque représentant du conseil communal a reçu un dossier détaillé comprenant les plans, les emplacements des caméras, les autorisations de la Commission de protection des données, le nombre de caméras, le nombre d'infractions constatées et les raisons justifiant cette mise en'œuvre.*
*Le bourgmestre insiste sur le fait qu'on ne peut pas continuellement discuter sans agir. Il reconnait apprécier les discussions, mais affirme que les débats dans cette salle et sur la place publique n'apportent pas plus de sécurité aux citoyens. Ces discussions apportent certes des informations, qui ont déjà été fournies l'année dernière, mais la situation actuelle reste identique. Il estime qu'il faut cesser de discuter et passer à l'action.*
*Il explique que l'action proposée aujourd'hui, si le devis est voté, apportera un sentiment de sécurité aux citoyens. Les gens écoutent volontiers les discussions, mais il faut agir concrètement. Sans action, dans dix ans, le conseil sera toujours en train de débattre de l'installation ou de la suppression de caméras, ou sur leur hauteur dans les arbres. Les citoyens seront satisfaits de voir ce projet se réaliser et d'obtenir une meilleure qualité de vie dans un quartier supplémentaire sous surveillance.*
*Le bourgmestre rappelle que de nombreuses caméras surveillent déjà des espaces publics fermés, comme les aires de jeux et les cours d'école. Grâce à ces caméras, la commune a économisé entre 50 000 € et 60 000 € en dommages causés par le vandalisme. Les auteurs ont été identifiés et ont dû payer pour les dommages causés. Cette surveillance apporte une plus-value en ce qui concerne la sécurité dans les complexes scolaires. Les expériences étrangères, notamment dans les grandes villes et à Luxembourg-Ville, que les images des caméras seront surveillées en Ville par des agents assermentés, et que les données seront effacées après un certain temps. En cas d'incident criminel ou de délit, la police locale pourra intervenir directement.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nach eng Wuertmeldung? Soss géif ech Stellung bezéien zu deene Wuertmeldungen, déi mer bis elo haten.

Ech soen Iech fir d'éischt emol Merci fir déi Informatiounen. Ech wëll awer elo emol eppes ganz kloerstellen: De 4. Juli 2024 huet all Representant am Gemengerot en Detail kritt mat de Pläng, mat den Emplacementer, wou d'Kameraen hikommen. Mir bleiwe bei deene Pläng. Mer bleiwe bei der Autorisatioun vun der Dateschutzkommissioun. Mer schwätzen ëmmer iwwer dat selwecht.

Do louchen d'Pläng bäi, d'Emplacementer stoungen do, d'Autorisatioune louchen all bäi, d'Zuel vun de Kameraen, d'Zuel vun den Infraktiounen, d'Ursaach, firwat dat géif duerchgefouert ginn. Et war en Dossier, ech weess net wéi vill Säiten et waren, mir kënnen awer net permanent diskutéieren, diskutéieren… Ech diskutéiere ganz gär mat Iech – mee d'Diskussiounen hei am Raum an dobaussen op der Place publique, dat bréngt de Leit keng weider Sécherheet. Dat bréngt de Leit Informatiounen. Déi Informatiounen hu mer d'lescht Joer ginn. Den Ist-Zoustand ass dee selwechten. Mir mussen awer eng Kéier ophale mat diskutéieren an an d'Aktioun iwwergoen.

Déi Aktioun, déi mer elo maachen, wann Der déi stëmmt, deen Devis hei, dat bréngt de Leit ee Sécherheetsgefill. Diskussiounen lauschteren d'Leit gären no, sinn ech och ganz gäre bereet, mee mir mussen eng Kéier an d'Aktioun kommen. Wa mir ni aus de Startbléck kommen, da brauche mir eis net ze wonneren, wa mir nach an zéng Joer hei sëtzen an dann diskutéieren: Solle mer net eng Kamera weider maachen? Solle mer net erëm eng ofschafen? Solle mer se net nach an de Bam méi héich setzen?

Ma kommt, mir ginn an d'Aktioun. D'Leit si frou, wann dat hei realiséiert gëtt. An d'Leit si frou, fir ee bessert Liewensgefill ze kréien an engem Quartier, dee mer supplementar iwwerwaachen.

Mir iwwerwaache jo schonn, wou Der bemängelt hutt, et wieren nach aner Quartieren, déi missten iwwerwaacht gi mat de Kameraen. Mir hu schonn esou vill Kameraen op Plazen: Spillplazen, déi zougespaart sinn, Schoulhäff, déi zougespaart sinn, wou da keen Accès ass fir de Public. Wou mer festgestallt hunn, dank de Kameraen, datt mer 50.000, 60.000 Euro manner ausginn hu fir Vandalismus. Wou d'Täter ermëttelt gi sinn, wou Saache futti geschloe gi sinn an déi herno zur Keess gebiede gi sinn, fir dat ze bezuelen. Dat bréngt vill méi Sécherheet an deene Schoulkomplexer, an deenen Entouragë vun de Schoulen. Dat ass eng Plus-value.

An alleguer déi auslännesch Erfarunge mat de Kameraen, sief dat an de Grousssstied, sief dat an der Stad Lëtzebuerg, hu bewisen, dass d'Kriminalitéit op deene Lieuen, wou d'Kamerae sinn, zu 70 % zréckgeet.

Also ech soen, kommt, mir stëmmen deen Devis hei. An dann installéiere mer déi Kameraen, déi autoriséiert sinn, déi autoriséiert si vum Dateschutz, mat deene Moyenen, déi bestinn. Déi Kamerabiller, déi ginn iwwerwaacht. Dee grousse Avantage, dee mer hunn, déi ginn an der Stad iwwerwaacht vu vereedegte Beamten. A wann dat eng gewëssen Zäit enregistréiert ass, da ginn déi Donnéeën erëm geläscht.

Do hu mer d'Méiglechkeet, wann ee Fait geschitt, eng kriminell Situatioun entsteet, ee Verbrieche geschitt, oder ee Vergeeë geschitt, dass eis lokal Police direkt intervenéiere kann.

Wat ass d'Suite vun der Police locale? Ma d'Police locale – mir musse jo awer räsonabel bleiwen –, déi sinn en place vum 1. Mee un, dëst Joer! Dat sinn zwee Méint, wat fir eng Chifferen hätt Der gär vun deene Leit? Wéi vill Stonnen, dass déi Fousspatrulle gaange sinn?

Also ech mengen, et ass keen, deen heibanne sëtzt, deen net gesäit, wéi d'Police elo méi oft am Zentrum ënnerwee ass, méi oft op deene kruziale Plazen ass, wéi op eiser Gare, wou vill Leit sinn, wou Studente sinn. All Mënsch ass zefridden, just mir hätte gäre Chifferen, wat dann effektiv mat deene Leit geschitt, wéi vill Stonnen an esou virun. Ma kommt, mir sinn emol frou, dass se hei sinn.

Mir sinn déi drëtt Stad hei am Land, déi iwwerhaapt deen Avantage huet, fir eng lokal Police ze hunn. Ma da kommt, mir loosse se emol schaffen. Mer freeën eis op déi Biller, déi mer am Alldag gesinn. Méi eng staark Presenz vun der Police, Presenz vun den Autoen, Presenz op de Garen an iwwerall do, wou et erfuerdert ass: bei eise Studenten, bei eise Leit, an eisem Park – ma dat ass jo eng Plus-value.

An eppes soen ech Iech nach: Sécherheet léisst sech net a Chifferen ausdrécken a léisst sech och net a Prozenter ausdrécken. D'Sécherheetsgefill, d'Sécherheet, dat ass eppes, wat d'Leit Der am Alldag zielen a wat d'Leit der soen.

Mer brauchen nëmmen d'Biller ze kucke vum leschte Weekend, wéi se an der Wierksstrooss do unenee gerode sinn a wéi déi Kläppereien do waren. Dat si Situatiounen, déi entstinn net méi. Oder wa se entstinn, da kann d'Police sur place intervenéieren an do de Leit hëllefen, déi dee Moment Hëllef brauchen.

Dofir ass dat fir mech eng grouss Plus-value, wat d'Sécherheet ubelaangt. An dofir wär ech frou, wann Der dee Projet hei géift matstëmmen.

Dat ware meng Erklärungen. Wann Der nach Wuertmeldungen hutt oder Froen, da sinn ech gär bereet, Iech déi ze beäntwerten. Mee dat ass elo meng, oder d'Prise de position vum Schäfferot a Relatioun zum Devis.

An da soen ech nach: Mir stëmmen haut just den Devis. Den Devis steet um Ordre du jour, de Montant, dee steet fest. D'Zuel vun de Kameraen an d'Emplacementer an all d'Autorisatioune fannt Der an der Diffcloud vum Juni 2024. Déi ass identesch op den Dag vun haut. Méi Detailer kann ech Iech dozou elo, leider, net noreechen.

Wann Der nach eng Fro hutt… Här Meisch, jo.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech kann Iech bestätegen, datt mer frou sinn, datt Der an deem Dossier elo endlech aktiv gi sidd, an dass et weidergeet.

Mee wat ech am Fong wollt bemängelen, virdrun, dat ass, datt deen Dossier, dee mer krute fir dës Sitzung, net komplett war. Dir verweist elo op d'Sitzunge vu viru Méint oder viru Joren. Dat ass alles schéin a gutt, mee wat ass den aktuelle Stand? Wou sollen déi Kameraen hikommen? Wat genau kascht wat? An esou weider an esou fort. Déi Detailer stinn net an deem Dossier hei. An dat bemängele mir.

An dat sollt och fir aner Punkte gëllen um Ordre du jour, wat och all Sitzung erëmkënnt, datt einfach den Dossier soll komplett sinn, datt mer eis kënnen ee Bild maachen, datt mer dat kënne mat an eis Kommiteeën huelen an esou weider an esou fort. Datt mer kënnen diskutéieren an och decidéieren, en connaissance de cause. An dat geet am Moment einfach net.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Okay, ech verstinn Är Bemängelung. Ech muss Iech awer och äntwerten, dass wann Der den Ordre du jour kritt, an Dir sidd der Meenung, dass een Dossier net komplett wier, oder dass do géife Saache feelen, déi mer scho publik gemaach hu virun e puer Méint an esou virun, wann Der dat ëmmer erëm gär dobäi hätt, oder Dir sidd der Meenung, dass mer missten ee „Refresh" maache vun deene Saachen, déi diskutéiert, debattéiert gi sinn an analyséiert gi sinn, da verbitt jo och keen Iech fir unzeruffen an eist Sekretariat. An da ginn déi selbstverständlech op Diffcloud bäigesat.

Dat gesot, wa mer weider keng Wuertmeldunge méi hätten, kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix non d'approuver le devis concernant la mise en place du système Visupol.*

Ech soen Iech Merci. Da wiert et nach eng Kéier u mir, de Punkt 2b) betrëfft de Kiercheweier zu Lasauvage.

*Concernant la police locale, mise en place depuis le 1er mai, soit il y a deux mois seulement, il trouve prématuré d'exiger des chiffres précis. Il note que chacun peut constater la présence accrue de la police au centre-ville et dans les lieux stratégiques. Differdange est la troisième ville du pays à bénéficier d'une police locale, ce qui constitue une plus-value considérable.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *intervient pour confirmer sa satisfaction de voir le dossier progresser. Cependant, il déplore l'incomplétude du dossier fourni pour cette séance, qui ne précise ni l'état actuel du projet, ni les emplacements exacts des caméras, ni les couts détaillés.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond qu'il comprend cette remarque, mais rappelle que, lorsque les conseillers estiment qu'un dossier est incomplet, ils peuvent contacter le secrétariat pour obtenir les documents manquants, qui seront ajoutés sur Diffcloud.*
*(Vote)*

*Guy Altmeisch présente le point concernant l'étang de l'église à Lasauvage. Il rappelle que, en 2024, le projet a été présenté lors d'une assemblée citoyenne à Lasauvage, où diverses préoccupations ont émergé concernant les oiseaux nicheurs au sol, la qualité de l'eau, le stock de poissons et l'afflux potentiel de pêcheurs. Ces inquiétudes ont été prises au sérieux et des avis d'experts ont été sollicités.*
*Après une visite avec Jean-François Maquet, ornithologue professionnel employé par l'association natur&ëmwelt, il est confirmé qu'aucune préoccupation ne subsiste si l'étang est rendu accessible aux pêcheurs, et qu'il n'y a pas d'impact négatif sur l'avifaune.*
*Les analyses démontrent une bonne qualité de l'eau. L'Administration de la nature et des forêts n'a exprimé aucune réserve après sa visite sur place. L'Administration de la gestion de l'eau certifie qu'un volume de 5 % du débit de la Crosnière doit être règlementé et respecté, ce qu'un système d'entonnoir installé garantit désormais.*
*Le bourgmestre précise que l'étang se trouve intégralement en territoire français et relève donc de la législation française. L'autorisation pour différents travaux a été délivrée par le maire de Saulnes après consultation des plans. Le droit d'alimentation en eau est confirmé par écrit par la Direction départementale.*
*Les Sportfëscher Nidderkuer, seul club de pêche de la commune comptant vingt pêcheurs actifs, se verront attribuer les droits de pêche, évitant ainsi un afflux massif de personnes dans le village. Le garde forestier, avec des représentants du service écologique communal et les Sportfëscher Nidderkuer, élabore actuellement un règlement pour l'utilisation de l'étang. Le bourgmestre souligne que ce club cherche un étang depuis plus de dix ans et que ce projet garantit l'avenir de l'association tout en ouvrant la voie aux jeunes membres vers la nature.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *intervient pour noter que tous les avis demandés sont positifs. Il peut voter en bonne conscience pour ce projet si la rè-*

Am Joer 2024 ass de Projet Kiercheweier op der Biergerversammlung zu Lasauvage presentéiert ginn. Bei de Bierger si verschidde Bedenken opkomm a Relatioun mat dem Bestand vun de Bodenbrüter, der Waasserqualitéit, dem Fëschbestand an dem Zoulaf vun deene ville Fëscher, deen do géif entstoen.

Déi Bedenken hate mir eis zu Häerze geholl gehat an Avise bei verschiddene Fachleit gefrot. No enger Visitt mam Expert, dem Här Maquet Jean-François, vu Beruff Ornitholog, a bei der natur&ëmwelt ASBL beschäftegt, gouf mir bescheinegt, dass keng Bedenke bestoe géifen, wann de Weier fir Fëscher zougänglech gemaach géif ginn. An och keng Bedenke bestoe géife vis-à-vis vun der Villercherswelt.

D'Waasseranlayse weisen op eng gutt Waasserqualitéit hin. D'ANF hat och keng Bedenken ugemellt, nodeems si um Site waren.

D'Waasserwirtschaftsamt bescheinegt, no Visitt, dass e Volume vu 5 % Waasservolume vun der Crosnière muss gereegelt a respektéiert ginn. Eng Aart Triichter garantéiert eis dëse Volume an ass installéiert ginn.

De Weier, muss ee wëssen, ass integral op franséischem Territoire, ass also der franséischer Legislatur ënnerstallt. D'Geneemegung fir verschidden Aarbechten ass vum Buergermeeschter vu Saulnes ausgestallt ginn, no Asiicht vum Plang. Recht op Alimentatioun mat Waasser gouf vun der Direction départementale schrëftlech confirméiert.

D'Sportfëscher Nidderkuer, deen eenzege Fëscherclub aus eiser Gemeng, soll Fësch-Rechter zougesprach kréien. De Veräin huet nach aktiv 20 Fëscher, soudass kee massiven Zoulaf vu Leit am Duerf entsteet.

De Fierschter, mat Vertrieder vun der kommunaler Ëmweltabteilung an de Sportfëscher Nidderkuer, ass derbäi, ee Reglement auszeschaffe fir d'Benotzung vum Weier.

D'Sportfëscher Nidderkuer si säit iwwer zéng Joer op der Sich no engem Weier. Mat dësem Projet garantéiere mir d'Zukunft vum Veräin a maachen de Wee op fir déi jonk Memberen zur Natur.

Ech hunn de Projet an der Ëmweltkommissioun den 11. dëses Mount virgestallt. D'Detailer stinn am Sitzungsbericht vun dëser Kommissioun. Den Detail vun den Expertisen, den Devis, de Rapport vun de Kommissioune fannt Dir op der Diffcloud.

D'Awunner vu Lasauvage, d'Spadséiergänger an d'Fëscher kënne sech dëse flotte Site deelen am Respekt vun der Natur, ouni dass ee Schued entsteet. All Utilisateur kritt eng Plus-value.

Ech wier frou iwwer Är Zoustëmmung zu dësem Projet.

Dat ware meng Erklärungen. Wuertmeldungen? Den Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, schéine gudde Moie vu menger Säit. Mir gesinn, datt all déi Avisen ugefrot gi sinn an déi och duerchweegs u sech positiv sinn. An deem Sënn kënne mer dat dote gudde Gewëssens matstëmmen, wann déi Reglementatioun esou, wéi se och preconiséiert ass an den Avisen, dann opgestallt gëtt. A wann dat esou gereegelt gëtt, datt dat am grousse Ganzen esou ofleeft, datt de Fëschbestand an och dee ganze Site protegéiert ass. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cillien. Den Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Fënnef Pontonen an ee Container si virgesinn, fir um Weier op der Zowaasch opzeriichten. Fir en Devis vu 85.000 Euro. Dëst kann eng Win-Win-Situatioun fir den Ëmweltschutz an de Fëschersport bedeiten.

Vill Froe goufen an der leschter Ëmweltkommissioun beäntwert. A mir kruten ee Reglement versprach, wou-

riwwer spéider am Gemengerot hei wäert ofgestëmmt ginn.

D'Waasserqualitéit gouf vun der AGE fir gutt befonnt, natur&ëmwelt gesi keng weider gréisser Nuisancen a Saachen Ëmweltschutz oder wat d'Buedenbrüter ugeet. Vun de franséischen Autoritéite krute mer de Feu vert, well, wéi mir wëssen, jo dee ganze Weier op franséischem Terrain läit.

Am Kader vum Naturschutz gëtt nëmmen no der Brut vun de Bodenbrüter gefëscht. An déi fënnef Pontonen, ee Plang läit bäi, wann ech richteg weess, gi just op enger Säit opgeriicht a sinn och nëmmen iwwer ee Pad ze erreechen, soudass dat keen allze groussen Impakt op d'Natur ronderëm hu wäert.

Des Weidere wäerten och – ech mengen, den Här Buergermeeschter huet et gesot, vill Leit hate Bedenken – ni gréisser Fësch-Concoursen ofgehale ginn. Dëst gouf vun de Lasauvager Leit gefaart, well dann ze vill Trafick op der Zowaasch wär. An et wäerten och ni Fësch ausgesat ginn. Dat war och esou eng Saach, déi iergendwou an der Loft houng.

Mir gesinn dëse Projet als positiv. Mir gesinn awer och den Nidderkuerer Fëscherclub hei an der Verantwortung, dass de Weier herno an engem gudden Zoustand bleift.

Wéi gesot, de Bau vun de Pontonen an d'Reglement, wouriwwer mer dann nach spéiderhi wäerten ofstëmmen, wäerte mir kënnen ënnerstëtzen a stëmme mat Jo. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Madamm Pregno, wannechgelift.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Gudde Moie vu menger Säit u jiddereen heibannen am Sall an natierlech dobaussen.

Den Dossier Weier op der Zowaasch huet scho fir eng Rei Leit heibannen, an och vläicht dobaussen, ee laange Baart. An awer ass de Baart vläicht nach net laang genuch. Loosst mech e bëssen aushuelen:

Virun e bëssi méi wéi engem Joer si Rumeure kurséiert, Zowaasch géif ee Fëscherweier kréien. A kengem Walprogramm, an och net am Koalitiounsaccord, war dovunner rieds. An awer huet d'Rumeur sech gehalen. Mee mir wëssen: Et gëtt Saachen, déi stinn am Programm, an déi kommen awer ni – ech denken un de Vëlo fir all Kand. An et gëtt, par contre, Saachen, déi sti weeder am Walprogramm nach am Koalitiounsaccord a kommen awer. Well se vläicht versprach goufen oder well een engem ee Gefale maache wëll. Natierlech en accord mat all de Concernéierten.

Mir wëssen: Et gëtt näischt iwwer de Knéi gebrach a mir kënnen ëmmer Marche arrière maachen. An awer bleift ee batteren Nogoût hei an der Politik vun dësem Schäfferot.

Den 1. Juli d'lescht Joer hunn Déi Gréng op der Wiss virum Weier eng Informatiounsversammlung ofgehalen an eng ganz Rëtsch Froe gesammelt. D' Zowaascher woussten net vill iwwer de Projet Weier, an ech muss zouginn, mir och net. Et war jo just eng Rumeur.

Doropshin hu mer eng ronn 450 Ënnerschrëfte gesammelt an dës zesummen, propper, mat der ganzer Lëscht vun de Froen, déi mer gesammelt hunn, dem Schäfferot ofginn. Dëse koum natierlech an Zuchzwang an huet de 15. Juli am Duerf eng Biergerversammlung organiséiert.

Ech weess, Här Altmeisch, d'Behuele vu verschiddene Leit huet Iech dee Moment net gefall. An awer waren et gutt Diskussiounen, well een de Bols vun de Leit konnt spieren. Et konnt ee spieren, dass d'Leit net waarm ware fir d'Jugendhaus zouzemaachen an och net fir ee Fëscherweier op der Zowaasch.

Mee, wéi et esou leeft – mir wëssen et all –, lauschtert ee just, wat een héiere wëll a wat een deels arrangéiert. D'Jugendhaus ass zou, an de Fëschereiweier zwar nach net do, awer da geschwënn.

Mir sollen haut Stellung huelen zu engem Devis fir Pontone bei dësem Weier an net zur Ëmwandlung vum Natur-

*glementation préconisée dans les avis est mise en place et que le site ainsi que le stock de poissons sont protégés.*

---

**GUY TEMPELS (CSV)** *précise que cinq pontons et un conteneur sont prévus sur l'étang côté Lasauvage pour un devis de 85 000 €. Il voit une situation gagnant-gagnant pour la protection environnementale et le sport de pêche.*
*Il confirme que la qualité de l'eau est jugée bonne par l'AGE et que natur&ëmwelt ne voit pas de nuisances majeures pour l'environnement ou les oiseaux nicheurs. Les autorités françaises ont donné leur feu vert. La pêche n'aura lieu qu'après la période de nidification. Les cinq pontons ne seront installés que d'un côté et accessibles par un seul chemin, minimisant l'impact sur la nature environnante. Il assure qu'aucun grand concours de pêche ne sera organisé, répondant aux craintes des habitants concernant le trafic, et qu'aucun poisson ne sera introduit artificiellement.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *évoque la longueur du dossier et les rumeurs qui circulaient depuis plus d'un an concernant l'étang de pêche à Lasauvage, sans mention dans les programmes électoraux ou l'accord de coalition.*
*Elle rappelle l'organisation par les Verts d'une réunion d'information le 1er juillet de l'année dernière, la collecte de 450 signatures et de nombreuses questions transmises au collège échevinal, ce qui a conduit à l'organisation d'une assemblée citoyenne le 15 juillet.*
*Laura Pregno rappelle que chacun n'écoute que ce qu'il veut entendre. Elle note que la maison des jeunes est fermée et que l'étang de pêche n'existe pas encore, mais qu'il arrivera bientôt. Elle précise que le conseil doit se prononcer sur un devis pour des pontons à l'étang de Lasauvage et non sur la transformation d'un étang naturel en étang de pêche, bien que les deux sujets soient liés.*
*Elle relève que plusieurs documents accompagnent le devis, ajoutés tardivement sur le nuage communal. Parmi ceux-ci figurent des analyses de l'Administration de la gestion de*

*l'eau datées du 18 juin 2024, montrant une excellente qualité de l'eau.*
*Un avis de l'association FishingIn-Luxembourg.lu du 30 mai de l'année dernière propose un règlement d'ordre intérieur établi par la commune de Differdange et non par une association, ce qui soulève des questions sur la gestion future.*
*Un rapport de natur&ëmwelt recommande que la pêche ne soit autorisée que de juillet à l'automne pour respecter la période de nidification des oiseaux. Cependant, le rapport de la Commission de l'environnement indique une période de mi-décembre à mai, révélant une incohérence dans les dates. L'auteur du rapport de natur&ëmwelt insiste particulièrement sur l'importance de préserver la tranquillité du village. Elle mentionne également un volumineux rapport de la ZNIEFF de Lorraine de plus de cent pages, répertoriant les espèces végétales et animales, qui font de cette zone un espace à protéger.*
*Concernant les plans, elle détaille cinq pontons et une terrasse, qui s'étendent le long du sentier existant. La terrasse se situe à l'arrière de l'étang, contrairement à ce qui avait été annoncé précédemment sur la préservation de cette zone.*
*Le devis de 85 000 € prévoit un lavabo pour nettoyer les poissons sur place, probablement dans le cabanon existant.*
*La gestion sera vraisemblablement assurée par le club de pêche de Niederkorn, qui compte actuellement 15 membres selon leur assemblée de mai.*
*Elle souligne plusieurs documents manquants dans le dossier, notamment l'autorisation de l'Administration de la gestion de l'eau, qui manquait en mai et reste absente. Les différents avis mentionnés ne figurent pas non plus dans le dossier. Le règlement d'ordre intérieur de l'association Sportféscher Niederkorn n'existe pas encore, rendant difficile la connaissance des dispositions et règlementations de l'étang de pêche.*
*Elle s'interroge sur la solution proposée par le bourgmestre, qui affirme que l'étang naturel ne fonctionne pas à cause d'un excès de poissons, suggérant qu'une pêche*

weier an e Fëschereiweier. An awer geet den Dossier de pair.

Dem Devis leien eng Rei Dokumenter bäi. Et huet mech gefreet, dass déi nodréiglech op d'Cloud komm sinn, well en Donneschdeg, wou den Dossier erauskomm ass, ware se net dobäi.

Engersäits sinn et Analyse vum Waasserwirtschaftsamt, datéiert op den 18. Juni 2024, déi weisen dann, wéi Dir sot, dass d'Waasserqualitéit immens gutt ass. Een Avis läit bäi vu Fishing In Luxembourg vum 30. Mee d'lescht Joer, mat e puer Spezifikatiounen dran, a virun allem enger Propos vun engem ROI vun der Déifferdenger Gemeng an net engem Veräin. Dëst werft natierlech eng ganz Rei Froen zur Gestioun op. Ech denken, dass dat entretemps dann awer gekläert ass.

E Rapport vun natur&ëmwelt. Ech muss soen, et ass ee gudde Rapport, et steet allerdéngs dran, dass d'Fëscherei nëmme soll vu Juli bis Hierscht erlaabt sinn, fir, wéi gesot, d'Brutzäit vum Gefligel ze respektéieren. Am Rapport vun der Ëmweltkommissioun steet dann awer dran, dass et soll vu Mëtt Dezember bis Mee sinn. Do decken d'Datumer sech net.

Den Auteur vum Rapport vun natur&ëmwelt hieft awer wierklech besonnesch d'Wichtegkeet vum Respekt vun der Quiétude vum Duerf ervir.

Da fanne mir ee riselaange Rapport vun der ZNIEFF vun der Lorraine vir. Dat ass d'Zone naturelle d'intérêt écologique, faunistique et floristique, iwwer 1.100 Säiten, eng riseg laang Oplëschtung vu verschiddene Planzen an Déieren, déi aus dem Areal eng schützenswäert Zon maachen.

D'Pläng vun de Pontonen, do muss gesot ginn, dass et fënnef Pontone sinn an eng Terrass. Déi fënnef Pontonen zéie sech laanscht dee Steg, deen haut schonn do ass. Dat heescht, do gëtt stéckelchersweis erweidert. An dann ass gesot, dass déi Terrass um hënneschten Deel vum Weier läit. U sech gouf jo awer ëmmer gesot, dass den hënneschten Deel vum Weier net ugepaakt géif. Dat gëtt eng Extensioun vun deem existente Schapp – à voir.

En Devis an Héicht vu 85.000 Euro. Wou dann och ee Lavabo virgesinn ass, esou hunn ech an der Ëmweltkommissioun héieren, dass d'Fësch sur le lieu kënne gebotzt ginn. Wou deen elo genau kënnt, wësse mir, à ce stade, net. Ech denken, dee kënnt vläicht an de Schapp. Dat muss zougespaart ginn, opgespaart ginn, do muss jo dann iergendeen d'Gestioun dovunner maachen. Warscheinlech dann de Fëscherclub Nidderkuer mat senge 15 Memberen.

Well dat ass dat, wat se an hirer Versammlung am Mee gesot hunn, si hunn aktuell 15 Memberen, déi ugemellt sinn. D'Gestioun muss iwwer d'Woch an d'Weekender organiséiert ginn, fir dass mer do iergendwéi eng Kontroll vun dësem Lieu kréien, wat d'Fëscherei ugeet.

Wat feelt am Dossier? Bis elo hu mer ëmmer d'Äntwert kritt, wa mer gesot hunn, et feelt nach dëst Dokument, et feelt nach dat Dokument, da kritt Der ee kompletten Dossier, da kënne mer an aller Transparenz an en connaissance de tous les documents driwwer schwätzen an driwwer diskutéieren.

Laut deem, wat ech da recherchéiert hunn op der Diffcloud oder nogelauschtert hunn, a mengen Notizze gesicht hunn, hunn ech erausfonnt, dass eng Autorisatioun vum Waasserwirtschaftsamt feelt. Déi huet nämlech am Mee gefeelt, an déi ass nach ëmmer net do. Oder ech hu se net fonnt. Oder si ass net eropgeluede ginn. À voir, wat alles dovunner stëmmt. Fir deen Deel, wou d'Crosnière zu Lëtzebuerg leeft. Et ass just ee Meter, mee iergendwéi feelt dat.

All déi Avisen oder Rapporten, wat Dir opgelëscht hutt oder mol geschwat hutt, dat ass och net am Dossier. Vläicht ass dat just ee Mailverkéier, mee dat géif awer däitlech zu méi Transparenz an dësem Dossier bäidroen.

Dann dee besoten ROI vum Veräin Sportfëscher Nidderkuer, dee gëtt et jo am Moment nach net. Ech hunn och nach ni héieren, dass mir hei am Gemengerot en ROI vun engem Veräin géife gewise kréien.

Här Tempels, ech mengen Dir géift dat an der Ëmweltkommissioun vläicht pour avis kréien, mee ech mengen, et kënnt net an de Gemengerot. Mee wa mir net wëssen, wat deen ROI ass, dann ass et natierlech och schwéier ze wëssen, wéi d'Dispositiounen oder d'Reglementatioun vun deem Fëscherweier sinn. Et ass iergendwéi och do erëm e bëssen d'Kaz am Sak. Mir hu weiderhin – an ech mengen, déi bleiwen einfach – e puer Awänn.

Laut dem Buergermeeschter funktionéiert den Naturweier net. Et sinn ze vill Fësch dran. Okay. Misst et dann net éischter eng Pêche administrative sinn, wou ee kann organiséieren, ewéi carrement dee ganzen Naturweier ëmzewandelen? An einfach de Probleem, deen do ass, ze behiewen? Well dat ass jo u sech awer oft dat, wat hei gefuerdert gëtt.

Laut dem Buergermeeschter missten hei och ni nei Fësch dobäi gesat ginn. Mee laut Fishing In Luxembourg: „Le repeuplement se finance par les recettes des permis émis tout au long de l'année." A si proposéieren ee Repeuplement mat Carnassiers légers.

Eng Botzstatioun ass, laut Plang, net virgesinn. De Lavabo gëtt gebraucht. An huet net all Veräin am Endeffekt ee Veräinslokal oder eng sougenannte Buvette – wou kënnt déi dann elo herno?

Wéi gesot gouf, ass de Weier integral op franséischem Terrain. An deemno ënner dem Contrôle an der Legislatioun vum franséische Staat.

Zowaasch ass d'Enn vu Lëtzebuerg iergendwou. An awer och d'Enn vu Frankräich. Ech wëll dee gesinn, deen do kontrolléiere geet.

A Frankräich gëtt et doropshin och nach den Ënnerscheed tëscht der Pêche en eaux libres an der Pêche en eaux closes. Hei handelt et sech ëm Eaux libres. A laut franséischer Reglementatioun brauch een dofir ee franséische Permis. Wat awer bis elo ëmmer dementéiert gouf.

Dir gesitt, et sinn nach ëmmer eng Rei Froen ze klären. An de Baart ass, an eisen Aen, nach net laang genuch.

An iergendwéi bleift einfach ee batteren Nogoût. Ech weess, verschidde Politiker baue sech Denkmaler, an anerer organiséiere sech e Fëschereiweier.

Mir kënnen dëse Punkt net ënnerstëtzen a wäerten eis weiderhi fir een Naturweier op der Zowaasch asetzen, wou d'Kanner d'Libellen, d'Fësch an d'Villercher gewise kréien – an net, wéi een ee Krop aus engem Fëschmond eraushëlt. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech géif dann och gären op dëse Projet agoen. Mir hunn am Dossier en Devis ze stëmmen, fir ze kucken, dass ee méi no bei de Weier kënnt. Dat ass ganz kloer fir ze fëschen, dofir si jo och all déi Dokumenter am Dossier.

Wat awer feelt, dat ass, wéi dat reglementéiert gëtt, dat Fësche ronderëm dee Weier. Et ginn do Recommandatioune vu Fishing In Luxembourg, déi awer deem widderspriechen, wat ech hei am Gemengerot gesot kréien. Zum Beispill, den Här Tempels seet, et géife keng Fësch dragesat ginn. Hei sinn awer aner Recommandatiounen dran. An ech weess, Stand haut, wann ech dat heite muss stëmmen, net, wéi et da schlussendlech gemaach gëtt.

Et muss ee soen, dass den Zowaascher Weier an dat ronderëm eng ganz grouss Biodiversitéit ass. Dat beweisen déi 100 Säite vun der ZNIEFF, wou eng ganz Rei Planzen an Déieren eeben opgelëscht sinn, déi sech ronderëm de Weier ugesidelt hunn. Et weist och den Avis vun natur&ëmwelt, dee sech just op d'Villercher limitéiert huet, vu sengem Avis hier, a seet, dass et a priori kee Probleem wär, fir do ze fëschen. Awer, dass eebe verschidde Saachen agehale musse ginn, wéi eeben, dass et awer allgemeng roueg ass an d'Fësche sech op eng Zon limitéiert.

Wat ech elo net an de Pläng verstinn, dat ass déi Terrass, firwat déi do ass, firwat déi néideg ass. Et fëscht ee jiddefalls näischt vun där Terrass aus, dat

*administrative serait plus appropriée. Elle relève une contradiction entre l'affirmation du bourgmestre qu'aucun nouveau poisson ne sera ajouté et la proposition de FishingInLuxembourg.lu de financer le repeuplement par les recettes des permis.*
*Elle s'interroge sur l'absence de station de nettoyage dans les plans et sur l'emplacement du local associatif.*
*Elle rappelle que l'étang se trouve intégralement sur le territoire français, sous législation française, nécessitant théoriquement un permis français pour la pêche en eau libre.*
*Elle conclut en exprimant son opposition au projet, préférant maintenir un étang naturel, où les enfants peuvent observer les libellules, les poissons et les oiseaux.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *souligne que le dossier contient un devis pour faciliter l'accès à l'étang pour la pêche, mais qu'il manque la réglementation concernant cette activité.*
*Il note des contradictions entre les recommandations de FishingInLuxembourg.lu et les déclarations faites au conseil communal, notamment concernant l'introduction de nouveaux poissons. Il insiste sur la grande biodiversité du site de l'étang de Lasauvage, attestée par les cent pages du rapport ZNIEFF et l'avis de natur&ëmwelt, qui, tout en se limitant aux oiseaux, ne voit pas d'objection majeure à la pêche sous certaines conditions de tranquillité et de limitation des zones.*
*Gary Diderich exprime son incompréhension concernant la nécessité d'une terrasse dans les plans présentés. Il souligne que cette terrasse ne servira pas pour la pêche, car elle est située trop loin de l'étang. Il considère que cette installation pourrait poser problème pour la tranquillité, qui doit être préservée autour de l'étang.*

*Il rappelle qu'il existe déjà, juste derrière les escaliers, une grande zone de grillades avec des bancs et suffisamment d'espace de terrasse, situés à la même distance des escaliers que la terrasse proposée. Il s'interroge donc sur la nécessité de ces dépenses et craint que cette installation constitue plutôt un problème pour la quiétude, qui doit être maintenue sur les lieux.*
*En raison de ces préoccupations et du manque d'informations dans le dossier actuel, il déclare ne pas pouvoir voter en faveur de ce devis aujourd'hui.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *reconnait que beaucoup a déjà été dit sur l'étang de Zoufftgen. Il constate que les positions étaient plus ou moins déjà fixées dans une certaine direction auparavant. Il espérait que les rapports demandés et désormais disponibles auraient débloqué la situation et permis de trouver un consensus sur cet étang. Il souligne que le dossier présenté aujourd'hui est plus transparent et contient même partiellement des avis qui ne sont pas complètement opposés à l'aménagement de l'étang de pêche. Il indique que le LSAP a examiné les rapports, qui incluent des études d'impact analysant l'influence potentielle des activités sur la flore, la faune et le peuplement piscicole. Il trouve particulièrement intéressantes les réflexions contenues dans le rapport ZNIEFF, très détaillé, qui montre que ce projet n'est pas simple et qu'il est important d'avoir de tels avis, rapports et analyses pour préserver la nature sur place.*
*Il regrette qu'on n'ait pas mentionné la solution élégante des cinq pontons permettant d'accéder à l'étang tout en préservant au maximum l'environnement existant. Ces pontons permettront aux pêcheurs et autres visiteurs d'observer l'étang. Il reconnait le risque de chute depuis ces pontons, mais assure que les panneaux nécessaires et les mesures d'accès seront règlementés.*
*Il précise qu'ils votent sur un devis du CIGL et se réjouit que le CIGL soit chargé de ces travaux, compte tenu de sa grande expérience dans les projets en bois.*

ass mer relativ kloer, well se ze wäit vum Weier ewech ass. An an deem Sënn gesinn ech do e Probleem vläicht fir d'Rou, déi ronderëm dee Weier soll sinn, wann do eng Terrass installéiert gëtt.

Mir hunn am Fong, direkt hanner de Stegen, hues de eng ganz grouss Grillplaz, du hues do Bänken, du hues do Terrass genuch. Et ass grad sou wäit vun deene Stegen ewech wéi déi doten Terrass. Dofir weess ech elo net, firwat déi Depensen do néideg sinn an ob se net esouguer éischter e Probleem duerstellen, wéinst der Rou, déi awer do soll gewäert bleiwen.

Opgrond vun deenen dote Bedenken a Manque d'informations, déi am Moment am Dossier bestinn, kann ech deen Devis esou haut net stëmmen. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Muller, wannechgelift.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass vill gesot ginn hei zum Zowaascher Weier. D'Positiounen, déi ware jo virdrun iergendwéi schonn, plus ou moins, an eng Richtung festgeluecht. Ech hat gehofft, dass déi Rapporten, déi ëmmer verlaangt gi sinn an déi elo virleien, d'Situatioun deblockéiert hätten, an dass mer vläicht hätten ee Konsens hei fanne kënnen iwwer dee Weier.

Well, et muss een awer soen, dass deen Dossier, dee mer haut virleien hunn, méi transparent ass an och deelweis souguer Avisen huet, déi net komplett géint déi Ariichtung vun deem Fëschweier sinn.

Mir hunn eis déi Rapporten ugekuckt, an do si jo och schonn deelweis Impaktstudien dobäi, wou och gekuckt gëtt, wat fir een Afloss eventuell déi Aktivitéiten do kéinten hunn op d'Flora an d'Fauna an och op de Fëschbestand.

An ech hunn och déi Iwwerleeunge ganz interessant fonnt, déi do dra sinn. Haaptsächlech, et ass schonn hei gesot ginn, vun ZNIEFF. Ee ganz laange Rapport, deen op ganz vill Detailer ageet, mee wat engem am Fong awer e bësse seet: Dat doten ass dat, wat ze kucken ass. Et ass keen einfache Projet! A wann een d'Natur, an dat ronderëm alles, wëllt erhalen op där Plaz, dann ass et och wichteg, dass esou Avise kommen oder Rapporten, respektiv och Analyse virleien.

Wat elo net hei gesot ginn ass, leider – an dat wëll ech awer emol ënnersträichen, dat ass déi fir mech wierklech flott Manéier, fir iwwer déi fënnef Pontonen un dee Weier erunzekommen. Fir dat, wat ronderëm de Weier besteet, esou wäit wéi méiglech intakt ze behalen.

Soudass iwwer déi Pontonen, d'Fëscher oder och aner Leit, déi eng Kéier ee Bléck ronderëm dee Weier werfe wéilten, géifen dohikommen. Et muss ee sech bewosst sinn, dass ee vun esou engem Ponton och kann eroffalen an de Weier. Mee, ech mengen, dat ass jo kloer, do wäerte jo nach déi néideg Schëlter dohikommen an déi Zougangsmesuren, déi wäerte jo och nach gereegelt ginn.

Wat mer hei stëmmen, dat ass en Devis vum CIGL. An ech sinn och frou, dass de CIGL mat deenen Aarbechten hei beoptraagt gëtt, well de CIGL huet jo ganz vill Erfarung, haaptsächlech mat Holz-Projeten, fir dat ganz flott ze realiséieren.

Op jidde Fall si mir der Meenung, als LSAP, dass mat deem Dossier, wéi en elo virläit, déi meeschte Punkte gekläert sinn. Wann nach deen een oder deen anere Punkt opsteet, da wäert dee sécherlech och nach vum Schäfferot ugepaakt ginn, dovu sinn ech iwwerzeegt.

A mir fannen och oder soen: Wat fir Persoune sinn da besser gëeegent wéi ee Fëscherclub, fir hei eng Opsiicht ze halen iwwer deen do Weier! Ech ka mer awer virstellen, déi Leit sinn éischtens emol drun interesséiert, dass dee Weier erhale bleift, dass de Fëschbestand an der Rei ass, dass d'Leit, déi do fësche ginn, och dat ënner flotte Konditioune kënne maachen.

An dann, virun allem, hu mer jo och wëlles, de Jugendlechen en Zougang ze

ginn zum Fëschersport. An dat ass och eng Missioun, déi de Veräin hei huet.

Op jidde Fall, d'LSAP stëmmt dëse Projet. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech wéilt der Madamm Pregno äntwerten. Si sot, am Rapport vun der Ëmweltkommissioun – et ass e bësse schued, en ass net op der Cloud, ech weess net firwat, mee ech hunn de Sonndeg nach mam Philippe geschwat, fir mech war en esou an der Rei –, do steet awer: „Afin de tenir compte de l'avis faunistique émis par natur&ëmwelt, la saison de pêche sera suspendu – dat heescht, et gëtt net gefëscht – de mi-décembre à mai inclus. Ass dat net …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dierf ech äntwerten?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Selbstverständlech. Ech mengen, all Informatioun, déi fléisst an déi zum Wuel vum Dossier ass, oder eng Kritik, ass ëmmer wëllkomm hei am Gemengerot. Dat ass jo kloer.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Also d'Sätz sinn ëmgedréit, dat ass awer net de Probleem. De Probleem ass, d'Zäitspane sinn anescht opgedeelt an deem enge Rapport wéi an deem aneren. Bei natur&ëmwelt steet, dass vu Mee bis Dezember net sollt gefëscht ginn. Nee, waart …

**GUY TEMPELS (CSV):**

Also et soll gefëscht gi vu Mee u bis …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Also d'Fëscherei soll just erlaabt gi vu Juli bis Hierscht. An am Rapport vun der Ëmweltkommissioun steet … Also den Delai ass einfach anescht, well am Rapport vun der Ëmweltkommissioun steet Mëtt Dezember bis Mee. Da feelt de Juni an de Juli. An ee Stéck vum Hierscht.

Mee, et ass okay, Här Tempels, et ass wéi ëmmer …

**GUY TEMPELS (CSV):**

Mir sinn eis eens, dass mer eis verstanen hunn.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Mir sinn eis iergendwou eens. An et ass wéi ëmmer: Et feele just Klengegkeeten.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Ech muss awer elo emol eppes feststellen. Also et ass ee flotten Dossier, dee méi wéi komplett ass, mat verschiddenen Expertise vun deene Leit, déi concernéiert sinn, déi dat haaptberufflech maachen. An déi Zäit, déi erauskënnt, déi fräi ass fir de Fëscher, déi ass am Respekt vun der Zäit, wou d'Villercher bréien. Déi Zäit, wou Rou ass um Weier, ass nach méi laang, zwee Méint méi laang, wéi d'Villercher iwwerhaapt bréien.

Ech war mat deem Mann do, deem Ornitholog. Dee sot zu mir: „Firwat hutt Dir mech heihinner bestallt? Dir hutt dee Weier hei an Dir hutt hannendrun 300 Hektar Bësch, wou d'Villercher bréie kënnen. Ech hätt guer net bräichten heihinner ze kommen". Et ass kee Probleem fir déi Bodenbrüter, déi hei sollen dann op d'Welt kommen.

Dat anert, wat Der sot, Madamm Pregno, muss ech leider soen, datt Der schlecht informéiert sidd. Dat ass iwwer déi franséisch Legislatur, well déi seet ganz kloer, dass et ee Weier ass, deen alimentéiert gëtt a wou d'Waasser eraleeft a wou d'Waasser erëm erausleeft, wou et an d'Alimentatiounsbaach zréckleeft, dass deejéinegen, deen do

*Le LSAP estime que la plupart des points sont clarifiés avec ce dossier et fait confiance au collège échevinal pour traiter les questions restantes. Il considère qu'un club de pêche est le mieux placé pour surveiller cet étang, ses membres souhaitant préserver l'étang, maintenir le peuplement piscicole et offrir de bonnes conditions de pêche, tout en donnant accès aux jeunes au sport de la pêche. Le LSAP vote en faveur du projet.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *répond à madame Pregno au sujet du rapport de la Commission de l'environnement. Selon ce document, la pêche sera interdite de la mi-décembre à la fin mai, conformément à l'avis faunistique de natur&ëmwelt.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *clarifie que les périodes sont organisées différemment dans les rapports, natur&ëmwelt recommandant que la pêche soit autorisée uniquement de juillet à l'automne.*
*Laura Pregno souligne que, dans le rapport de la Commission de l'environnement figure la période de mi-décembre à mai, mais qu'il manque juin et juillet, ainsi qu'une partie de l'automne.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *intervient brièvement pour affirmer qu'ils sont d'accord et qu'ils se sont compris.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *reprend en confirmant qu'ils sont d'accord quelque part. Elle ajoute avec une pointe d'ironie que, comme toujours, il ne manque que de petits détails.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souligne qu'il s'agit d'un excellent dossier, plus que complet, comprenant diverses expertises de personnes concernées, qui exercent cette activité professionnellement. Il précise que la période libre pour les pêcheurs respecte la période de nidification des oiseaux. La période de tranquillité sur l'étang est même deux mois plus longue que la période de nidification.*
*Il raconte sa rencontre avec un ornithologue, qui lui a dit qu'il n'aurait même pas eu besoin de venir sur place, car, avec l'étang et les*

*300 ha de forêt à l'arrière, les oiseaux ont suffisamment d'espace pour nidifier. Il n'y a aucun problème pour les oiseaux nicheurs au sol.*
*Concernant les remarques de madame Pregno, il affirme qu'elle est mal informée sur la législation française. Celle-ci stipule clairement qu'un étang alimenté, où l'eau entre et ressort pour retourner dans le cours d'alimentation, ne nécessite pas de permis pour celui qui y pêche. C'est ce que la Direction départementale leur a confirmé par écrit.*
*Au sujet de l'assemblée citoyenne, il précise qu'elle n'a pas été organisée en panique, mais qu'elle était planifiée depuis longtemps. Il se demande si l'action avec les panneaux n'était pas une réaction à leur assemblée citoyenne. Pour lui, la transparence est toujours une préoccupation importante. Il évoque des incidents avec certaines personnes, qui se sont mal comportées, qui sont parties et ont rapporté une demi-heure plus tard le microphone qu'elles avaient mis dans leur poche. Ce sont des incidents avec lesquels les hommes politiques doivent vivre quand ils présentent un nouveau projet.*
*Il voit ce projet comme bénéfique pour la nature, le club de pêche et tous ceux qui profitent de l'étang. Il se réjouit qu'à la suite de cette action, le ponton, qui existe depuis dix ans et n'a pas été correctement entretenu, soit maintenant rénové par les gens du CIGL.*
*Concernant le règlement d'ordre interne, il précise qu'il sera développé avec le garde forestier, qui est un fonctionnaire assermenté, des représentants du service écologique communal et les pêcheurs sportifs de Niederkorn. Ces trois parties travailleront ensemble pour prévenir tout abus éventuel. Il confirme qu'une fois le règlement établi et rendu public autour de l'étang, il le présentera au conseil communal pour calmer les esprits et répondre à toutes les questions.*
*Il affirme qu'il n'a jamais été question d'une buvette et ne sait pas d'où vient cette rumeur. L'association ne souhaite pas l'ouverture d'une buvette. Avec seulement 14 membres actifs, elle n'a pas l'in-*

fëscht, net brauch mat engem Permis ausgestallt ze ginn. Dat ass ganz kloer vum franséische Legislateur esou festgesat. An et ass och dat, wat mer schrëftlech vun der Direction Départementale matgedeelt kréien.

Déi aner Saach. Dir schwätzt vun a Panik eng Biergerversammlung aberuffen – déi Biergerversammlung zu Lasauvage, déi war schonn iwwer länger Zäit geplangt. An ech weess och net, ob Är Aktioun mat de Pannoen net soll eng Reaktioun gewiescht sinn op eis Biergerversammlung. Ech weess net, wien do fir d'éischt d'Datume festgeluecht huet.

Eng Biergerversammlung ass mir ëmmer wichteg, si suergt fir Transparenz. Dass verschidde Leit do waren, déi sech ganz schlecht beholl hunn, déi fortgelaf sinn an eng Véirelstonn duerno eis de Mikro zréckbruecht hunn, dee se, iertemlecherweis, an d'Täsch gestach hunn, dat sinn esou kleng Incidenten, mat deene musse mir als Politiker, wa mir een neie Projet virstellen, liewen. An domadder wäerte mir och an Zukunft liewen.

Mee dat Ganzt gesi mir awer zum Wuel vun der Natur, zum Wuel vum Fëscherclub, zum Wuel vun all deene Leit, déi vum Weier profitéieren. Net nëmmen de Fëscher! Dir musst wëssen, dee Ponton, dee besteet säit zéng Joer – an ech si frou, dass Der Iech, no zéng Joer, dann op eemol erëm fir de Weier interesséiert, nodeems een Deel vum Weier da géif vun de Fëscher benotzt gëtt. Do war ech och frou, wéi ech dorower war, an ech hunn da gesinn, dass de Ponton, dee säit zéng Joer net esou ënnerhale ginn ass, wéi dat misst sinn, dass deen och elo vun deene Leit aus dem CIGL frësch gemaach gëtt. An dass een do eng besser Iwwersiicht kritt an eng deelweis Renovéierung vun deem Ponton gemaach gëtt.

Dee Règlement d'ordre interne, deen Der uschwätzt, dat wier deen éischten, deen net vun der Gemeng géif gemaach ginn. Ech muss Iech awer drun erënneren, dass dat Reglement, wat och herno op Pannoen ausgewise gëtt a publik gemaach gëtt ronderëm de Weier, wéi dat mam Fëscherei-Recht ass a wéini wou op ass a wéini zou ass, dass dat Reglement ausgeschafft gëtt mam Fierschter, wat jo en assermentéierte Beamten ass, mat Vertrieder vun der kommunaler Ëmweltabteilung a mat de Sportfëscher Nidderkuer. Dat heescht, mir hunn dräi Parteie ronderëm den Dësch sëtzen, déi sech d'Méi wäerte maachen, fir all Eventualitéiten an all Abus, deen do kéint eventuell gedriwwe ginn, aus der Welt ze schafen.

D'autant plus kann ech Iech confirméieren, dass, soubal mer dat Reglement hunn a soubal mer dat public maachen um Weier, ech dat virdru wäert hei am Gemengerot presentéieren, fir dann d'Gemidder ze berouegen a fir op all Är Froen ze äntwerten.

Eng Buvette, dovu war ni rieds. Ech weess och net, wou dat Gespréich opkënnt. De Veräin ass net drun interesséiert, fir eng Buvette ze maachen. Dir kënnt Iech jo virstellen, wann ee Veräin optrëtt mat 14 aktive Memberen, dass deen net wëlles huet, nach eng Buvette do Dag an Nuecht opzemaachen, mat enger Kichen an ech weess net, wat Der Iech do virstellt, dass mer do een neie Restaurant opmaachen oder eng Attraction touristique maachen.

Ech mengen, de Restaurant ass den Noper vum Weier an dat bréngt och eng Plus-value, honnertprozenteg, fir d'Restauratioun, déi am Duerf besteet.

Wat Der gesot hutt, mir hätten dat net am Walprogramm stoen, an esou virun – mee wësst Der, wéi et ass, ech an och d'Kolleegen aus dem Schäfferot, mir sinn ëmmer der Meenung, dass gutt Iddien, déi eng Plus-value brénge fir d'Stad Déifferdeng, och Lasauvage, Nidderkuer, déi verschidde Quartieren, prioritär behandelt ginn. An dass mer eis vill Méi maachen, fir déi dann hei ze presentéieren, mat all deenen Detailer, mat all deenen Expertisen.

An ech wonnere mech och, Madamm Pregno, iwwer Är Ausso, dass elo op eemol ze vill Dokumenter bäileien. Et sinn Dossieren, do sinn der Iech net genuch, elo ass et Iech ze vill. Et ass schwéier, e Mëttelmooss ze fannen, ouni Kritik vun Ärer Säit ze üben, wat d'Dokumenter ubelaangt a wat d'Informatiounen ubelaangt.

Dat gesot, mengen ech, hätt ech zum Haaptpunkt vun Äre Froen oder Äre Beanstandunge geäntwert.

Nach een Detail: Ech war jo an der Ëmweltkommissioun, wéi e Parteikolleeg mir dat virgestallt huet, fir en Offëschen ze maache vum Weier. Ech kann Iech just soen, aus menger eegener Erfarung, ech war bei esou Situatiounen derbäi, dat ass meeschtens ganz dramatesch ausgaangen.

Do schwätze mer vu Camionen, déi mussen no bei d'Waasser kommen, wou d'Fësch erausgefëscht ginn an da komme se a Basengen, wou fudderweis Waasser dran ass – dat endegt meeschtens mam grousse Fëschstierwe vun deene Fësch, déi do mussen erausgeholl ginn. An dat ass net ëmmer schéin.

A wou fuere mer da mat deene Fësch? Da wäerte mer déi duerno an d'Chiers féieren, wou se dann u Sauerstoffmangel wäerten agoen oder ech weess net wat. Dat hei ass awer fir mech eng besser Léisung, méi no bei der Natur.

An da wëll ech Iech och nach betounen, ech selwer sinn 30 Joer Fëscher, an ech hunn a menger Karriär als Fëscher, bis dato, weeder eng Libell doutgetréppelt nach eng Mouk platt gemaach. Mee ech hunn an deenen 30 Joer Erfarung als Fëscher ëmmer mat der Natur matgelieft. An ech war frou, als Kand déi Aventure ze hunn a fir där Natur ze begéinen an als Fëscher d'Natur kennenzeléieren an d'Natur ze schätzen an d'Natur propper ze halen. An dat ass eng vun deene Plus-valuen, déi den Nidderkuer Fëscherclub deem Weier do bréngе wäert.

Well ech muss leider feststellen, dass, wann ech heiansdo dohinner kucke ginn, si Leit, déi do d'Fësch da fidderen, andeem se, ech weess net, dräi Baguetten an d'Waasser geheien. A mir hate jo dee schreckleche Virfall mat där Schwanekoppel, déi um Weier war, déi agaange si wéinst falschem Fudder an doduerch eng bakteriell Entzündung an de Longen haten, wat herno festgestallt ginn ass, eng Pilzkränkt. Dass dat deelweis war wéinst dem Fidderen.

Also wa mer d'Fëscher do op déi Plaz bréngen, wäerten déi schonn dofir suergen, dass dat méi propper gëtt, an dass dat besser iwwerwaacht gëtt.

Dat meng Erklärungen. Jo, Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Ech wëll elo d'Diskussioun net monopoliséieren an och net op dat „Plaudern aus dem Nähkästchen" do ze vill agoen. Ech wëll Iech just rektifizéieren, ech hunn net gesot, et géifen ze vill Dokumenter bäileien.

Wann Der mech zitéiert, ech hunn Iech dat schonn e puermol gesot, oder Saachen opgräift, déi ech soen, dann, wannechgelift, lauschtert genau no, notéiert Iech et genau, well mir maachen eis och déi Aarbecht, fir Recherchen ze maachen, fir esou genau wéi méiglech ze sinn. An och ech gi mir d'Méi, Iech opmierksam nozelauschteren an d'Saachen esou ze huelen, wéi Dir se sot. Also verdréit d'Wierder net. Ech hunn Iech et scho méi wéi eemol gesot. Villmools merci!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Bemierkungen. Ech wäert mer dat zu Häerz huelen. An ech hoffen, dass mer dat domadder elo kënnen ofschléissen, dass mer kënnen deen nächste Punkt opgräifen, soss sëtze mer nach vläicht de Mëtten um 17:00 Auer hei. Mee dass mer esou lues awer sécher e bësse virukommen.

Merci. Wann et keng Wuertmeldunge méi dozou gëtt, da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 voix non d'approuver le devis concernant les travaux d'aménagement de l'étang à Lasauvage.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 2c), dat ass de Petanques-Terrain op der Zowaasch. Mir bleiwen zu Lasauvage. Ech géif d'Wuert un den Här Wagner ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Dësen Devis ass après-coup, bedéngt wéinst enger Urgence. D'Aarbechte goufe schonns exekutéiert, och fir ze verhënneren, dass de

*tention d'ouvrir un nouvel établissement ou une attraction touristique. Le restaurant voisin de l'étang apporte déjà une plus-value pour la restauration du village.*
*Concernant le programme électoral, il souligne que lui et ses collègues du collège échevinal sont toujours d'avis que les bonnes idées apportant une plus-value pour la Ville de Differdange, incluant Lasauvage et Niederkorn, doivent être traitées en priorité et présentées avec tous les détails et expertises. Il s'étonne des critiques de madame Pregno, qui tantôt trouve qu'il n'y a pas assez de documents, tantôt qu'il y en a trop.*
*Il termine en partageant son expérience personnelle de pêcheur depuis trente ans, affirmant n'avoir jamais tué une libellule ou écrasé une mouche, mais avoir toujours vécu en harmonie avec la nature, heureux de la découvrir et de la préserver. C'est cette plus-value que le club de pêche de Niederkorn apportera à l'étang.*
*Guy Altmeisch constate malheureusement que certaines personnes nourrissent les poissons en jetant trois baguettes dans l'eau. Il rappelle l'incident tragique concernant le couple de cygnes sur l'étang, qui sont tombés malades à cause d'une alimentation inappropriée, développant une inflammation bactérienne dans les poumons et une infection fongique, conséquences directes de ce nourrissage inadéquat. Il affirme que, si les pêcheurs occupent cet emplacement, ils veilleront à maintenir les lieux plus propres et à assurer une meilleure surveillance.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *intervient en précisant qu'elle ne souhaite pas monopoliser la discussion. Elle rectifie les propos du bourgmestre, affirmant qu'elle n'a jamais déclaré qu'il y avait trop de documents joints.*
*Elle demande au bourgmestre, lorsqu'il la cite ou reprend ses propos, d'écouter attentivement et de noter précisément ses paroles. Elle souligne l'effort de recherche qu'elle et son équipe fournissent pour être aussi précises que possible et insiste pour qu'il écoute attentivement et prenne les choses telles qu'elles*

*sont dites. Elle conclut en demandant fermement de ne pas déformer ses paroles, répétant cette requête pour la énième fois.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie madame Pregno pour ces remarques et promet de les prendre à cœur. Il espère pouvoir clore ce point et passer au suivant pour éviter de siéger jusqu'à 17 h, souhaitant progresser lentement, mais surement.*
*(Vote)*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *présente le devis concernant le terrain de pétanque de Lasauvage. Ce devis est établi après coup en raison d'une urgence, les travaux ayant déjà été exécutés pour permettre au club de pétanque de commencer le championnat dans de bonnes conditions.*
*Les fonds étaient budgétisés pour cette année, principalement pour la rénovation du terrain intérieur. Le terrain extérieur a été achevé au cours des deux dernières années.*
*Lors des travaux de nettoyage du garde forestier après une tempête présentant un danger immédiat, un camion a rendu le terrain arrière impraticable, nécessitant sa réfection. L'assurance n'intervient pas, car la commune était maitre d'ouvrage.*
*Le club peut ainsi commencer idéalement son championnat et ses entrainements pour la saison estivale, avec succès, puisqu'ils occupent actuellement la première place de deuxième division et devraient remonter en première division l'année prochaine.*
*Il demande l'approbation de ce devis d'environ 43 000 €.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *note que les terrains de pétanque sont pratiquement tous remis en état. Le club de Lasauvage est très engagé, rassemblant de nombreuses personnes pour pratiquer leur loisir. Le nombre de joueurs de pétanque augmente constamment.*
*Il mentionne la possibilité évoquée par madame Charlé d'installer une boite avec des boules accessible par une application, ce qui devrait attirer davantage de pratiquants.*
*Il suggère de maintenir ces terrains en bon état et d'envisager l'aména-*

Petanque-Veräin vun der Zowaasch d'Championnat net hätt kënnen ënner gudde Konditiounen ufänken.

Et ass esou, dass déi Suen och budgetiséiert ware fir dëst Joer, also virgesinn, fir déi Renovatiounen ze maachen. Haaptsächlech den Terrain Indoor, also deen an der Hal huet misse renovéiert ginn. Wuel wëssend, dass den Outdoor iwwer déi zwee lescht Joer fäerdeggestallt gouf.

Mee wärend de Botzaarbechte vum Fierschter, no engem Stuerm, wou eng akut Gefor bestoung, ass duerch de Camion den hënneschten Terrain onspillbar gemaach ginn. An dee Beräich huet dann och elo misse frësch gemaach ginn.

D'Assurance spillt do net, well mer selwer Maître d'ouvrage waren.

Esou konnt de Veräin hiert Championnat an d'Trainingen ideal fir d'Summersaison ufänken. An dat mat Erfolleg, well si sinn aktuell Éischten an der zweeter Divisioun a wäerte wuel d'nächst Joer nees éischtklasseg sinn. Merci, fir dësen Devis vu plus/minus 43.000 Euro esou matzestëmmen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Här Olten.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci fir d'Wuert. D'Petanques-Terraine si jo elo praktesch bal all an d'Rei gesat ginn. Op der Zowaasch ass e ganz engagéierte Veräin, wou vill Leit an hirer Fräizäit zesummekommen an hirem Hobby, dem Petanque spillen, nokommen.

D'Zuel u Leit, déi Petanque spillen, hëlt permanent zou. Et sinn e puer Plazen an der Gemeng, wou vill gespillt gëtt. An da soll duerfir gesuergt ginn, dass dës Petanques-Terrainen och flott amenagéiert an an der Rei sinn.

Wéi d'Madamm Charlé gesot huet, gëtt et elo eng Méiglechkeet, iwwer eng App, dass op enger Plaz eng Këscht opgestallt ass, mat Bullen dran. Ech mengen, dat bréngt mat sech, dass nach méi Leit an hirer Fräizäit op esou Plaze ginn. Wéi gesot, et wär flott, déi an der Rei ze halen. A vläicht och nach deen een oder deen aneren Terrain virzegesinn, fir déi mat dobäi ze maachen. Do gëtt et e puer Plazen an der Gemeng, dat kéint een emol eng Kéier nokucken. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nach eng Wuertmeldung? Nee. Da kënne mer driwwer ofstëmmen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour les travaux de rénovation du terrain de pétanque de Lasauvage.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 2d), do géif ech mer d'Wuert selwer ginn, et geet ëm den Aquasud.

Vu dass mer hei zu Uewerkuer sinn, gi mer eriwwer bei den Aquasud. An do musse mer feststellen, dass mer leider Affer si vun eisem eegene Succès, well den Aquasud zielt mëttlerweil iwwer 400.000 Visiteure pro Joer an eng 3.000 Abonnementer. Wa mer déi Attraktivitéit wëlle bäibehalen, an nach méi grouss maachen, musse mer och investéieren. An enger éischter Phas sinn 1,8 Milliounen Euro virgesinn, fir weider Saachen do ze installéieren.

Als Rappell: Den 18. Dezember 2024 hate mer den APS hei validéiert, wou mer iwwer dee ganze Projet geschwat hunn, iwwer d'Extensioun an d'Renovatioun vum Aquasud. Dat heescht, dat wäert an dräi Phase geschéien. Déi éischt Phas, iwwer déi mer elo haut schwätzen, ass d'Transformatioun vum aktuelle Bâtiment existant.

An enger zweeter Phas gëtt déi bausecht Piscine renovéiert an an där drëtter Phas gëtt d'Extensioun gemaach vum Aquasud, zesumme mat der LUNEX. An eventuell hu mer e Projet mam Ministère de la Santé, wou mer amgaange sinn ze kucken, ob mer do weiderkommen.

Déi dräi Phase sinn u sech ralliéiert. Déi éischt Phas, iwwer déi mer haut

schwätzen, déi Transformatioun, an der Entrée géif déi lassgoen. Ënnen, den Accueil, d'Billetterie, wou d'Automate stinn, dat géif ëmgebaut ginn, do géif ee Bistro entstoen. Et wäerten nei WCen entstoen, och fir Personnes à mobilité réduite. Eng Wand soll dohinner kommen, déi d'Ofgrenzung zum Agank mécht. An déi Wand sollen déi Automaten, déi elo einfach do stinn, integréiert ginn.

Am Beräich vun der Schwämm, bannenan, soll eng nei Terrass entstoen, déi aus Holz gebaut gëtt, wou ee sech e bësse relaxéiere kann, sech do ophale kann.

Et ass ze bemierken, dass mer versichen, all déi Saachen, déi elo schonn do sinn, wat d'Kichen an esou ubelaangt, ze recycléieren, an deem Sënn, dass mer se erëm wäerten, wann et méiglech ass, abauen.

Da géife mer op den zweete Stack goen. Do, wou deen aktuelle Bistro ass, solle Vestiären entstoen. Wéinst deene ville Schoulklassen an deene ville Visiteuren, mussen d'Vestiäre vergréissert ginn, souwuel fir d'Männer wéi fir d'Fraen. Do sollen zousätzlech 130 Casë kommen, wou d'Leit hir Saache kënnen ofstellen.

Wann ee vun deem aktuelle Bistro erausgeet, ass jo esou eng Aart Terrass do, déi soll deelweis ëmgebaut ginn. An zwar soll do eng Sauna oder ee Beräich entstoen, wou d'Leit bekleet kënnen eragoen an eng Sauna, an een Hamam. Do soll och een Eisbrunnen hikommen, Duschen an ee klenge Sejour, wou d'Leit sech kënnen hisetzen oder hileeën, fir e bëssen ze relaxéieren. Dat, wéi gesot, op där aktueller Terrass, déi elo do ass. Déi soll dann esou ëmgebaut ginn, dass dat do kann entstoen.

De Bedreiwer huet eis gesot, dass eng grouss Nofro do wär vu Leit, déi eeben net wëlle plakeg an eng Sauna goen, mee déi wëllen éischter am Schwammdress dohinner goen. Mir denken, dat géif eng Plus-value ginn, fir och deene Leit eng Offer kënnen unzebidden, fir dat ze maachen.

Natierlech muss een dann de Flux kucken. Dat gëtt dann alles esou gereegelt, dass déi eng sech net mat deenen aneren treffen.

An der drëtter Phas wäert d'Administratioun vergréissert ginn. En neit Gebai wäert entstoen, mat engem grousse Fitnessraum, enger Kitchenette, engem Espace bureau, enger Salle de réunion. Dat kann awer eréischt gemaach ginn, wann déi aner Phase realiséiert sinn.

An nach een Zousaz. Déi fënneft Zon, déi Salle de repos bausse vun der Sauna, do soll zousätzlech eng Lounge de sel kommen, e Mur de sel éclairé an en Diffuseur. Déi Salzpartikelen, duerch d'Waasser, wat doduerch geet, déi kënnen dann an d'Loft an dat huet en Effet bénéfique op d'Voies respiratoires, d'Otemweeër, an och op d'Haut. Dat soll och nach do entstoen.

Wichteg ze soen, Début septembre wäert déi éischt Phas, Lounge de sel, ufänken. Wichteg ass och ze wëssen, an dat ass eeben d'Komplexitéit vum Projet, dass déi Aarbechte wärend dem Funktionement vun der Schwämm, also vum Aquasud, stattfannen.

Dat heescht, et ass net virgesinn, dass déi soll elo eventuell zougemaach ginn. Ausser an där Period, wou se souwisou zou si muss, fir déi ganz Machinerie an déi ganz Technik ze iwwerpréiwen.

Dowéinst gëtt et natierlech méi deier, well deelweis nuets muss geschafft ginn. Wichteg ass eis, d'Funktionement ze gewärleeschten. An, wéi gesot, déi Aarbechte bannen am Bâtiment, déi wäerte Mëtt November 2025 ufänken.

De Käschtepunkt ass ongeféier 1,8 Milliounen Euro.

Ech wëll awer och soen, dass mer och lo schonn an der Bausseschwämm ufänken, deen Toboggan, dee gëtt demontéiert. Den 21. vun dësem Mount wäerten déi Aarbechten ufänken, fir deen ofzebauen an deen dann do ze lageren. Well et ass virgesinn, dass deen erëm eng Kéier opgeriicht gëtt. Dat heescht, dat gëtt erëm intern recycléiert bei eis, dee gëtt erëm benotzt.

D'Piscine en plein air, do si mer amgaangen ze kucken, mir hunn d'Autorisatiounen, fir elo deelweis schonn ofzerappen. Dat wäerte mer relativ schnell maachen, fir kee Risiko anzegoen, wann déi Basengen iwwer de Summer esou bleiwen, net dass Leit op eemol op

*gement de terrains supplémentaires à certains endroits de la commune. (Vote)*

**TOM ULVELING (CSV)** *aborde le point concernant Aquasud, constatant qu'ils sont victimes de leur propre succès avec plus de 400 000 visiteurs annuels et 3000 abonnements. Pour maintenir et accroitre cette attractivité, des investissements s'imposent.*

*Une première phase prévoit 1,8 million d'euros d'installations supplémentaires. Le projet de transformation comprendra la rénovation de l'entrée, de l'accueil, de la billetterie avec intégration des automates dans un nouveau mur, la création d'un bistro, de nouveaux sanitaires accessibles aux personnes à mobilité réduite, et d'une terrasse en bois pour la détente.*

*Au deuxième étage, le bistro actuel deviendra des vestiaires plus spacieux avec 130 casiers supplémentaires, et la terrasse deviendra un espace sauna, hammam, fontaine de glace, douches et zone de relaxation.*

*Tom Ulveling explique que l'exploitant a signalé une forte demande de personnes souhaitant utiliser le sauna en maillot de bain plutôt que nus. Cette offre représenterait une plus-value pour répondre aux besoins de cette clientèle. Il précise que les flux seront organisés pour éviter que les deux types d'usagers ne se croisent.*

*Dans la troisième phase du projet, l'administration sera agrandie avec la construction d'un nouveau bâtiment comprenant une grande salle de fitness, une kitchenette, un espace bureau et une salle de réunion. Cette étape ne pourra être réalisée qu'après l'achèvement des phases précédentes. Un ajout est prévu à l'extérieur du sauna avec un lounge de sel et un mur de sel rétroéclairé, dont les particules salines ont des effets bénéfiques sur les voies respiratoires et la peau.*

*Il annonce que la première phase, comprenant le lounge de sel, débutera début septembre. Il souligne la complexité du projet puisque les travaux se dérouleront pendant le fonctionnement d'Aquasud, sans fermeture prévue, sauf durant les périodes de maintenance technique*

*obligatoire. Cette contrainte engendre des surcouts, car certains travaux devront être effectués de nuit. Le maintien du fonctionnement reste prioritaire. Les travaux à l'intérieur du bâtiment commenceront mi-novembre 2025, pour un cout total de 1,8 million d'euros.*
*Concernant le toboggan extérieur, son démontage commencera le 21 de ce mois. Il sera stocké en vue d'une réinstallation ultérieure, dans une logique de recyclage interne. Pour la piscine en plein air, les autorisations sont obtenues pour procéder rapidement au démantèlement partiel, évitant ainsi tout risque d'intrusion nocturne et d'accident dans les bassins vides. Les plans, déjà présentés, resteront similaires à ceux initialement prévus dans l'APS.*
*L'extension d'Aquasud prévoit des espaces pour LU:NEX, un bassin d'apprentissage pour les écoliers et un agrandissement significatif de l'espace fitness, l'actuel étant devenu insuffisant. Un promoteur pourrait construire un hôtel sur le site. En collaboration avec le ministère de la Santé, moyennant des modifications législatives, une synergie pourrait être créée entre LU:NEX, la SportFabrick et le CHEM avec son service sportif, permettant notamment des interventions coordonnées en matière de réhabilitation.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *se félicite du succès d'Aquasud, rappelant que beaucoup étaient sceptiques initialement et que le courage politique est parfois récompensé. Il signale que de nombreux abonnés ne trouvent pas de places dans les cours et qu'il faudrait en augmenter l'offre.*
*Il aurait préféré que la piscine extérieure soit traitée en priorité et s'inquiète qu'elle reste fermée encore au moins un an. Il demande des précisions sur le financement entre la commune, Vert marine, LU:NEX et le ministère, mais approuve le devis de la phase I.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *juge le calendrier de rénovation ambitieux et insiste sur l'importance d'informer les usagers de la piscine et les riverains, particulièrement concer-*

d'Iddi kommen, nuets do wëllen eranzeklammen an dann op eemol fält een an ee vun deene Basengen, net dass do eppes geschitt. Dofir si mer besuergt, dass mer esou schnell wéi méiglech dat alles ofrappen.

An dann natierlech déi Pläng finaliséieren, déi der schonn eng Kéier gesinn hat hei, déi plus ou moins wäerten d'selwecht bleiwe wéi dat, wat initialement virgesi war, am APS.

Dat eenzegt, wou mer nach e bësse mussen dru schaffen, dat ass, wéi gesot, déi Extensioun vun dem Aquasud, wou virgesinn ass ee ganze Koup Raim fir d'LUNEX ënnerzebréngen, wou ee Lernschwimmbecke fir eis Schüler virgesinn ass, wou natierlech och e rise Fitness virgesinn ass, fir uewen de Fitness ze vergréisseren, well deen aktuellen, à ce stade, net méi duergeet fir déi Mass u Leit, déi do kommen.

An da si mer och natierlech amgaangen ze iwwerleeën, ob een net awer vläicht – do hätte mer eventuell ee Promoteur, dee bereet wär, do een Hotel ze bauen. A wa mer dat géifen hikréien, dann hätte mer ee Projet och mam Ministère de la Santé.

Wéi gesot, do mussen awer nach Gesetzer geännert ginn, bis mer dat kéinten da realiséieren, wou mer dann do kéinten awer eng flott Synergie schafen tëschent der LUNEX, der Sportsfabrick, dem CHEM, mat sengem Sportsservice. Soudass mer do op där Plaz all déi Intervenanten hätten, déi flott kéinten, zum Beispill, am Fall vun enger Reha, do matwierken. Dat si mer amgaangen ze kucken, ob mer dat hikréien.

Déi Pläng, dat ass an där drëtter Phas, wéi gesot, de Bäibau vum Aquasud. Dat wäert nach e bëssen daueren.

Ech hoffen, dass der genuch Informatioune kritt hutt. Dir hutt och vill schéi Biller kritt. Den Dossier ass kompakt an iwwersiichtlech. Et géif mech freeën, wann Der dat haut géift stëmmen, fir dass mer virukommen an de Leit dat bidde kënnen, wat se sech erwaarden. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wuertmeldungen? Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Et geet hei ëm d'Phas 1, dem Aus- an Ëmbau vum Aquasud. Mir hunn et héieren, méi genau ëm den Ëmbau vum Entrées- an dem Bistrosberäich, Devis opgeronnt 1,8 Milliounen Euro.

Mir freeën eis, dass den Aquasud esou ee grousse Succès huet. Et ware jo vill Leit skeptesch am Ufank, och heibannen. Heiansdo muss een eeben e bësse Courage weisen. De Succès gëtt engem da Recht!

Mir krute matgedeelt, dass ganz vill Leit een Abonnement bezuelen, awer quasi keng Plazen an de Coursë kréien. Do missten onbedéngt Coursë bäigesat ginn. Dee Message sollte mer nach hei matbréngen.

Gewënscht hätte mer eis awer, dass d'oppe Schwämm als éischt an Ugrëff geholl gi wär. Et gesäit duerno aus, wéi wa se nach minimum ee weidert Joer zou géif bleiwen – wann et domadder duergeet, wat ech net gleewen.

Eng Fro hätte mer zum Finanzement: Wie bezilt beim ganze Projet wat, d'Gemeng, Vert- Marine, d'LUNEX, de Ministère? Mir hunn do iwwerhaapt keng Informatiounen.

Nichtsdestotroz bleiwe mer weider favorabel zum ganze Projet Aquasud. Mir stëmmen dësen Devis fir d'Phas 1 gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Weider Wuertmeldungen? Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Merci fir all déi Explikatiounen, Här Ulveling, respektiv wat den Här Meisch gesot huet.

Den Timeline fir d'Renovatioun schéngt eis och e bëssen ambitiéis. Et muss gutt strukturéiert sinn. Wichteg ass, datt den Usager, d'Clientë vun der Schwämm, mussen informéiert sinn iwwer den Oflaf vun den Aarbechten. An d'Leit am Quartier, déi do wunnen, ass ganz wichteg, dass se informéiert sinn iwwer d'Nuetsaarbechten.

Am Kader vun der Mobilité douce, ech hunn de Rapport vun der Finanzkommissioun gelies, profitéieren ech, fir hei ze soen, mir brauchen een Abris de bus couvert. An och, fir driwwer nozedenken – firwat net –, fir hei eng Piste cyclable sécurisée ze schafen. Et kéint eventuell gekuckt ginn, wa mer elo ufänke mat der Phas 1, fir dat matanzeplangen.

Dat alles gesot, begréisse mir natierlech de Projet a mir ënnerstëtzen och d'Phas 2 an 3. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, den Här Meisch huet et gesot, an et ass allgemeng gesot ginn, dass den Aquasud ee grousse Succès ass. Jo. Ech mengen, et muss een awer och ganz kloer ënnerscheeden, d'Infrastruktur an de Mode de gestion.

Als déi Lénk Déifferdeng hu mir ni déi Infrastruktur u sech kritiséiert, guer net. Mee wat mer kritiséieren, a weiderhi kritiséieren, an eis och am Wee steet, fir kënne voll a ganz esou ee Projet a weideren Ausbau ze ënnerstëtzen, dat ass de Mode de gestion.

Dat heescht, dass mir hei an engem PPP sinn, an engem Partenariat mat enger Privatentreprise, déi d'Schwämm ganz iwwerhëlt souzesoen. Mir finanzéieren hei, en gros, de Steen. Ech gi schonn dovunner aus, dass dee ganzen Devis, dee mer elo hei stëmmen, mer deen och selwer finanzéieren. An dass dat nom nämmlechte Modus ofleeft wéi déi lescht Joerzéngten, wou mer déi Infrastruktur, de Bau dovunner, jo och finanzéiert hunn.

En échange iwwerhëlt déi Privatentreprise d'Gestioun. Dat heescht: Si stellen d'Personal an, zu Salaireskonditiounen, déi am private Secteur kënne gëllen an déi bei enger Gemeng net gëllen. An dat ass einfach een Outsourcing, deen eis Gemeng hei mécht vun engem Service public.

Well eng oppe Schwämm an déi zoue Schwämm, dat ass ee Service public, dee grondleeënd ass fir eng Gemeng. Eis Schoulkanner ginn dohinner schwammen. An et geet och net duer – an do gesinn ech och elo nach net, wou d'Léisung an deem heiten Ausbau wär, dass do méi Schoulkanner kënne schwamme goen, eis Leit kënnen do schwamme goen, fir d'Gesondheet, fir de Sport, fir d'Fräizäit, ass dat eng ganz wichteg Funktioun. An d'oppe Schwämm huet eng ganz wichteg Funktioun, zum Beispill, och wann et ganz waarm ass. Well d'Konsequenz, wann ee keng oppe Schwämm huet, ass dass ëmmer méi Leit sech privat Schwämme maachen, wat de Waasserverbrauch enorm an d'Luucht dreift, a wann et just eng mobil Installatioun ass.

Alles dat, fir ze soen, dass, eng Schwämm ze hunn – an Déifferdeng war do Virreider, och zu Lëtzebuerg, hat ganz fréi eng Schwämm, huet ganz vill dran investéiert, zu engem Moment, wou et och ganz wichteg war, dass Leit sech konnten enzwousch beweegen, an eng Dusch goen, wou net jiddereen doheem déi hygienesch Konditiounen hat an esou weider an esou fort. Dat heescht, dat huet och eng gewëssen Historie.

An dee Service public hu mer mam Aquasud privatiséiert. Dat heescht, mir hunn et an d'privat Hand ginn, fir d'Käschten ze reduzéiere fir d'Gemeng. An dat kritiséiere mer. Mir kritiséieren net déi Installatioun u sech. Déi Saachen, déi do gebuede ginn, déi si gutt. An et ass och gutt, déi auszebauen. Dat ënnerstëtze mer.

Mee mir fannen, dass alles soll gemaach ginn, dass d'Gemeng déi ganz Schwämm erëm zréckhëlt, sou wéi dat och elo mam Stadion gemaach ginn ass. Do huet d'Gemeng dee Schratt gemaach, dass dat net méi ee PPP ass. Da

*nant les travaux nocturnes. Il propose d'aménager un abri de bus couvert et une piste cyclable sécurisée dans le cadre de la mobilité douce, suggérant d'intégrer ces éléments dès la phase I. Il soutient l'ensemble du projet.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *commence par distinguer l'infrastructure du mode de gestion, reconnaissant le succès d'Aquasud. Il précise que son parti n'a jamais critiqué l'infrastructure en tant que telle, mais conteste le mode de gestion actuel. Il explique que la commune se trouve dans un partenariat public-privé, où l'entreprise privée reprend entièrement la gestion de la piscine. La commune finance la construction du bâtiment et l'infrastructure, tandis que l'entreprise privée assure la gestion en contrepartie. Cette dernière emploie du personnel selon les conditions salariales du secteur privé, qui diffèrent de celles du secteur public communal. Gary Diderich considère cette situation comme une externalisation d'un service public fondamental, car les piscines couvertes et découvertes constituent un service public essentiel pour une commune.*

*Il souligne l'importance de ces installations pour les écoliers, qui viennent y nager, ainsi que pour la santé, le sport et les loisirs de la population. Il insiste particulièrement sur le rôle crucial de la piscine en plein air pendant les périodes de forte chaleur, expliquant que son absence pousse les citoyens à installer des piscines privées, ce qui augmente considérablement la consommation d'eau.*

*Il souligne que Differdange a été précurseur au Luxembourg en matière d'équipements aquatiques en investissant tôt dans une piscine. À l'époque, il était important que les gens puissent se laver et maintenir une hygiène correcte, ce qui n'était pas toujours possible à domicile.*

*Gary Diderich affirme que ce service public a été privatisé avec Aquasud pour réduire les couts pour la commune, ce que son parti critique fermement. Il ne s'oppose ni aux installations ni à leur extension, mais souhaite que la commune reprenne entièrement la ges-*

*tion de la piscine, comme cela a été fait pour le stade.*
*Il critique également l'absence de calendrier pour la piscine en plein air dans le dossier actuel et s'interroge sur la capacité future de l'installation, notant qu'il ne reste manifestement qu'un seul bassin, qui sera destiné aux loisirs et non plus à la natation sportive.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *confirme que les commissions des sports, des finances et des subsides ont émis un avis positif auquel son parti se rallie. Il mentionne les transformations prévues dans une première phase sans entrer dans les détails, précisant que, lorsque le projet sera achevé, le complexe devra offrir tous les services nécessaires.*
*Pour lui et son parti, l'élément le plus important est l'augmentation des heures disponibles pour les enfants, car il est essentiel qu'ils sachent nager à la sortie de l'école primaire.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue la modernisation et la mise aux normes de la piscine existante ainsi que son extension. Il souligne qu'il serait maintenant opportun d'établir un concept de financement avec les partenaires impliqués pour avoir une vision claire de l'ensemble du projet. Il note que le principal problème concernait l'exploitation de la piscine en plein air, qui était souvent fermée lors des périodes de chaleur pour diverses raisons, tandis que la piscine couverte fonctionnait généralement bien. Il envisage le futur complexe comme un ensemble, où piscines couverte et découverte fonctionneront en synergie.*

soll dat och mat der Schwämm geschéien. Et ass jo och de Beweis, dass et dann och méiglech ass, dat ze maachen.

Wat ech elo hei am Dossier konkreet kritiséieren, dat ass, vun der oppener Schwämm läit mol nach guer kee Planning bäi, wéini déi soll kommen. Et si ganz graff Biller do, wéi dat soll ausgesinn. Wou d'Kommissioun, zu Recht, och gefrot huet, wéi vill Leit si bis elo ëmmer an d'Schwämm gaangen a wéi vill Capacitéit wäert déi dote Schwämm nach hunn? Well hei ass manifestement just nach ee Baseng do. An dat ass just nach ee Fräizäitbaseng a kee Schwammbaseng méi. An déi Chiffere misst ee kréien.

Meng Fro un de Schäfferot ass, wéi d'Planung vun der oppener Schwämm weider soll goen, well se wierklech feelt, wann esou waarm Deeg sinn, wéi mer se an de leschte Woche schonn haten. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Olten, wannechgelift.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci fir d'Wuert. Wéi mir gesinn, op der Cloud, hunn d'Sports-, d'Finanz- an d'Subsidekommissioun e positiven Avis ofginn, deem mir eis uschléissen.

An enger éischter Phas wäerten Transformatioune gemaach ginn, wou ech net an den Detail ginn. Ech mengen, den Här Ulveling huet dat jo scho gutt erkläert. Ech wollt awer dozou soen, wann dee ganze Projet ofgeschloss ass, dass do alles ugebuede soll ginn, wat esou ee Komplex muss hunn. A fir mech dat Wichtegst – an ech mengen, och fir meng Partei – ass, dass mer erëm méi Stonne kréie fir eis Kanner. Well et ass wichteg, dass déi schwamme kënnen, wa se aus der Grondschoul eraus kommen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Olten. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Mir hunn elo villes héieren, wat do geschéie wäert. Mir begréissen, dass mer déi Schwämm moderniséieren, dass mer se op deen neiste Stand bréngen. Dat heescht dat bestoend Gebai an och den Ausbau. Ech mengen, mir sinn hei elo mat der Phas 1 befaasst. Ech mengen, et wär awer och elo un der Zäit, wéi och schonn hei gesot ginn ass, dass mer elo géifen e Finanzéierungskonzept opstellen, zesumme mat de Partner, déi do mat am Coup sinn, dass mer awer gesinn, wou dat Ganzt hiféiert.

Well, wann ech elo kucken, dann hu mer en Artikel, wou mer déi 1,8 Milliounen drop buchen. Wat eng direkt Depense ass, déi mer iwwer de Budget kënnen assuréieren. Mee ech mengen awer, mir misste Wäitsiicht hunn an dee ganze Projet vun, ech weess et net, 20 Milliounen +, awer herno och am A behalen, wéi mer dat weiderféieren.

Et ass geschwat ginn hei vun der oppener Schwämm. Den Haaptprobleem war d'oppe Schwämm an der Exploitatioun. Et gouf ni ee Probleem mat der zouener Schwämm. Do huet ee sielen eppes héieren. Dat huet u sech ganz gutt funktionéiert. Mee d'oppe Schwämm, do hate mer vill Kritik an deene leschte Joren, iwwer d'Exploitatioun. Dat heescht, dass se, zum Beispill, wann et waarm war, oft zou war, aus verschiddene Grënn.

A wa mir awer elo kucken, mir hunn eis och Gedanke gemaach iwwer dat, wat hei gesot ginn ass, och iwwer d'Gréisst vun där zukünfteger oppener Schwämm, dat soll een als ee Komplex gesinn. Dat heescht, et wäert herno een Zesummespill ginn tëschent oppener an zouener Schwämm. Well, ech mengen, een, dee gäre Längte schwëmmt, deen ass gär an engem Baseng, deen net iwwerfëllt ass mat Leit, déi sech nëmmen eng Kéier ofkille ginn. Dee géif gär schwammen. An dat bréngt ee schwéier nëmme färdeg an engem Baseng, dee baussen ass, wou dann déi zwou Kategorië vu Leit, déi eng an déi aner sinn. An déi, déi schwamme wëllen, déi zéien do dee Kierzeren.

Dofir ass et och wichteg, dass déi zoue Schwämm op ass an net, wéi et esou oft hei beanstand ginn ass, dann nëmmen

eng op war oder déi aner. An dat soll jo an Zukunft anescht ginn.

Haut stëmme mer iwwer ee Projet vun 1,8 Milliounen Euro of. Selbstverständlech begréisse mir all déi aner Initiativen: deen Neibau an och d'Erneierung vun der oppener Schwämm, vum Freibad. Also ech kann Iech soen, et héiert een immens vill positiv Echoen iwwer eisen Aquasud, sief dat an der Gemeng oder ausserhalb vun der Gemeng. Déi Zuelen, déi den Här Ulveling virdru matgedeelt huet, déi beweisen dat jo och, dass dat eent vun deenen attraktiivste Schwimmbäder hei an dëser Regioun ass.

Ech mengen, et däerf een och net alles a Fro stellen; et sinn awer och Saachen, déi gutt funktionéieren. Et ass elo eeben an Zukunft ze kucken, déi Partnerschaft, wann een déi ënner iergendenger Form weiderféiert, dass déi esou opgebaut ass, dass dat respektéiert gëtt. Och d'Interête vun der Gemeng, haaptsächlech.

Ech mengen, dorëms geet et jo, dass d'Populatioun, also d'Bedreiwer, a virun allem och dee politeschen Deel, dee jo awer dee wichtegsten ass, well mir si responsabel fir déi Anlag, dass dat ofgestëmmt ass. An dofir gëtt et jo och ee Comité d'accompagnement, ee Groupe d'accompagnement mam Exploitant, wou déi Froen do all zesumme beäntwert ginn.

Op jidde Fall stëmme mir deen do Montant mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier un den Här Ulveling, fir ze äntwerten, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Fir d'éischt den Här Meisch. Ech mengen, et ass kloer, dass d'Gemeng dat alles finanzéiere wäert. Natierlech kucke mer, ob et méiglech ass, iergendwellech Subsiden u Bord ze kréien.

Ech wëll dem Här Gary Diderich soen, ech versti seng Suerg. Ech verstinn och, wat hie soe wëllt. Mee, op där anerer Säit, ech mengen, déi Firma, mat där mer elo zesummeschaffen, déi bedreift eng 40 Schwammbieder. An déi sinn eis awer och ee gudde Conseil, an deem Sënn, dass se eis soen, wat haut gefrot ass a wat haut net gefrot ass.

Ech mengen, dass mer, ënner dem Stréch, awer och ee ganze Koup Sue spueren. Well mer, wa mer se net hätten, vläicht eppes gebaut hätten, wat haut net méi esou verlaangt ass. Notamment soe si eis, d'Leit recherchéieren ee Bassin ludique, wéi een dat esou nennt. D'Leit ginn an eng Schwämm mat de Kanner, fir e bëssen ze spillen. Si schwammen eng, zwou Längten an dann ass et gutt. Et ass manner wéi fréier, wou d'Leit da wierklech dohinner gaange sinn, fir Längten do ze drummen. An ech mengen, et ass awer och wichteg, dass een dee Volet matkritt.

D'Capacitéit gouf ugeschwat. Mir sinn eis deem bewosst. Mee mir si jo amgaangen, zesumme mat dem Staat an der EIDE, eng nei Schwämm ze plangen, do, wou eis fréier technesch Déngschter waren am CID. An do wäre virgesinn, fir d'Gemeng Déifferdeng, dass mer zwee oder dräi Couloiren – et ass nach net genau festgeluecht –, zougesprach géife kréien. Dass mer déi och da kéinten notze fir de Schoulsport. Well eis ass och wichteg hei am Schäfferot, dass all Kand, wat aus dem Primär eraus kënnt, awer misst kënne schwammen.

Dat anert, mat der oppener Schwämm an all deene Projeten, d'Phas 2 an 3, den Här Muller huet e bësse kritiséiert, dass et net schnell genuch geet. Mee mir hunn ambitiéis Iddien an ambitiéis Vuen. Wa mer déi net hätten, wäre mer natierlech vill méi schnell ënnerwee. Mee, well mer awer d'Potenzial gesinn, wat ech Iech virdrun e bëssen erkläert hunn, well mer do d'Potenzial vu Synergië gesinn, déi eise Bierger zegutt kommen, mee awer och dem ganze Süde géifen zegutt kommen, komme mer vläicht e bësse manner schnell virun, mee et ass awer d'Bestriewe vun dem Schäfferot, fir spéitstens 2027 eng oppe Schwämm stoen ze hunn.

Mir schaffen drun a mir gi Gas. Mee, wéi gesot, mir sinn nach tributaire vun e puer Decisiounen, déi op engem ane-

*Il conclut en mentionnant les nombreux échos positifs concernant Aquasud, tant dans la commune qu'à l'extérieur, et affirme que le parti soutient le montant proposé.*

**TOM ULVELING (CSV)** *prend la parole pour répondre aux préoccupations soulevées. Il confirme que la commune financera l'ensemble du projet et explorera les possibilités d'obtenir des subsides.*
*S'adressant à monsieur Diderich, il comprend ses inquiétudes, mais souligne que l'entreprise avec laquelle ils collaborent gère quarante piscines et leur prodigue de précieux conseils sur les besoins actuels du marché. Cette expertise leur permet de réaliser des économies substantielles en évitant de construire des infrastructures dépassées. Il explique que les usagers recherchent aujourd'hui davantage un bassin ludique, où les familles peuvent jouer avec leurs enfants, plutôt qu'un bassin traditionnel destiné à l'entrainement intensif.*
*Concernant la capacité, Tom Ulveling reconnait les défis, mais indique qu'ils planifient, en collaboration avec l'État et l'EIDE, une nouvelle piscine sur l'ancien site des services techniques du CID. Cette installation prévoirait deux ou trois couloirs réservés à la commune de Differdange pour le sport scolaire. Le collège échevinal considère comme essentiel que chaque enfant sortant du primaire sache nager.*
*Quant aux critiques de monsieur Muller sur la lenteur du projet, il répond que leurs idées et visions ambitieuses ralentissent certes le processus, mais le potentiel des synergies créées bénéficiera non seulement aux citoyens de Differdange, mais à toute la région du sud. Le collège échevinal s'engage à ce qu'une piscine ouverte soit opérationnelle au plus tard en 2027, tout en précisant qu'ils restent tributaires de décisions prises à d'autres niveaux.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point suivant concernant le projet Déiffedeng: eng Stad hëlleft.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *présente ce projet pour lequel la commune prévoit une enveloppe budgétaire destinée aux associations, principalement des ONG actives dans l'aide au développement. Un groupe de travail représentant tous les partis du conseil communal supervise cette initiative. La présence de tous les partis lors de la réunion du 24 juin souligne l'importance de ce projet, qui tient à cœur à chacun.*
*La distribution des fonds s'effectue désormais deux fois par an, en juillet et décembre, garantissant ainsi la disponibilité temporelle des ressources pour les projets. Ces dons importants visent à offrir aux personnes en situation difficile une perspective durable vers une vie autonome et indépendante, tout en générant un impact positif sur l'ensemble de la région.*
*Le programme soutient une large palette de projets incluant l'éducation des enfants, des jeunes et des adultes, les droits des femmes et les initiatives agroécologiques. Ces projets offrent non seulement des opportunités d'emploi, mais garantissent également la sécurité alimentaire locale. Jerry Hartung souligne l'importance de la gestion des sols arides dans la lutte contre le changement climatique et se réjouit de la diversité des projets soutenus.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *salue cette initiative comme une grande plus-value pour Differdange et remercie le groupe de travail.*

ren Niveau musse geholl ginn, wéi eisem. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Wann et keng Wuertmeldunge méi gëtt, da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix non d'approuver le devis et les plans concernant la phase 1 des travaux d'extension et de transformation d'Aquasud Oberkorn.*

Ech soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 3, dee behandelt „Déifferdeng, eng Stad hëlleft". Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Fir de Projet „Déifferdeng, eng Stad hëlleft" gesäit d'Gemeng Déifferdeng eng Budgetsenveloppe vir, fir un divers Associatiounen, an der Haaptsaach ONGen, an der Entwécklungshëllef ze spenden.

Heifir gëtt et een Aarbechtsgrupp, wou all d'Parteien aus dem Gemengerot vertruede sinn. Dass all Partei de 24. Juni bei der Ausschaffung present war, ënnersträicht d'Bedeitung vun dësem wichtege Projet, dee jidderengem heibannen um Häerze läit.

Wéi mëttlerweil üblech, ass geplangt, d'Verdeelung zweemol am Joer ze beschléissen, eemol am Juli, also haut, an eemol am Dezember. Dëst garantéiert, datt d'Fonge fir d'Projeten zäitlech disponibel sinn.

Déi grouss Spende sollen dozou bäidroen, Mënschen a schwéiere Situatiounen laangfristeg eng Perspektiv op ee selbstbestëmmt an en eegestännegt Liewen ze bidden an ee positiven Impakt op déi ganz Regioun ze erreechen.

An dësem Kader ënnerstëtze mir eng breet Palett u Projeten, ënner anerem, am Beräich vun der Kanner-, Jugend- an Erwuessenebildung, Fraerechter, souwéi agroökologesch Initiativen.

Dës Projete bidden net nëmmen d'Chance op Aarbecht, si suergen och dofir, datt d'Leit an der Regioun genuch Liewensmëttel zur Verfügung hunn.

Zousätzlech ass et wichteg ze betounen, datt d'Bewirtschaftung vu kargem Buedem eng zentral Roll am Kampf géint de Klimawandel spillt.

Et ass schéin ze gesinn, datt mir eng grouss Villfalt u Projeten op verschiddene Plaze kënnen ofdecken, well esou ginn déi verschidden Aspekter berécksiichtegt. E puer Initiative si méi breet ugeluecht, anerer konzentréiere sech méi op spezifesch Bedierfnisser.

Den Aarbechtsgrupp huet all d'Demanden analyséiert an eng Verdeelungspropos ausgeschafft, déi, wéi am Dossier ze gesinn ass, vum Schäfferot ouni Awänn ugeholl gouf. Ech bieden Iech, dës Propos matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen zu deene Proposen oder zu deenen Detailer? Madamm Schütz, ech hat Iech elo bal net bemierkt. Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien un Iech all heibannen am Sall an och un eis Nolauschterer dobaussen, natierlech. Ech mengen, et ass schonn oft gesot ginn, et ass fir eis Gemeng Déifferdeng eng grouss Plus-value, dass an eisem Budget ordinaire all Joer erëm dësen Artikel steet, fir „Déifferdeng, eng Stad hëlleft". Hei geet et, wéi Dir, Här Hartung, gesot hutt, ëm d'Hëllefsorganisatiounen hei zu Lëtzebuerg oder och am Ausland, ëm all déi sozial Aspekter, wat Der elo eis opgezielt hutt. Vill ONGe sinn natierlech och ugewisen op déi Donen, déi d'Gemenge respektiv déi privat Leit maachen.

Et geet hei och ëm eng ganz Rei Krittären, wéi Der gesot hutt, fir dës Suen ze verdeelen. Duerfir ee grousse Merci un

dee ganze Grupp, wou dann och ee Member vun eis Gréngen drasëtzt, déi all Joer zesummekommen, fir dës Lëscht opzestellen.

Trotzdeem erlaabt mer eng Bemierkung zu de Montanten. Ech weess, dass et jo de But ass, dass et grouss opgestallt ass an dass et esou vill wéi méiglech Associatioune respektiv ONGe sinn, wou soll gehollef ginn. Mee déi ganz minikleng Beträg vun 100 Euro oder 15 Euro, froen ech mech ëmmer – als Privatmann kritt een nämlech gesot, dass ee groussen Deel, wann een esou een Don mécht, un administrative Käschten ewechfält. An dann, leider, vun deem klengen Don net méi vill iwwreg bleift.

Zum Beispill, ech gräifen op: Handicap International, wat jo awer eng ganz grouss ONG ass, do ass ee Montant vun 100 Euro, wat fir si u sech jo ee mini Montant ass. An einfach mäin Uleies ass: Wär et vläicht awer net sënnvoll, dass ee verschidden esou kleng Done gruppéiert an dann nëmmen all puer Joer een Don mécht, einfach, well esou vill Fraisen ewechfalen. Well eist Uleies ass et jo, dass déi Sue fir ee gudden Zweck, enger Hëllef zegutt kommen an net an deen administrativen Deel.

Jiddefalls mir Gréng wäerten dat vollkomme mat engem grousse Jo matstëmmen. An ech soen Iech Merci fir d'Wuert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, dëse Punkt um Ordre du jour ass een, dee mer zënter enger Rei Joren all Joer hunn. Dee ganz wichteg ass a wierklech een Akt vu Solidaritéit ass vun der Gemeng. Ech mengen, et gëtt net vill Gemengen, déi esou ee groussen Deel vun hirem Budget reservéiere fir Entwécklungsaarbecht respektiv Kooperatioun.

D'Philosophie hanner der Selektioun vun den Dossieren – ech sinn do och mat am Grupp – ass, en effet, fir déi ONGen, déi ee konkreete Projet eraginn, wou ee genee weess, wat een als Gemeng Déifferdeng erméiglecht a kofinanzéiert. A wou een och weess, dass et Agremente ginn, respektiv esouguer Accord-cadrë gëtt mam zoustännege Ministère, fir do dann ee gudden Deel bäizesteieren.

Bei deenen ONGen, déi einfach e Spendebréif maachen, wéi een en och heem kritt, do hu mer proposéiert, en Don ze maachen, sou wéi een, deen e Bréif kritt, deen toutes boîtes esou verschéckt gëtt.

Ech mengen net, dass déi kleng Montanten den administrativen Opwand ausmaachen, an deem Fall, mee eeben d'Gréisst a wéi ee sech opstellt als ONG, wéi vill Kommunikatiounsaarbecht ee mécht, wéi vill Broschüren ee mécht.

An dat war schonn ee Krittär, dee gekuckt ginn ass, dass een déi Projeten, déi elo net schonn déi grouss Moyenen hunn, an am Fong wierklech d'Ënnerstëtzung vun der Déifferdenger Gemeng néideg hätten, fir dass de Projet sech kann ëmsetzen, déi dann och mat méi signifikante Montanten ze ënnerstëtzen. Déi awer ganz wäertvoll Aarbecht maachen, wou vill Leit souwisou och scho bäisteieren zu där Aarbecht. Fir do ee Bäitrag ze maachen als Déifferdenger Gemeng, ee vu villen.

Ech mengen elo net, dass dat Käschte bedeit, op där anerer Säit, mee éischter en Deel vun deem Ganzen ass. An dat jo och mat hire Bréiwer, d'Strategie ass, dass se wëlle vu ville Leit kleng Done kréien. An déi dat och hikréien an och esou opgestallt sinn, wat net ëmmer de Fall ass fir méi kleng ONGen.

An deem Sënn ënnerstëtzen ech d'Propos, déi de Schäfferot hei mécht, déi jo och vun deem Grupp ausgeschafft ginn ass, a freeë mech, dass mer laangfristeg eng Rei Projete schonn iwwer d'Jore konnte weiderbréngen an a gewëssene Géigenden ee konkreeten Impakt och konnten hunn. Ech soen Iech Merci.

*Elle soulève néanmoins une préoccupation concernant les montants minimes de 100 € ou 150 €, s'interrogeant sur leur efficacité au vu des frais administratifs.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *évoque l'importance de cet acte de solidarité communale exceptionnel. Il explique la philosophie qui guide la sélection des dossiers pour le soutien aux ONG. Il participe lui-même au groupe de travail et précise que pour les ONG présentant des projets concrets, où la commune de Differdange sait exactement ce qu'elle permet et cofinance, et où existent des accords ou même des accords-cadres avec les ministères compétents, la commune contribue substantiellement.*
*Concernant les ONG qui envoient simplement des lettres de demande de dons, similaires à celles reçues à domicile par distribution générale, le groupe propose de faire un don modeste, comme le ferait un particulier. Il estime que ce ne sont pas les petits montants qui justifient la charge administrative, mais plutôt l'envergure de l'ONG, son travail de communication et le nombre de brochures produites.*
*Un critère important examiné est de soutenir avec des montants plus significatifs les projets qui n'ont pas déjà de grands moyens et qui ont réellement besoin du soutien de la commune de Differdange pour se réaliser. Ces projets font un travail très précieux, même si beaucoup de personnes y contribuent déjà. La commune apporte ainsi sa contribution parmi d'autres.*
*Il note que les grandes ONG ont une stratégie visant à recevoir de petits dons de nombreuses personnes, ce qui n'est pas toujours le cas pour les plus petites organisations. Il soutient donc la proposition du collège échevinal, élaborée par le groupe de travail, et se réjouit que la commune ait pu, au fil des années, faire avancer une série de projets ayant un impact concret dans certaines régions.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie monsieur Diderich et confirme que ses questions ont été largement couvertes. Il réaffirme que la commune recherche des projets concrets avec lesquels elle peut s'identifier. Certaines ONG envoient cinq ou six demandes par an ; ce sont de grandes organisations pour lesquelles un montant plus important n'aurait pas d'impact significatif. La commune examine vraiment des projets concrets selon ses critères, pour soutenir ceux qui n'auraient pas les moyens autrement. Ces ONG ont généralement des accords et des accords-cadres avec l'État.*
*La liste comprend trente associations différentes pour un total d'environ 175 000 €. Le groupe a décidé que, même pour les petits montants, la commune fait le geste normal d'un don modeste. Pour les montants plus importants, la commune peut suivre précisément les projets, recevoir des rapports, et même être invitée aux assemblées générales.*
*(Vote)*

**TOM ULVELING (CSV)** *présente une modification mineure du PAP concernant le projet Zwësche Lauterbännen, où le Niederkorn Mall est en construction. La modification permet de construire une petite passerelle pour accélérer l'avancement du deuxième volet. Cette partie est intégrée dans la première phase alors qu'elle était prévue dans la deuxième. Le projet reste identique.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *exprime son opposition, non pas à cause de la modification elle-même, qui est mineure, mais parce que déi Lénk devient de plus en plus critique envers ce projet. Après avoir reçu progressivement des informations sur le concept, notamment le fait qu'il mise en partie sur la vente de tabac pour attirer les clients, il considère que ce n'est pas un projet durable, incompatible avec NetZeroCities.*
*(Vote)*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Här Hartung, nach eng Kéier.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Merci, Här Diderich, ech mengen, Dir hutt elo u sech alles beäntwert vun der Fro. Et gëtt gekuckt, datt mer konkreet Projeten hunn, mat deene mer eis och kënnen identifizéieren. Et si verschidden ONGen, do kritt Der fënnef-, sechsmol am Joer eng Demande. Wéi den Här Diderich seet, dat si grouss ONGen, wa mer deene méi ee grousse Montant ginn, huet dat bei deene keen Impakt. Mir kucke wierklech, ganz konkreet Projeten, zu eise Krittären, ze ënnerstëtzen. Déi soss net déi Moyenen hätten. Natierlech hunn déi ONGen och alleguerten een Agrement vum Staat an een Accord-cadre, meeschtens.

Wa mer eis déi Lëscht hei ukucken, do sinn 30 verschidden Associatiounen. Mir kommen op en Total vu bal 175.000 Euro. Ech mengen, Dir hutt elo wierklech déi ganz kleng erausgepickt. D'Alternativ wier, dann iwwerweise mer hinne guer näischt. Mee och do hu mer eeben am Grupp gesot, als Gemeng wëlle mer awer och do dann den normale Gest maachen, wéi ee se och heem kritt, wou een dann eppes, een normale Montant iwwerweist.

An déi méi grouss Montanten, wësse mer ganz genee, kënne mer suivéieren, wou mer och da meeschtens e Relevé kréien, souguer op Generalversammlunge geruff ginn. Wou mer wierklech dann ee konkreete Projet kënnen als Gemeng suivéieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Et gëtt keng aner Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les projets et actions de Déifferdeng: eng Stad hëlleft 2025.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 4. Dat si verschidde punktuell Modifikatioune vum PAP. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat hei ass eng ganz kleng Geschicht. Et ass de Projet „Zwësche Lauterbännen", wou den Nidderkuerer Mall entsteet. Am PAP muss eng Modifikatioun gemaach ginn, Dir gesitt, dat éischt Gebai ass scho bal fäerdeg, fir dass een do kann eng Liaisoun bauen, fir déi Bréck kënnen ze bauen, déi kleng Passerelle, fir dann duerno méi schnell virunzekommen, wann deen zweeten Deel virugeet. Dat hei Stéck gëtt elo integréiert an déi éischt Phas, wat virdrun an der zweeter Phas war. Méi ass et net.

De Projet bleift dee selwechten. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Froen? Wuertmeldungen zu deem Punkt? Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt soen, dass ech dee Projet net esou wäert stëmmen. Net well déi Ännerung, déi éischter kleng ass u sech, problematesch ass, mee well mer als déi Lénk de Projet ëmmer méi kritesch gesinn, nodeems mer jo no an no verschidden Informatioune kritt hunn, wéi dat Konzept do wäert sinn. An dass zum Deel och op d'Vente vum Tubak do gesat gëtt, fir Leit unzezéien.

Mir fannen net, dass et een nohaltege Projet ass, deen en accord ass mat NetZeroCities. Mir hu genuch Surfaces commerciales hei am Land, allgemeng geschwat, och an der Géigend, a wäerten dee Projet an Zukunft net méi ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Keng aner Wuertmeldung? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix non d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier dénommé Zwësche Lauterbännen, concernant des fonds sis au même lieudit à Niederkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de la Ville de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Ier mer de Punkt 5 géifen an Ugréff huelen, géif ech eis zéng Minutte Paus gënnen. Da géife mer duerno mat frëschem Elan de Rescht vum Ordre du jour ugoen. Ech soen Iech Merci. An da gesi mer eis an zéng Minutten erëm.

(Paus)

Da géife mer virufuere mat eisem Ordre du jour. Kéime mer zum Punkt 5, dem Enseignement fondamental. Do ginn ech d'Wuert un den Här Wagner, fir eis déi Detailer matzedeelen. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Mir kommen dann elo zum PEP, dem Plan d'encadrement périscolaire fir d'Schouljoer 2025/2026.

Ech hat jo am leschte Gemengerot gesot, dass mer de PEP aus der Schoulorganisatioun ausglidderen, eleng scho wéinst der Visibilitéit, mee virun allem, well et ee wichtegen Outil ass an eiser Demarche fir d'Zesummeliewen: Schoul a Maison relais.

Virewech wëll ech der Madamm Sara Marques Merci soe fir dëst flott Dokument, deem ganzen Département scolaire et de l'enfance fir hir wäertvoll Mataarbecht, der Direktioun an dem Schoulkommitee an de Responsabelen aus eisen Haiser fir déi gutt Kooperatioun.

De PEP begräift d'Zesummenaarbecht tëscht dem formelle Léierberäich, also de Grondschoulen, dem non-formale Léierberäich, de Maison-relaisen, an dem informelle Léierberäich, de Famillen. E baséiert op enger enker Kooperatioun tëscht de Gemengeservicer, de pedagogeschen Ekippen, den Educateuren an den diversen institutionellen an associativen Acteure wéi d'Lasep, d'Museksschoul an déi sportlech a kulturell Veräiner.

Fir d'Ressourcen optimal ze notzen, gëtt de Partage vun den Infrastrukturen ënnerstëtzt: d'Turnsäll, d'Musekssäll, d'Bibliothéiken, d'Léierkichen, den Airtramp, de Lü um Fousbann. D'Klassesäll, déi mat Material fir d'Hausaufgaben ausgestatt sinn, stinn der Maison relais dann och ausserhalb vun de Schoulstonne zur Verfügung.

Am PEP gesitt Der eng Oplëschtung vun den Infrastrukturen an den Horairë vun de Maisons relais.

D'Häerzstéck vum Ganzen ass d'Zesummenaarbecht tëscht Schoul an SEA, ee Prozess, dee lues a lues seng Forme kritt. Et ass och ganz wichteg, keng Etapp ze iwwersprangen a step by step virzegoen.

Wéi bei den Hochzäiten, déi ech halen, soen ech ëmmer zu der Koppel, fräi nom Motto vum Antoine de Saint-Exupéry, dass et net duergeet sech unzekucken, mee et soll een och an déi selwecht Richtung kucken. An dat stëmmt och hei: zesummen een Zil, eng gutt Zesummenaarbecht zum Wuel vum Kand an och zum Wuel vum Personal.

An de Punkten, déi ech Iech elo opziehen, mierkt Der, wéi dee Prozess evoluéiert.

Am Precoce ass et esou, dass vum 15. September bis de 15. Oktober d'Educateuren aus der Maison relais, déi fir de Groupe précoce zoustänneg sinn, bis 8:15 Auer an der Klass bleiwen, fir en Austausch mat der Léierpersoun ze erméiglechen. Ab dem 15. Oktober schaffe si normalerweis nees ab 8:00, 08:15 Auer, jee no Ofsprooch tëscht Léier- an Educatiounsekipp. Nëmme Kanner, déi ganz fir de Precoce ugemellt sinn, dierfen dann och an der Maison relais ageschriwwe ginn.

D'Naturschoul bitt Formatioune fir d'Educateuren un, fir dass se selwer Aktivitéite kënnen duerchféieren a gläichzäiteg vun der Infrastruktur a vum Ma-

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *présente le Plan d'encadrement périscolaire pour l'année scolaire 2025-2026, extrait de l'organisation scolaire pour plus de visibilité et parce qu'il constitue un outil important pour la collaboration entre école et maison relais.*
*Le PEP détaille les infrastructures et les horaires des maisons relais. Thierry Wagner souligne que le cœur du dispositif réside dans la collaboration entre l'école et le service d'éducation et d'accueil, un processus qui prend progressivement forme. Il insiste sur l'importance de ne pas bruler les étapes et d'avancer pas à pas. Citant Antoine de Saint-Exupéry, il compare cette collaboration à un couple, qui doit non seulement se regarder, mais aussi regarder dans la même direction, vers un objectif commun au bénéfice des enfants et du personnel.*
*Concernant le précoce, Thierry Wagner explique que du 15 septembre au 15 octobre, les éducateurs de la maison relais responsables du groupe restent en classe jusqu'à 8 h 15 pour permettre un échange avec l'enseignant. À partir du 15 octobre, ils reprennent leur horaire normal à partir de 8 h - 8 h 15, selon les accords entre les équipes. Seuls les enfants entièrement inscrits au précoce peuvent être admis à la maison relais.*
*L'école Nature propose des formations aux éducateurs pour qu'ils puissent mener leurs propres activités tout en profitant de l'infrastructure et du matériel disponibles.*
*Les changements d'horaire ou les sorties affectant la maison relais doivent être discutés à l'avance avec les responsables, avec au minimum une réunion par trimestre prévue entre l'école et la maison relais.*
*Thierry Wagner évoque la transition fluide, mesure nécessaire pendant la période de COVID, qui a porté ses fruits. La surveillance avant le début des cours est désormais organisée conjointement entre l'école et la maison relais. Les activités communes valorisent un échange constructif impliquant tous les acteurs professionnels. De nombreuses activités conjointes se sont développées ces dernières an-*

*nées, comme la fête d'été organisée par tous les campus ensemble.*
*Le projet Vélo dans les écoles et maisons relais continue avec succès et sera poursuivi en 2025-2026. L'objectif n'est pas seulement d'enseigner la technique du vélo, mais aussi de susciter l'amour pour ce sport. Des jardins de circulation sont installés sur chaque campus pour apprendre la sécurité routière. L'appui pédagogique des enseignants peut être planifié en dehors des heures scolaires, nécessitant une coordination avec la maison relais.*
*Une collaboration avec des experts de Lernlandschaft a commencé en 2024-2025 pour créer un livre de fonctions spatiales avec un groupe de travail composé d'enseignants et d'éducateurs. Ce livre pédagogique définit les besoins de tous les partenaires concernant les espaces, l'infrastructure et l'aménagement. Il servira de guide pour les futures constructions.*

terial vun der Naturschoul profitéiere kënnen.

Changementer am Horaire oder Sortien, also eng Ännerung vum Stonneplang, déi d'Maison relais och betrëfft, muss am Viraus mat de Responsabele vun der Maison relais ofgeschwat ginn. Mindestens eng Reunioun pro Trimester tëscht der Schoul an der Maison relais ass dofir virgesinn.

Ee fléissenden Iwwergang war eng noutwendeg Mesure an der Coronazäit, wat awer hir Friichte gedroen huet, esou dass d'Surveillance virum Ufank vun de Coursen zesumme mat der Schoul an der Maison relais organiséiert gëtt.

Et ass wichteg, dass d'Kanner direkt no hirem Ukommen dann och an d'Schoulgebai ginn.

Bei de gemeinsamen Aktivitéite gëtt vill Wäert op ee konstruktiven Austausch geluecht, an all professionellen Acteur gëtt do involvéiert.

Vill gemeinsam Aktivitéiten hu sech an de leschte Joren entwéckelt, esou gëtt zum Beispill d'Summerfest vun alle Campussen zesummen organiséiert.

De Projet Vëlo an der Schoul a Maison relais bleift erfollegräich a gëtt och 2025/2026 weidergefouert. D'Zil vun dësem Projet ass net nëmmen d'Léiere vum Vëlofueren, mee och, d'Léift fir dës Sportaart ze erwächen.

Et muss een och differenzéieren tëscht Technik, Vëlofuere léieren, Verkéierssécherheet, Vëlo am Stroosseverkéier, richtegt Fueren.

Wat deen zweete Punkt ugeet, versiche mer, op all Campus ee Verkéiersgaart ze installéieren, fir dass se léieren, sécher ze fueren. Den Appui pédagogique vun den Enseignantë ka baussent de Schoulstonne geplangt ginn. Eng Ofstëmmung mat der Maison relais ass dann néideg.

Dat selwecht gëllt fir sozialpedagogesch Aktivitéiten, wou Educateuren als zweet Persoun an dem Precoce aktiv sinn. Hei kënne souwuel d'Kanner aus der Maison relais wéi och d'Kanner, déi d'Maison relais net besichen, deelhuelen.

Eng Zesummenaarbecht mat Experte vun der Societéit Lernlandschaft gouf am Schouljoer 2024/2025 gestart. D'Zil war et, e Raumfunktionsbuch ze erstellen, mat engem Aarbechtsgrupp aus Léier- an Educatiounspersounen. An dësem pedagogesche Buch goufen d'Bedierfnisser vun all de Partner definéiert, sief dat d'Raumfläch, d'Infrastruktur, d'Raim, mee och d'Raumopdeelung.

Dëst Buch gëlt als Guideline fir zukünfteg Bauten a gëtt nëmme liicht adaptéiert, jee no Projet. Et gëtt deemnächst an enger Schoulkommissioun virgestallt an och am September am nächste Gemengerot.

Een anere Volet vun der Zesummenaarbecht ass de Pilotprojet PLK-Team um Fousbann, deen ech Iech virdrun an der Kommunikatioun jo schonns virgestallt hunn.

Déi gemeinsam Mëttesstonnen: All Léierpersoun dierf elo d'Mëttegiesse mat der Maison relais deelen, dëst no Disponibilitéit vun der Kichen. En contrepartie soll den Enseignant d'Kanner an der Iess-Situatioun begleeden an ënnerstëtzen.

D'Kantin, war ëmmer ee Punkt, wou d'Meenungen ënnerschiddlech waren tëscht dem Personal. Hei kann ee spréchwiertlech soen: elo mol iwwer den Tellerrand kucken.

Op d'mannst eemol am Trimester gëtt um Campus Nidderkuer ee gemeinsamen Austausch tëscht Schoul, Maison relais, dem zoustännege Psycholog an engem Sozialaarbechter vun der Ligue médico-sociale organiséiert. Esou kritt all Partner zousätzlech Informatiounen a kann déi Schüler mat spezifesche Besoine geziilt ënnerstëtzen.

Zanter Joren offréiert eng Léierpersoun um Campus Uewerkuer Kloteraktivitéite fir d'Klassen. Ab dem drëtten Trimester 2024/2025 hat en Educateur aus der Maison relais Uewerkuer den Enseignant begleet, fir och Kompetenzen am Kloteren ze entwéckelen.

No Ofschloss vun enger Formatioun dierf den Educateur dës Aktivitéite selwer offréieren. Momentan ass een Educateur véier Stonne present. Dëst kann also elo, selon besoin, adaptéiert ginn.

D'Aktivitéite vum Foyer vacances fannen um Plang vum SEA statt. D'Vacances-loisirs-Aktivitéite ginn an deenen éischten zwou Woche vun der grousser Vakanz nomëttes organiséiert. Wéi ech scho sot, ass de Start den 21. Juli an den Ofschloss den 1. August.

Ee spezifesche PEP huet de Campus Kannerbongert, wou nom Konzept vun der Waldpädagogik geschafft gëtt. D'Personal setzt sech zesummen aus Léierpersounen an Educateuren. D'Koordinatioun gëtt gemeinsam vun de Responsabele vun der Maison relais an dem President vum Schoulkommitee Nidderkuer gemaach.

Zanter 2017/2018 gëtt et eng Bëschklass am Préscolaire, prioritär fir d'Awunner. Se ka bis zu 37 Kanner ophuelen a wäert 2025/2026 mat 31 Kanner fonctionéieren.

Déi Kanner sinn och méindes, mëttwochs a freides an der Maison relais ageschriwwen. Et besteet eng enk Zesummenaarbecht tëscht der Léier- an der Educatiounsekipp duerch deen deeglechen Austausch an déi gemeinsam organiséiert Aktivitéiten am Joer.

Een Educateur schafft och wärend der Schoulzäit sechs Stonnen d'Woch, fir d'Verbindung tëschent Schoul a Maison relais ze stäerken. Dat ass d'lescht Joer gewiescht. Dës Initiativ gëtt weider bäibehalen.

D'Betreiung an der Bëschschoul fënnt um Campus selwer statt an adaptéierte Waggonen.

D'Detailer vun deenen zwee PEPe stinn an Ären Ënnerlagen. Ech bieden Iech, dëst esou matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Wagner. Den Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, villmools merci fir d'Wuert. Här Wagner, villmools merci fir déi ausféierlech Presentatioun vum PEP.

Fir d'éischt geet ee grousse Merci un all déi, déi doru matgeschafft hunn: Chef-de-servicë vum Service scolaire, vun de Maison-relaisen, d'Responsabel aus de Maison-relaisen an d'Schoulpresidenten, déi kollaboréiert hunn.

Dëse PEP reegelt jo, wéi Der et ganz genee gesot hutt, d'Zesummenaarbecht tëschent der non-formaler an der formaler Bildung. En ass net méi, wéi fréier, an der Schoulorganisatioun integréiert. Dat suergt fir méi eng grouss Visibilitéit an et kann een all déi Detailer besser erausliesen tëscht där organiséierter Zesummenaarbecht.

De Gros, wat drasteet, ass näischt Neits. Et ass dat, wat mer jo och schonn an der Schoulorganisatioun haten, et ass just besser strukturéiert. Luewenswäert ass virun allem am Mathendahl dee gemeinsame Reuniounssall fir d'Educateuren an d'Schoulpersonal.

Ech mengen, dat ass ganz wichteg dat doten, do kann een Austausch stattfannen tëschent der formaler an der nonformaler Bildung. Eng Aarbecht um Kand, eng holistesch Aarbecht, déi soll Hand an Hand goen, wat ganz wichteg ass. A wou ech och encouragéieren, dat op déi aner Campussen auszebreeden.

Nei ass de Gewaltpreventiounsprogramm, deen Der an Ärer Kommunikatioun am Ufank vun dëser Reunioun presentéiert hutt. An deen och hei explizitt beschriwwen ass.

Ganz positiv ze bewäerten ass, datt d'Enseignanten d'Méiglechkeet kréien, an der Mëttesstonn mat hire Schüler ab und zu iessen ze goen. Ech mengen, dat dréit zum géigesäitege Verständnis bäi. Et ass gutt, datt dann do och zesummen Hand ugeluecht gëtt, wann déi dann déi Offer unhuelen.

Ech hoffen, datt sech genuch Enseignantë deem unhuelen an emol mat hirer Klass iesse ginn, well dat ass ëmmer bénéfique. An dat hëlleft och, deen een an deen anere besser ze verstoen. Dat ass eng ganz gutt Initiativ. Ech hoffen, datt se genotzt gëtt. An datt et och esou wäert sinn, datt ee vun deem aneren da léiert an e bessert Verständnis opkënnt, wat net ëmmer esou einfach ass.

De Kloterprojet ass ganz nei, do huet een Educateur d'Formatioun dëst Joer

*Thierry Wagner mentionne le projet pilote PLK-Team au Fousbann et les repas communs, où chaque enseignant peut partager le déjeuner avec la maison relais. Des échanges réguliers sont organisés au campus de Niederkorn entre l'école, la maison relais, le psychologue et un travailleur social. Des activités d'escalade sont proposées avec la formation progressive des éducateurs.*
*Le campus Kannerbongert dispose d'un PEP spécifique basé sur la pédagogie forestière. Depuis 2017-2018, une classe forestière au préscolaire accueille prioritairement les résidents, pouvant recevoir jusqu'à 37 enfants. Une collaboration étroite existe entre les équipes pédagogiques et éducatives.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *remercie monsieur Wagner pour la présentation détaillée du PEP et tous ceux qui ont participé à son élaboration. Il souligne que ce PEP règle la collaboration entre l'éducation non formelle et formelle, offrant une meilleure visibilité de l'organisation collaborative. Il signale que ce qui est présenté n'est pas nouveau, mais correspond à ce qui existait déjà dans l'organisation scolaire, maintenant mieux structuré.*
*Il salue particulièrement la salle de réunion commune pour les éducateurs et le personnel scolaire au Mathendahl, considérant cet espace d'échange entre l'éducation formelle et non formelle comme essentiel. Il insiste sur l'importance d'un travail holistique autour de l'enfant, main dans la main, et encourage l'extension de cette approche aux autres campus.*
*Il évoque le nouveau programme de prévention de la violence . Il juge très positive la possibilité donnée aux enseignants de déjeuner occasionnellement avec leurs élèves pendant la pause méridienne, estimant que cela contribue à la compréhension mutuelle. Il espère que suffisamment d'enseignants saisiront cette opportunité bénéfique, qui aide à mieux se comprendre mutuellement.*
*Le projet de jardin constitue une nouveauté avec un éducateur formé cette année, permettant d'offrir des activités après l'école, ce qu'il*

*trouve remarquable et approuve pleinement.*
*Concernant le projet ZAS, il exprime une certaine déception, s'attendant à davantage alors qu'un projet est en cours de développement. Il espère plus de collaboration et de projets entre le personnel enseignant et les éducateurs, souhaitant renforcer non seulement la coopération ponctuelle, mais aussi régulière, comme cela existe déjà ailleurs. Il attend avec intérêt la présentation du concept, espérant qu'il s'inspire du PEP de la crèche en forêt pour permettre plus de collaboration pendant les cours et donner aux éducateurs un aperçu du milieu scolaire. Sa fraction votera favorablement.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *reconnait le PEP comme un instrument important, car l'interaction entre éducation formelle et non formelle est essentielle, concernant les mêmes enfants. Il note que cet instrument est nécessaire en raison de la séparation existante entre ces deux instances aux missions et rôles différents. L'instrument est né du constat que la ligne de démarcation est souvent trop marquée et que les espaces et instances manquent pour une bonne synergie. Ce plan tente d'améliorer progressivement cette organisation conjointe, ce qu'il salue.*
*Pour déi Lénk, l'idéal serait une école globale avec, tout au long de la journée, un rythme et une alternance entre éducation formelle et non formelle, répondant mieux aux besoins des enfants. Il apprécie les mesures permettant au personnel enseignant de déjeuner avec les enfants à la cantine, valorisant ce contact informel entre personnel et enfants. Les salles de rassemblement communes sont également bénéfiques.*
*Il souligne les conditions de travail non idéales dans les maisons relais avec beaucoup de temps partiel imposé, provoquant une forte rotation du personnel. Il s'interroge sur l'évolution vers plus de postes à temps plein. Il suggère d'explorer comment le personnel des SEA pourrait soutenir les écoles, qui demandent urgemment plus de personnel formé pour gérer des situa-*

kritt. Dat ass ganz flott, well do kënnen elo Aktivitéiten no der Schoul ugebuede ginn, wat ervirzesträichen ass a wat ech ganz begréissen.

Ech hat mer e bësse méi erwaart, muss ech soen, wéi ech gelies hu vum Projet ZASS. Do ass jo am Moment amgaangen, e Projet ausgeschafft ze ginn, an ech erwaarde mer nach vill méi Kollaboratioun oder vill méi Projeten a Kollaboratioun tëschent Léierpersonal an Educateuren. Datt do net nëmmen déi punktuell Zesummenaarbecht gestäerkt gëtt, mee och eng méi reegelméisseg Zesummenaarbecht, wéi et och op anere Plazen an anere Schoule schonn de Fall ass. Well, ech mengen, dat soll Hand an Hand goen. An et ass wichteg, datt souwuel d'formal wéi d'non-formal Bildung sech gemeinsam do ëm d'Kanner këmmeren.

Ech si gespaant, wa mer dee Projet, dat Konzept do presentéiert kréien. Ech hoffen, datt dat e bëssen, ewéi am Sënn vum PEP vun der Bëschschoul ass, datt do och méi nach wärend de Coursen zesummegeschafft ka ginn. Datt och Educateuren den Abléck an d'Schoul kréien. Villmools merci. Mir stëmmen dat natierlech als Fraktioun mat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cillien. Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen am Gemengerot, de PEP ass, en effet, ee ganz wichtegt Instrument, well d'Zesummespill tëschent formaler an non-formaler Bildung wichteg ass, well et, am Endeffekt, ëm déi nämmlecht Kanner geet.

Et bleift awer, dass dat Instrument néideg ass, well et u sech eng Trennung gëtt tëschent deenen zwou Instanzen. Et gi verschidden Opträg, et gi verschidde Rôlen. Dat ass och gutt esou. Op där anerer Säit ass dat Instrument entstanen, well een um Terrain gemierkt huet, déi Linn ass awer ze oft ze staark gezunn an et gëtt vergiess – also d'Plaze sinn net do, d'Momenter, d'Instanze sinn net do, fir dass dat richteg zesumme leeft. Deen heite Plang probéiert, dat esou gutt wéi méiglech iwwer d'Joren auszemäerzen, dass een dat Zesummespill besser organiséiert kritt. An dat ass ze begréissen.

Aus der Siicht vun déi Lénk wär den Ideal am Fong eng Gesamtschoul, wou een iwwer dee ganzen Dag verdeelt ee gewëssene Rhythmus an eng Ofwiesslung hätt tëschent formaler an non-formaler Bildung, wat vill méi de Kanner hire Besoinen entsprieche géif.

Dat setzt natierlech eng aner Organisatioun viraus, dat setzt eng aner Presenz vum verschiddene Personal viraus. Ech soen dat, einfach fir ze wëssen, wou wéilt een am Fong am beschte Fall hikommen. Wat wär am beschten Interêt vum Kand? An herno muss een da kucken, wat een en place ka setzen.

Déi eng Saache kann ee fir déi besteeënd Strukturen en place setzen, a Form vun esou engem PEP. An do begréissen ech déi Mesuren, dass d'Léierpersonal och mat de Kanner kann an d'Kantin iesse goen. Ech mengen, dat ass ganz wäertvoll, deen informelle Kontakt, well dat ass dann net non-formal Bildung, dat ass och net formal Bildung, dat ass ganz einfach en informelle Kontakt, deen doduerch kann entstoen. Souwuel tëschent dem Personal vun deenen zwou Instanzen an eeben och de Kanner. Gemeinsam Versammlungsraim sinn dann och ganz fërderlech.

Eng aner Situatioun, déi an deem Zesummespill erwänenswäert ass, dat ass, dass mer am Fong am Beräich vun de Maison-relaisen Aarbechtsbedéngungen hunn, déi net ideal sinn. Well mer ee ganz staarke Coupé hu fir ganz vill Leit, déi mer do schaffen hunn. A mer quasi just Leit an Deelzäit deelweis astellen. Do wollt ech froen, wou mer do stinn.

Do waren deelweis Bestriewungen, fir verschiddener à temps plein anzestellen, well mer och ee ganz staarke Wiessel hate beim Personal wéinst där doter Situatioun. Well s de eebe vill Hin an Hier hues, wou s de awer am Fong däi ganzen Dag iergendwou blockéiert hues, an s de net dee ganzen Dag awer ugerechent kriss un Aarbechtszäit.

An do mengen ech eeben och, dass verschidde Piste vun der Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Maison re-

lais nach kënnen interessant sinn. An de Schoule gëtt urgent no méi Personal an Ënnerstëtzung gefrot, well ëmmer méi Situatiounen opkommen, wou ee Leit brauch, déi och forméiert sinn, déi kënne mat deene Situatiounen ëmgoen. Wou een net eleng an enger Klass, oder souguer an engem Team, dat alles opfänke kann. An do ze iwwerleeën: Wéi kënne mer d'Personal vläicht aus den SEA och asetzen? Dat wär eng Pist, déi ech hei wollt mat op de Wee ginn.

Ansonsten begréissen ech d'Fortschrëtter, déi elo hei am PEP geholl ginn an encouragéieren, fir weider an eng Richtung ze goen, déi ech jo, unhand vun enger Gesamtschoul, opgezeechent hunn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. D'Madamm Huberty, wannechgelift.

**CAROLINE HUBERTY (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif Memberen aus dem Gemengerot, dem Schäfferot, léif Press, léif Matbierger, mir als LSAP begréissen, datt esou vill Mesuren ergraff ginn, fir d'Organisatioun an d'Zesummenaarbecht tëscht den Acteuren optimal ze garantéieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Huberty, fir déi interessant Bemierkungen. Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dëst Dokument ass am Joer 2012, mat enger Nobesserung 2017-2018 vum Ministère, agefouert ginn, fir eng Zesummenaarbecht tëschent der non-formaler an der formaler Bildung ze schafen. Här Wagner, Dir hutt eis ganz flott erkläert, wat d'Neierunge sinn. Ech ka mech deem Ganzen uschléissen.

Ech hat dat Dokument an der Schoulkommissioun virgestallt kritt. De Projet Lernlandschaft geet weider, deen d'lescht Joer agefouert ginn ass. Wat ech ganz flott fannen, dat ass, dass d'Enseignanten ageluede ginn, heiansdo mat de Kanner do ze iessen. Wou da bestëmmt vill Probleemer geléist ginn, well ee gesäit, wéi fonctionéiert d'Kantin a wéi sinn d'Kanner do an esou.

Och ganz flott ass, mat de Precoce-Kanner, dass d'Educateure kënne mat bis 8:15 Auer eragoen, eng Zort Angewöhnungsphase.

Mir ënnerstëtzen dat Ganzt. Ee grousssen, grousse Merci un dat ganzt Personal, wat hei un deem PEP matgeschafft huet. Merci fir d'Wuert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Weider Wuertmeldungen? Mir kommen zum Vott. Pardon, den Här Wagner nach eng Kéier.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci nach eng Kéier. Ech wéilt op e puer Punkte agoen, ganz kuerz. Den Här Cillien seet „net vill Neits". An dann zielt en eng ganz Lëscht vun neie Saachen op. Wat awer ganz flott ass, dass en dat erkannt huet!

An den ZASS, do ass et och esou, dass déi Zesummenaarbecht Schoul – SEA nach net ofgeschloss ass. Dat hei ass elo am Fong een Outil, de PEP, mee mir maachen ee ganzt Konzept draus.

Mee do sinn awer nach e puer Punkten ze léisen, dat ass haaptsächlech den Horaire, den Horaire vun der Schoul an der Maison relais. An dat ass dann och ee Moyen vläicht, effektiv, fir déi Zesummenaarbecht nach besser ze maachen, wann dat sech méi iwwerschneit.

Respektiv do ass och dann d'Iddi an eisem Workshop opkomm, iwwer d'Coupure, wat den Här Diderich gesot huet, dat geet just, wa mer den Horaire e bëssen upassen. An do hu mer scho Kontakt opgeholl mam Ministère, fir effektiv do eng Méiglechkeet ze fannen. Da

*tions complexes. Il encourage la poursuite dans cette direction vers une école globale.*

**CAROLINE HUBERTY (LSAP)** *intervient brièvement pour saluer les nombreuses mesures prises, garantissant une organisation et une collaboration optimales entre acteurs.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *rappelle que ce document introduit en 2012 et amélioré en 2017-2018 par le ministère vise à créer une collaboration entre éducation non formelle et formelle. Elle apprécie particulièrement l'invitation faite aux enseignants de déjeuner occasionnellement avec les enfants, permettant de résoudre des problèmes et comprendre le fonctionnement de la cantine.*
*Elle salue également la possibilité pour les éducateurs d'accompagner les enfants du précoce jusqu'à 8 h 15 dans une phase d'adaptation.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *répond à plusieurs points soulevés. Il remarque que monsieur Cillien affirme ne pas dire grand-chose de nouveau tout en énumérant une liste entière de nouvelles choses.*
*Concernant le ZAS, il précise que la collaboration entre la maison relais et le SEA n'est pas encore finalisée. Le document présenté constitue un outil, mais l'administration en fait un concept complet. Plusieurs points restent à résoudre, principalement l'horaire de l'école et de la maison relais. Il explique que c'est un moyen d'améliorer la collaboration lorsque les horaires se chevauchent davantage.*
*L'idée de la coupure évoquée par monsieur Diderich lors de leur atelier n'est possible qu'en adaptant les horaires. Le contact a déjà été établi avec le ministère pour trouver une possibilité d'obtenir une transition plus fluide permettant d'intégrer la maison relais pour favoriser davantage la collaboration.*
*Il annonce que le concept pour la maison relais devrait être finalisé vers la fin de l'année et que le ZAS sera simultanément dans la dernière ligne droite pour son adoption.*

*Il se réjouit que les mesures prises soient appréciées, tout en soulignant qu'il ne s'agit que d'une première étape. Des changements structurels nécessitent l'implication du ministère. Il se félicite que le ministère les ait contactés la veille pour discuter de la mise en œuvre du ZAS sur le terrain, ce qui montre que leur travail pour favoriser la collaboration est reconnu. (Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point six concernant les structures d'accueil et donne la parole à monsieur Wagner.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *présente les modifications du Règlement d'ordre intérieur pour l'année scolaire 2025-2026.*
*Les enfants en logopédie peuvent désormais fréquenter la maison relais rattachée à leur classe d'attache ou située dans leur secteur scolaire, sous condition de disponibilité et d'assurance du transport depuis le centre de logopédie.*
*Il souligne le problème récurrent des enfants amenés malades dans les structures avec fièvre, diarrhée ou autres symptômes infectieux. L'administration se réserve le droit de refuser ces enfants dans l'intérêt de tous. Concernant les poux, une véritable épidémie s'est parfois déclarée, et les enfants ne peuvent revenir qu'après traitement complet.*
*Pour les inscriptions aux vacances, plus de flexibilité est offerte avec la possibilité de modifications ou d'ajouts sur demande selon les places disponibles.*
*Le format modernisé des vacances-loisirs sera maintenu l'année prochaine avec des ajustements basés sur l'expérience acquise. Il remercie les deux éducateurs responsables de l'organisation et tous les collaborateurs impliqués.*

geet den Iwwergang méi fléissend. Dat ass och dat, wat an eisem Gesamtkonzept vun der Maison relais matagebonne ka ginn, fir déi Zesummenaarbecht nach méi ze fërderen.

Dat wär géint ausgangs dëses Joers sinn. Normalerweis hu mer d'Konzept fir d'Maison relais stoen, an den ZASS wäert dann zäitgläich an der leschter Ligne droite sinn, fir dat unzehuelen.

Ech begréissen, dass Der déi Mesuren, déi mer geholl hunn, gutt fannt. Dat hei ass awer elo eréischt, wéi ech gesot hunn, ee Step, an duerno gi mer nach weider. Mee, wéi gesot, do musse mer och de Ministère matabannen, well dat sinn awer strukturell Ännerungen, déi da kommen, déi de Ministère da muss matdroen.

Begréisse maachen ech, dass de Ministère eis gëschter ugeruff huet, fir Kontakt opzehuelen, wéi mer dat mam ZASS um Terrain am Moment ëmsetze wëllen. Et ass schéin ze gesinn, dass vun hinnen aus och gemierkt gëtt, dass bei eis awer do eppes leeft, fir déi Zesummenaarbecht ze fërderen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner, fir déi Erklärungen. Keng weider Wuertmeldung, mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans d'encadrement périscolaire 2025-2026 de l'enseignement fondamental.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 6, Structures d'accueil. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Am ROI fir d'Schouljoer 2025/2026 gouf et keng grouss, mee e puer wichteg Upassungen. Ech wäert net op all eenzel kleng Ännerung agoen, just déi wichtegst Punkt erausgräifen.

D'Kanner aus der Logopedie kréien d'Méiglechkeet, no der Schoul an déi Maison relais ze goen, déi un hir Classe d'attache ugebonnen ass oder déi an hirem Secteur scolaire läit. Ënner der Konditioun natierlech, dass Plaz verfügbar ass an den Transport vum Centre de Logopédie assuréiert ka ginn.

An eise Strukturen hu mir, leider, ëmmer erëm Fäll, wou Kanner krank, mat Féiwer, Duerchfall oder aneren Infektiounssymptomer an d'Maison relais bruecht ginn. Zum Wuel vum Kand selwer a vun deene Leit ronderëm, behale mir eist d'Recht vir, esou Kanner net unzehuelen, well esou ass kengem Kand gehollef.

Besonnesch a Bezuch op Lais hu mir an der Vergaangenheet ëmmer erëm eng reegelrecht Epidemie erlieft. Och do ass et selbstverständlech am Interêt vum Kand, deenen anere Kanner an dem Personal, datt e Kand mat Lais eréischt nom Ofschloss vum Traitement nees an d'Maison relais oder an d'Crèche zréckkommen däerf.

Am Kader vun de Vakanzenaschreiwunge weise mir eis méi flexibel. Soulaang Plaz ass, kann eng Modifikatioun respektiv en Ajout de plage op Demande accordéiert ginn.

Wéi schonn ugekënnegt, ginn d'Vacances loisirs dëst Joer an hirem alen, awer moderniséierte Format ugebueden. Dëst Format wäert dann och d'nächst Joer weidergefouert ginn.

Aus den Erfarungswäerter vun dësem Joer wäerten, aller Warscheinlechkeet no, nach vill Upassungen, oder e puer Upassungen, gemaach musse ginn, fir déi optimal Formel fir eis Gemeng ze fannen.

Vun dëser Plaz aus wëll ech Merci soen eisen zwee Educateuren, déi d'Organisatioun an d'Koordinatioun iwwerholl hunn, souwéi allen anere Mataarbechter, déi dëse Projet matgedroen hunn.

Jiddereen, deen am Kader vun enger Structure d'accueil interveneiert, huet sech un d'intern Verhalensreegelen ze halen. Dat gëllt souwuel fir d'Kanner, d'Educateuren, d'Kichen-, d'Botzpersonal wéi och selbstverständlech fir d'Elteren. Wat eigentlech normal sollt sinn,

stellt an der Praxis, leider, net ëmmer de Standard duer.

Duerfir wëlle mir nach eng Kéier däitlech drop hiweisen, dass géigesäitege Respekt an een adequat Behuelen d'Grondlage sinn, fir e gemeinsam funktionéierende Kader. Aus deem Grond sinn déi verschidde Reegelen hei nach eemol méi explizitt erkläert, well och d'Elteren hunn do eng Virbildfunktioun.

Zu der Facturatioun ass ze soen, dass an Zukunft wäerte bestëmmte Käschten un d'Eltere refacturéiert ginn, wann d'Kanner net ofgemellt goufen. Dat gëllt virun allem fir Aktivitéiten, déi virbezuelt musse ginn, wéi zum Beispill eng Entrée an d'Phantasialand.

Mir stelle leider ëmmer erëm fest, dass Kanner fir Aktivitéite mam Foyer vacances ugemellt sinn, dann awer net kommen, ouni virdrun ofgemellt ginn ze sinn. An esou Fäll ass elo virgesinn, dass d'Käschten trotzdeem facturéiert ginn. Dat huet och nees mat enger Virbildfunktioun ze dinn.

Ech bieden Iech, dës véier ROIen esou matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, merci fir d'Wuert. Mir wäerten dat natierlech matstëmmen.

Mir begréissen déi Ajouten an déi Prezisiounen, déi gemaach gi sinn, och par rapport zu kranke Kanner, ausdrécklech. Ech mengen, et ass net nëmmen ee Probleem, dee mer an de Maison-relaise gesinn, mir gesinn dat natierlech och an der Schoul, wou ëmmer erëm Kanner an d'Schoul geschéckt ginn, obwuel se krank sinn. Wou d'Elteren do hirer Responsabilitéit net wierklech nokommen.

Mer verstinn, datt Eltere musse schaffe goen, an datt et vläicht net einfach ass, wann d'Kand krank ass. A wann een am Privatsecteur schafft ass et warscheinlech nach méi schwéier heiansdo ze soen, ech bleiwen dann doheem bei mengem Kand. Mee trotzdeem ass dat doten ee wichtegt Signal. An ech mengen, et ass wichteg, datt mer dat mat op de Wee ginn.

Mer begréissen och ausdrécklech déi Klauselen zum Respekt par rapport zum Personal, well dat ass leider net ëmmer ginn. Et ass gutt, datt dat esou festgehale gëtt. An och de Fait, datt facturéiert gëtt, wa Kanner ugemellt sinn an dann onofgemellt net un den Aktivitéiten deelhuelen. Et geet net ëm déi puer Euro, déi dat kascht, mee et geet einfach drëm – och hei ass et eng Saach vu Respekt. An ech mengen, wann d'Virbildfunktioun net do ass, da musse mer se de Leit inculquéieren.

Ech soen Iech Merci. Mir wäerten dat do matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cillien. Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Merci fir déi ganz Erklärungen. Natierlech sinn dëst wichteg Dokumenter, an effektiv sinn déi kleng Nobesserungen néideg gewiescht.

Ech hätt eng Fro zu Vacances loisirs. Dat gëtt jo elo dann erëm e bëssen, wéi et an der Zäit war. Hei gesäit ee genau den Oflaf fir d'Kanner, déi, déi an der Maison relais ageschriwwe sinn, oder déi, déi guer net ageschriwwe sinn, wat se musse maachen a wéi et ofleeft.

Mee gëtt dat nëmme vum Personal gestemmt a geleet, dat an de Maison-relaise schaff? Oder ass et dann och wierklech wéi an der Zäit? Do konnte jo Studente sech mellen, respektiv d'Animateam. Kënnt Der eis do e puer Detailer derzou ginn, wéi dat géif oflafen? Merci fir d'Wuert. Mir stëmme mat Jo.

*Il rappelle que tous les intervenants doivent respecter les règles internes de comportement, ce qui devrait être normal, mais ne l'est malheureusement pas toujours. Le respect mutuel et le comportement adéquat constituent la base du fonctionnement commun, les parents ayant une fonction d'exemple.*
*Concernant la facturation, certains couts seront refacturés aux parents en cas de non-désistement, notamment pour les activités prépayées, comme Phantasialand.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *annonce que son groupe votera favorablement et salue les ajouts et précisions concernant les enfants malades, problème présent aussi à l'école. Il comprend les difficultés des parents qui travaillent, particulièrement dans le secteur privé, mais considère ce signal comme important.*
*Il approuve les clauses sur le respect mutuel et la facturation en cas d'absence non signalée, voyant cela comme une question de respect qu'il faut inculquer quand la fonction d'exemple fait défaut.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *reconnait qu'il s'agit de documents importants et que les petites améliorations apportées sont nécessaires.*
*Elle pose une question concernant les vacances-loisirs, qui reprennent un fonctionnement similaire à celui d'autrefois. Elle remarque que le texte éclaircit nettement la procédure concernant les enfants inscrits ou non inscrits en maison relais. Il indique ce qu'ils doivent faire ainsi que le déroulement des opérations. Elle souhaite savoir si l'encadrement sera assuré uniquement par le personnel travaillant dans les maisons relais ou si, comme par le passé, des étudiants pourront postuler, ainsi que l'AnimaTeam. Elle demande des détails sur l'organisation prévue et annonce que son groupe votera favorablement.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *répond à la question de madame Schütz concernant les vacances-loisirs. Il confirme qu'il s'agit effectivement de la première fois qu'ils réorganisent ce service différemment par rapport au passé. Sans être une reproduction exacte, l'approche s'en rapproche.*
*Les éducateurs seront présents, car les enfants ne seront pas dans la maison relais, mais sur le terrain même. Ils envisagent naturellement de recruter partiellement l'Anima-Team. En ce qui concerne les étudiants, il indique que ce n'est pas prévu directement actuellement, mais qu'il admet qu'il peut se tromper et qu'il doit vérifier cette information. Il rappelle que des modifications peuvent survenir en cours d'année. Il propose de laisser le programme démarrer ainsi, précisant que les associations apporteront leur aide et que des intervenants externes organiseront des évènements scolaires, comme le cirque. Il s'excuse de ne pas pouvoir confirmer la question des étudiants et promet de se renseigner. Il rappelle qu'un débriefing sera organisé par la suite et qu'ils devront veiller l'année prochaine à adopter la bonne formule.*

*(Vote)*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *présente l'organisation de l'école de musique. Il souligne l'importance de la musique dans la vie. Les enfants n'apprennent pas seulement à jouer d'un instrument, mais développent une oreille pour les sons, le rythme et toutes sortes de sentiments. La collaboration et l'échange ouvert en groupe sont encouragés, permettant aux enfants de se respecter mutuellement, de partager leurs expériences et de grandir en équipe.*
*Il indique que le dossier contient tous les chiffres pertinents et les déclarations au ministère. Les chiffres restent provisoires, la première validation devant être faite avant le 15 septembre dans Edumus, avec la version définitive prévue pour la séance du conseil communal du 26 novembre. Les inscriptions sont encore en cours.*
*L'espace reste problématique, car les locaux atteignent leurs limites.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Nach eng Wuertmeldung? Nee. Da géif ech d'Wuert un den Här Wagner zréckginn, fir op alles ze reagéieren. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, nach eng Kéier. Ech äntwerten op der Madamm Schütz hir Fro, déi vun de Vacances loisirs. Et ass effektiv esou, dass et déi éischte Kéier erëm ass, wou mer et e bëssen aneschters opzéien, wéi et soss an der Zäit war. Et ass elo kee Copy-paste, et geet awer an déi Richtung. D'Educateure wäerten do am Asaz sinn, well déi Kanner jo och dann net an der Maison relais sinn, mee um Terrain selwer.

Natierlech wäerte mer och kucken, dass mer d'Animateam deelweis matrecrutéieren. Studenten, dat ass elo, mengen ech, net direkt virgesinn. Ech ka mech zwar och ieren. Ech kann dat eng Kéier nofroen. Mee, wéi ech och virdru gesot hunn, et kënnen ëmmer erëm Ännerunge kommen, wärend engem Joer.

Dofir, loosse mer et elo emol ulafen. Et sinn natierlech och d'Veräiner, déi mathëllefen, et sinn och Externer, déi da Schoulevenementer wéi Zirkus a sou weider maachen. Dat ass alles och programméiert. Mee elo direkt Studenten, mengen ech elo net. Wéi dat elo genau ass, weess ech net. Entschëllegt mech, dat muss ech nofroen.

Mee, wéi gesot, mir maachen een Debriefing duerno, wéi ech och gesot hunn. An d'nächst Joer musse mer dann nees upassen, dass mer déi richteg Formel dann och hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. D'Ofstëmmung, wannechgelift.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements d'ordre interne 2025-2026 des structures d'accueil.*

Merci. Punkt 7, d'Organisatioun vun der Museksschoul. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Léif alleguer, eis Museksschoul ass héich gefrot, besonnesch vun eise jonke Matbierger. Dat ass och gutt esou. Well Musek huet eng wichteg Plaz an eisem Liewen. D'Kanner léieren hei net nëmmen een Instrument spillen, mee och d'Ouer fir Kläng, Rhythmus an all Zorte Gefiller ze entwéckelen, déi d'Musek ausdréckt.

Dobäi gëtt d'Zesummenaarbecht an een oppenen Austausch an der Grupp gefërdert, wou d'Kanner sech géigesäiteg respektéieren, Erfarungen deelen an als Team zesummewuessen.

Am Dossier fannt Dir all déi relevant Zuelen, Tabloen, d'Meldungen un de Ministère. D'Zuele sinn, wéi normal, provisoresch. D'Circulaire beseet, datt déi éischt Validatioun spéitstens fir de 15. September am eduMus muss gemaach sinn. Déi definitiv Versioun hu mir dann, wéi gewinnt, an der leschter Gemengerotssëtzung vum November, also dëst Joer dann de 26. November. Et ass jo och evident, d'Aschreiwunge si jo nach amgaangen. Dat heescht, haut kënne jo nach keng definitiv Zuele virleien.

D'Plaz ass a bleift natierlech en Theema, well punkto Raimlechkeete stousse mir un eis Grenzen. D'lescht Joer gouf et eng enk Zesummenaarbecht mat der EIDE, fir véier Gruppecourse fir hir Schüler bei si ze delokaliséieren.

D'Distanz tëscht der Museksschoul an der EIDE, do huet sech awer erwisen, datt et organisatoresch net optimal war. Dofir gouf gekuckt, datt d'Museksschoul fir dat kommend Joer alle fënnef grouss Klassesäll um Site vun der Ancienne école ménagère, also direkt ugrenzend zur Museksschoul fir

hir Coursen zur Verfügung huet. Natierlech ausserhalb de Schoulzäiten.

Des Weideren – an do geet ee grousse Merci un déi gutt Zesummenaarbecht mat onsem Sportsservice – gouf gekuckt, datt si mëttwochs a freides no der Schoulzäit eng Plage an engem Turnsall kënne kréien. An dëst war an der École Prince Henri méiglech, wou dann elo op dësen zwee Nomëtteger den Département des arts et de la parole hir Formatioun Theater stattfënnt. Deemno net méi an engem klenge Sall, wou si op zéng Persoune begrenzt waren, mee eeben elo an engem Sall, wou Beweegung, Ausdrock, sprangen, danzen an esou weider méiglech ass. An och elo Gruppe vu 15 bis 20 Kanner kënnen deelhuelen.

En plus entlaascht dëst jo dann nees d'Raimlechkeete vun der Museksschoul selwer, fir hei méi flexibel ze sinn an der Offer vum Département de la musique.

Wéi Der am Dossier gesitt, gi mer vun 30 op 31 Enseignanten erop, a fënnef Enseignanten hunn en Avenant zu hirem Kontrakt, wou d'Stonnenzuel par rapport zum aktuelle Joer liicht eropgoe wäert.

Insgesamt leie mer, an der provisorescher Estimatioun, aktuell pro Woch bei 445 Stonne Coursen. An dëst fir ronn 980 Schüler.

Wéi all Joer, goufen och e puer Posten nei besat. Déi Poste ginn normal ausgeschriwwen. An do hate mer dann – an dat hutt Der jo och all per Mail kritt –, eng Kandidatur, déi méi speziell war. Well vun enger Persoun, engem Här koumen dann, zousätzlech zu senger Kandidatur, nach e puer separat Schreiwessen, déi mat ville Falschinformatiounen, ënner anerem massiv Personal aus eiser Museksschoul ugegraff huet, mam Zil, datt mer hien als Kandidat onbedéngt missten astellen a keen aner. Scho speziell, wann ee bedenkt, datt et jo eng Kandidatur ass, fir spéider solle mat, ënner anerem, dëse Leit gutt zesummen ze schaffen.

Dozou wéilt ech dann, vu datt et jo jiddereen heibannen an doriwwer eraus, gemailt krut an et deemno eng ëffentlech Äntwert erfuerdert, gären heizou sachlech äntwerten an zu deene verschiddene falsche Behaaptunge Stellung huelen.

Mir hunn natierlech déi verschidde Virwërf gepréift, a mir – an do schwätzen ech fir dee ganze Schäfferot – stellen eis kloer virun eist Personal aus der Museksschoul an de Personalservice aus der Gemeng, déi alles punkto Prozedur, Transparenz a Fairness richteg gemaach hunn.

Am Bréif gëtt behaapt, datt d'Museksschoul versicht hätt, dëse Posten ze verstoppen, fir datt kaum Kandidature kommen. Als Éischt ass dozou emol ze bemierken, datt d'Museksschoul zwar matdefinéiert, wat a wéi ee Posten ausgeschriwwe gëtt, d'Ausschreiwunge selwer ginn awer vun eisem Personalbüro vun der Gemeng gemaach.

Des Weidere gëtt behaapt, datt GovJobs Luxembourg eng kleng Plattform ass. Ech denken, do widdersprécht kee mer heibannen, datt grad GovJobs déi gréisste Plattform fir de Rekrutement am ëffentlechen Déngscht hei zu Lëtzebuerg duerstellt.

Ausserdeem war de Posten nach um Site vun der Gemeng a vun der Gemengegewerkschaft FGFC annoncéiert. An dat iwwerall wärend engem ganze Mount. Also verstoppt war dës Annonce sécherlech net. D'Insertioun vun den Annoncen hu mer Iech och op d'Cloud gesat.

Zousätzlech war d'Annonce och nach um Site vun der Déifferdenger Museksschoul publizéiert, contrairement zur Behaaptung an der Mail.

Da gëtt nach behaapt, datt mer keng Oboeklass hätten an duerfir keen Enseignant sech bei ons als Oboeenseignant ausweisen dierft. Dat ass och falsch, well am aktuelle Joer hu mir véier Schüler, déi Oboecoursen an eisem Haus suivéieren.

An d'Prozedur ronderëm d'Astellung follegt engem kloer definéierte Kader, wéi mer e fir all Posten hunn. Wou d'Rekrutementskommissioun, besteeënd aus engem vum Personalbüro, engem aus der Politik an ee bis zwee aus dem zoustännege Service, eng Preselektioun opgrond vun de Kandidaturen an alle bäigeluechte Pièce maachen, d'Leit gesinn an en Avis formuléieren.

*L'année dernière, une collaboration avec l'EIDE a permis de délocaliser quatre cours de groupe, mais la distance s'est révélée peu optimale. Pour l'année à venir, l'école de musique disposera de cinq grandes salles de classe sur le site de l'ancienne école ménagère, directement adjacente à l'école de musique.*

*Jerry Hartung expose que l'école de musique offre actuellement 445 heures de cours hebdomadaires pour environ 980 élèves. Il explique que plusieurs postes ont été pourvus cette année selon la procédure habituelle d'appel à candidatures.*

*Il évoque une candidature particulière accompagnée de plusieurs courriers séparés contenant de nombreuses fausses informations et attaquant massivement le personnel de l'école de musique. Le candidat exige d'être recruté exclusivement, ce qui parait étrange, sachant qu'il devrait ensuite collaborer avec ces mêmes personnes.*

*L'échevin précise que ces courriers ont été envoyés à tous les membres du conseil et au-delà, nécessitant une réponse publique. Au nom de l'ensemble du collège échevinal, il affirme soutenir pleinement le personnel de l'école de musique et le service du personnel communal, qui ont respecté toutes les procédures en matière de transparence et d'équité.*

*Il réfute l'accusation selon laquelle l'école de musique tenterait de dissimuler le poste pour limiter les candidatures. Il précise que si l'école participe à la définition des postes, les publications sont gérées par le bureau du personnel communal.*

*Il conteste également l'affirmation que GovJobs serait une petite plateforme, rappelant qu'il s'agit de la principale plateforme de recrutement du secteur public luxembourgeois. Le poste a été publié sur plusieurs sites pendant un mois entier. Notamment sur le site de l'école de musique de Differdange, contrairement aux allégations reçues par courriel. Il réfute également l'affirmation selon laquelle l'école n'aurait pas de classe de hautbois, précisant que quatre élèves suivent actuellement des cours de hautbois dans l'établissement.*

*Il explique que la procédure de recrutement suit un cadre clairement défini, identique pour tous les postes. Une commission de recrutement, composée d'un représentant du bureau du personnel, d'un membre du monde politique et d'un ou deux représentants du service concerné, effectue une présélection basée sur les candidatures et les documents joints. Les membres examinent et formulent un avis, puis l'instance compétente — le collège échevinal ou le conseil communal — prend la décision.*
*Concernant le poste en question, il détaille le calendrier : le poste a été publié jusqu'au 15 juin, la présélection s'est tenue le 18 juin, les entretiens ont eu lieu le 3 juillet, et le collège échevinal a pris sa décision le 9 juillet. Il souligne qu'aucun candidat ne peut recevoir une acceptation ou un refus avant cette décision officielle.*
*Il mentionne que certaines personnes ont été nommément attaquées dans les courriels, mais précise qu'il ne peut pas s'exprimer davantage sur ce point en séance publique. Il indique que le ministère de tutelle a été impliqué dans cette affaire et a confirmé que tout était en ordre. Malgré cela, le plaignant a menacé de saisir les instances européennes.*
*Face aux attaques répétées contre le personnel communal et la diffusion de fausses informations, la commune a envoyé un courrier au plaignant l'avertissant que des poursuites judiciaires seraient envisagées s'il continuait à diffamer publiquement le personnel ou la commune.*
*Jerry Hartung conclut en remerciant chaleureusement le directeur Rudi De Bouw et toute son équipe pour leur engagement.*

**ELISABETH DA SILVA (DP)** *remercie Rudi De Bouw et toute l'équipe pédagogique et administrative pour leur excellent travail, qui contribue à donner à la musique une place importante à Differdange. Elle se réjouit que l'offre se soit développée tant quantitativement que qualitativement, l'école de musique de Differdange s'étant fait un nom, comme en témoigne l'évolution du nombre d'élèves.*

Wourop dann déi zoustänneg Instanz, also de Schäffen- oder de Gemengerot, d'Decisioun en fin de compte hëlt.

Konkreet war hei de Posten ausgeschriwwe bis de 15. Juni. D'Preselektioun war den 18. Juni. D'Entretiensgespréicher waren den 3. Juli. An de Schäfferot huet den 9. Juli dunn d'Entscheedung getraff.

Natierlech kënne mer da kengem Kandidat, och net dem Här, virdrun eng Zou- oder Ofso zoukomme loossen.

Da goufen nach e puer Leit namentlech attackéiert. Dozou däerf ech mech jo elo hei an der Séance publique net weider äusseren, wäert awer duerno an der Séance non-publique nach drop agoen. Mee och do sinn d'Behaaptunge kloer falsch. Dir hutt am Dossier d'Ofgäng an d'Neizougäng stoen.

Des Weideren, de Ministère des Tutelles war jo och an där Mass u Maile mat dran. Mir hate Kontakt mat hinnen a mer hunn hinnen dat selwecht gesot wéi elo Iech. An och si hunn dat alles gekuckt an dem Här geäntwert, datt alles seng Richtegkeet hätt.

Mee och dat goung dem Här net dier, a mer kruten ugekënnegt, hie géif dann déi nächst Instanzen, op europäeschem Niveau, ugoen. Dir kënnt dat jo alles selwer liesen.

Nodeems hie sech widderholl einfach net gepackt huet, trotz dem Ministère a mengen Äntwerten, an hien ëmmer weider seng Mailen an d'Welt geschéckt huet, wou och d'Personal, ënner anerem, attackéiert gëtt, huet d'Gemeng dem Här dann ee Bréif zoukomme gelooss, wou mer kloer widderhuelen, datt hie Falschinformatioune verspreeë géif an datt mer haut hei all d'Punkte richtegstelle géifen.

Des Weidere wär et säi gutt Recht, bei weider Instanzen ze goen, woumat mir kee Probleem hätten, d'Richtegkeet ze beleeën. Par contre, wann hie weider en public mat falschen Informatiounen eist Personal oder d'Gemeng diffaméiere géif, mer juristesch Suitten envisagéiere géifen.

Ech hunn dann déi verschidde Falschinformatiounen, déi dës Persoun an d'Welt gestreet huet, heimat versicht sachlech ze beäntwerten a richtegzestellen. Fir eis wier dës Geschicht elo emol esou ofgeschloss.

Da kommen ech zréck bei déi provisoresch Organisatioun vun eiser Museksschoul.

Ofschléissend wëll ech dem Direkter Rudi De Bouw a senger ganzer Ekipp, der Direktioun, dem Sekretariat, de Museksenseignanten ee grousse Merci fir hiren engagéierten Asaz ausdrécken a bieden Iech, dëst alles matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Madamm Da Silva, wannechgelift.

**ELISABETH DA SILVA (DP):**

Här Buergermeeschter, merci fir d'Wuert. Léif alleguer, am Numm vun der DP soe mir och dem Rudi De Bouw, senger ganzer pedagogescher an administrativer Ekipp villmools Merci, fir déi gutt Aarbecht, déi geleescht gouf an dozou bäigedroen huet, dass d'Musek zu Déifferdeng eng wichteg Plaz huet. An dat net nëmmen dëst Joer, mee och an deene vergaangene leschte Joren.

Mir als DP begréisse besonnesch, dass d'Offer sech net nëmme quantitativ, mee och an der Qualitéit weiderentwéckelt huet. Déi Déifferdenger Museksschoul huet sech entretemps een Numm gemaach. D'Evolutioun vun de Schülerzuele wärend de leschte Jore schwätzt fir sech.

D'DP setzt sech dofir an, dass Musek kee Privileeg ass, mee eng Geleeënheet fir jiddereen. Mat der Aféierung vun dem gratis Museksunterrecht duerch eisen Educatiounsminister Claude Meisch ass d'Musek mëttlerweil ee feste Bestanddeel an der parascolaire Ausbildung vun de Kanner an der Jugend.

Dowéinst recommandéiere mir dem Schäfferot, an der Museksschoul dofir ze suergen, dass all Kand, Jugendlechen oder Erwuessenen, dee Musek wëll léieren oder maachen, dat och an der Déifferdenger Museksschoul maachen dierf. Dofir plädéiere mir, d'Capacitéiten der

Demande unzepassen, souwuel wat d' Personal ewéi och wat d'Raimlechkeeten ugeet.

Ech hätt nach eng Fro gehat, mee déi huet den Här Hartung scho beäntwert, mat de Raimlechkeeten an der EIDE.

Just nach ee Punkt, deen, wou mir mengen, ëmmer vergiess gëtt, dat ass eis Blues Schoul. Et wär gutt, wann déi Detailer och géifen an dësem Dokument resüméiert ginn, well d'nächst Joer feiere mer jo schliisslech 20 Joer Blues Schoul – een eemolege Projet hei am Land an an der Groussregioun!

D'DP stëmmt selbstverständlech déi provisoresch Schoulorganisatioun vun der Museksschoul fir 2025/2026 mat an engagéiert sech, dass d'Musek an eiser Stad net nëmmen héich qualitativ bleift, mee och zougänglech, inklusiv a mat Häerz organiséiert gëtt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Eng weider Wuertmeldung? D'Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Et ass schonn e puermol elo gesot ginn, dass Musek wierklech ee groussen Atout ass an dat a villen Hisiichten. Si schweesst zesummen, mécht glécklech, ass net un eng Sprooch gebonnen, net un eng Faarf gebonnen an och net un en Alter eigentlech gebonnen.

Mir schwätzen hei oft vu jonke Leit, well et Schüler sinn an der Musek, mee als Gemeng vum Sport, oder wou de Sport esou grousgeschriwwe gëtt, ass et fir mech immens wichteg, dass d'Musek do direkt derniewent ass an hire Stellewäert huet a behält. An dëst beweist jo dee grousse Succès an der Museksschoul un den Zuele vu Schüler.

Effektiv, Dir hutt et erwäänt, Här Hartung, 980 Schüler. Ech mengen awer, dass et der ongeféier 750 am Gebai selwer si vun der Museksschoul. An do komme jo dann nach eng ganz Rei aner Gebaier derbäi, respektiv Museksunterrecht an eise Maison-relaisen, wou d'Kanner och d'Méiglechkeet hunn, net nëmmen de Sport, mee och d'Musekswelt kennenzeléieren. A wat wichteg ass, fir esou fréi wéi méiglech kënnen domat unzefänken.

Eng Waardelëscht, leider, ass nach ëmmer do. 217 Schüler. Dat ass awer eng relativ grouss Zuel vis-à-vis vun deenen ongeféier 1.000 oder 980 Schüler, déi mer hunn. Do schléissen ech mech de Virriedner un, dass et wierklech wichteg ass, dass gekuckt gëtt, nach weider Säll ze organiséieren.

Effektiv gëtt an de Sportsraim Theater, also den Département ugebueden, mee wat awer feelt an deem Ganzen ass Danz. Wat zu Esch, zum Beispill, am Conservatoire oder an anere Musekschoulen ugebuede gëtt. Dee ganzen Departement feelt. Mee ech denken, wa mer als Gemeng weider esou hannendru bleiwen, da kënne mer dat bestëmmt och iergendwann ubidden als Museksschoul.

An dofir ee groussen, grousse Merci un dat ganzt Personal, un d'Sekretariat, un d'Proffen, un d'Direktioun. Merci fir d'Nolauschteren. Mir stëmmen dat do mat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. No esou ville schéine Wierder fir d'Museksschoul ass et natierlech schwéier, nach duerno d'Wuert ze ergräifen.

Mee ech wollt awer hiweisen op dee wierklech exzellenten Zoustand vun eiser Museksschoul, vun der Qualitéit vum Service, vun der Formatioun. Wann ee gesäit, wéi dat iwwer d'Jore geännert huet, da gesi mer, dass haut d'Natur vun deem, wat un Instrumenter do bäibruecht gëtt, sech ganz vill geännert huet.

Vun den typesche Blosinstrumenter, wou soss eis Harmonië ganz staark dovu profitéiert hunn, ass et dunn iw-

*Elle souligne que le DP s'engage pour que la musique ne soit pas un privilège, mais une opportunité pour tous. Grâce à l'introduction de l'enseignement musical gratuit par le ministre de l'Éducation, Claude Meisch, la musique est devenue une composante intégrante de la formation parascolaire. Elle recommande d'adapter les capacités à la demande, tant en personnel qu'en locaux.*
*Elle mentionne également l'école de blues, projet unique dans le pays et la Grande Région, qui fêtera ses vingt ans l'année prochaine.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *souligne que la musique est un atout majeur, qui rassemble, rend heureux et n'est liée ni à une langue, ni à une couleur, ni à un âge. Elle insiste sur l'importance de maintenir la musique au même niveau que le sport dans la commune.*
*Elle note les 980 élèves inscrits, dont environ 750 dans le bâtiment principal, et mentionne la liste d'attente de 217 élèves, soulignant la nécessité de trouver des salles supplémentaires. Elle regrette l'absence d'un département de danse et remercie l'ensemble du personnel.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *reconnait qu'il est difficile d'intervenir après de si belles paroles. Il souhaite néanmoins souligner l'excellent état de leur école de musique, la qualité du service et de la formation. Il observe que la nature de l'enseignement instrumental a considérablement évolué au fil des années. L'école est passée des instruments à vent typiques, dont profitaient fortement les harmonies locales, vers davantage d'instruments à cordes et à clavier, puis vers des spécialisations, comme la formation jazz et le chant. Differdange offre ainsi une large palette de possibilités.*

*Il se réjouit d'avoir vu récemment au Blues Express qu'un big band se produit à nouveau sous l'égide de l'école de musique de Differdange. Il salue toutes les initiatives prises au-delà de l'enseignement instrumental individuel régulier, qu'il s'agisse de concerts de l'orchestre à cordes ou d'autres projets collectifs permettant aux élèves de se produire devant un public dans le cadre de projets communs.*

*Il félicite la direction actuelle de monsieur Rudi De Bouw et toute son équipe pour leur travail remarquable et leurs projets innovants, permettant aux élèves de se présenter à l'extérieur.*

*En tant que représentant de Differdange à l'Association des écoles de musique, il rapporte que beaucoup d'élèves abandonnent les écoles de musique parce qu'ils reçoivent un enseignement individuel sans pouvoir jouer avec d'autres. Des pistes sont recherchées pour améliorer cette situation, ce qui se fait déjà largement à Differdange. Les nouvelles formes d'enseignement et les nouveaux instruments, comme la guitare, désormais fortement représentés, permettent également des activités communes.*

*Il aborde ensuite la question des espaces et des bâtiments. Avec environ 950 élèves, l'école atteint ses limites en raison du manque de locaux pour offrir les cours. Il faudrait trouver davantage d'espaces pour accueillir les 200 à 250 élèves encore sur liste d'attente.*

*Il souligne l'importance de l'éveil musical dans les maisons relais, permettant aux enfants de découvrir quel instrument leur conviendrait avant de commencer l'enseignement sérieux. Le théâtre et la danse font également partie de cette approche, même si ces domaines restent encore développables.*

---

**GUY TEMPELS (CSV)***approuve l'organisation provisoire de l'école de musique pour l'année prochaine.*

wergaangen op méi Säiten- a Sträichinstrumenter. Et ass weidergaangen op méi Spezialisatioune wéi d'Jazz-Formatioun. De Gesank ass bäikomm. Also ech mengen, mer hunn do eng ganz Partie Offeren ze bidden, hei zu Déifferdeng.

Et huet mech och gefreet, ech hunn dat elo deslescht um Blues Express gesinn, dass och erëm eng Big Band ënner der Déifferdenger Museksschoul praktesch optrëtt. Dat ass, zum Beispill, och eng ganz positiv Initiativ. Wou ech iwwerhaapt wëll soen, datt ausser deem eigentlechen Instrumentenunterrecht, individuellen Unterrecht, ganz vill Initiative geholl ginn, sief et Concerte vum Sträichorchester, sief et aner Initiativen, déi zesumme geholl gi mat Gruppe vu Schüler, fir Prestatiounen ze maachen, fir déi och am Kader vu gemeinsame Projeten optrieden ze loossen a sech kënne virum Publikum do virzestellen.

Ech mengen, dat ass wichteg, dass dat kann de Fall sinn. An dat gëtt jo alles organiséiert nieft deenen normale Coursen. An et ass dat, wat een och bei der aktueller Direktioun vum Här Rudi De Bouw, mat senger ganzer Ekipp, muss ervirsträichen. An hinnen och dofir felicitéieren, well si net ophalen an ëmmer erëm innovativ Projeten abréngen, fir dass d'Élèvë sech no bausse presentéiere kënnen.

Et ass eng wichteg Aufgab. Dir wësst: Ech sinn am AEM, den Déifferdenger Vertrieder an der Association des Écoles de musique, an do gëtt gesot, dass vill Schüler géifen ofsprange vun de Museksschoulen, well se een Enseignement individuel hunn a well se net kënnen zesumme mat anere Leit musizéieren.

Do gëtt no Piste gesicht, wéi een dat verbessere kann, um Niveau vun de Museksschoulen. An ech mengen, dat geschitt hei zu Déifferdeng schonn an engem grousse Mooss. An, wéi gesot, well och déi nei Form vun Enseignement, nei Instrumenter wéi Gittar an esou weider, wat et soss net esou ginn huet, mee déi elo ganz staark ervirtrieden, dass déi och Aktivitéiten zesumme maachen am Kader vun der Museksschoul.

Ech wëll awer och op d'Theema agoe vum Espace, also de Gebailechkeeten. Mir sinn elo op enger relativ héijer Schülerzuel, vun 950 Schüler, ukomm. A mir stoussen un eis Grenzen, dat hu mer jo alleguer festgestallt. Eebe wéinst dem Mangel u Raimlechkeeten, fir d'Coursen ofzehalen.

Do misst een awer nach virufueren, wéi dat och Virriedner scho gesot hunn, fir awer weider Raim ze fannen, fir déi zirka 200-250 Schüler, déi nach op der Waardelëscht stinn. Dass mer déi awer kënnen och mat unhuelen. Well et ass ëmmer penibel – mir gi jo Synergien a mat Nopeschgemengen, fir och Schüler vun do eranzehuelen. Wat jo och positiv ass. An da musse mer der awer ëmmer erëm ofleenen. Dat ass net ganz gutt.

Speziell ervirhiewe wëlle mer, dass den Éveil musical an de Maison-relaisen eng wichteg Aufgab ass. Net nëmmen do, mir wëlle jo och um Niveau vum Sport, de Kanner déi verschidde Sportaarte virstellen an hinne weisen: Wat fir ee Sport ass fir mech gëeegent? Sou ass et och flott an der Musekserzéiung, dass si kënne mat anere Methode schnell erausfannen, wat fir een Instrument hinne géif gefalen, ier se dann dee richtege seriöen Enseignement ufänken, mee am Spill un d'Musek erugefouert ginn, an un d'Musekskonscht.

An dozou gehéiert, wéi richteg gesot ginn ass, den Theater an den Danz derzou. Dat leeft schonn deelweis gutt. Mee et ass nach ausbaufäeg.

Nach eng Kéier, och vun eiser Säit, der ganzer Ekipp ëm den Här De Bouw, ee grousse Merci fir hir Aarbecht, déi eis och ëmmer erëm Freed mécht, dat ze verfollegen.

Merci fir d'Wuert.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Hartung nach eng Kéier, wannechgelift. Den Här Tempels nach virdrun, pardon. Ech hat Iech net gesinn, Här Tempels.

---

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech hat mech vläicht net gutt bemierkbar gemaach. Merci awer!

Natierlech stëmme mir déi provisoresch Organisatioun vun der Museksschoul fir d'nächst Joer mat Jo.

D'Zuele schwätze fir sech. Et si vill Schüler an der Schoul, et sinn der och nach vill, déi gären an d'Museksschoul géife kommen.

Den Här Rudi De Bouw, säi ganze Staff, d'Enseignanten, si maachen eng tipptopp Aarbecht. Et gëtt ëmmer probéiert, eng Léisung ze fannen, fir d'Ugebuet nach weider auszebauen oder unzepassen. Den Här Hartung huet dat grad erkläert, wéi ëmmer gesicht gëtt, Säll ze fannen.

Näischtdestotrotz muss een an Zukunft kucken, weider Plaz ze schafen.

Dat wär et vun eiser Säit. Mir stëmmen mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. D'Madamm Da Silva nach eng Kéier.

**ELISABETH DA SILVA (DP):**

Ech géif gäre wëlle widderhuelen, datt mir an der EIDE wierklech nach Raimlechkeeten hunn a se och gären zur Verfügung stellen, sou wéi beim Sport, wou mer ganz gutt mat der Gemeng zesummeschaffen. Mir sinn eng Gesamtschoul, freides mëttes ass keng Schoul, an och nomëttes. An et deet mer leed, dat Argument mat der Distanz, ech mengen eist Gebai war och op dräi Sitten, ass haut nach op dräi Sitte verdeelt. Mir hunn der nach. A mir huele se gären erëm bei eis. Just als Widderhuelung. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. Här Hartung.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Virop jiddwerengem villmools merci fir dee ganz positive Feedback.

Eng regional Museksschoul besteet u sech aus dräi Departementer. Dat ass éischtens den Département de la musique, wou dat méi Klassescht, Solfège oder Museksinstrumenter geléiert gëtt. Dann den Département des arts de la parole, wat nach méi frësch ass, wat mer zënter e puer Joer en place gesat hunn. An drëttens, effektiv, den Département de la danse, wou mer versichen, dat och nach en place ze setzen.

Do hate mer och schonn Diskussiounen dëst Joer gefouert an der Museksschoul. Dat versiche mer fir d'nächst Joer. Ech kann näischt verspriechen. Ech mengen, et hänkt och alles erëm vun de Raimlechkeeten of, vun den Enseignanten, déi een da muss dofir fannen a rekrutéieren.

Mir hunn elo emol e bëssen un de Raimlechkeete geschafft. Mam Sportsservice hu mer do eng super Léisung fonnt. Ech mengen, et muss een natierlech bedenken, wann een en éischt Joer mécht, duerno kënnt een zweet Joer, da wëll ee jo och erëm en éischt Joer opmaachen, dat heescht hannendru kann een net einfach emol soen, fir d'nächst Joer ee Slot vun zwou Stonnen. Well dat bedeit, dat Joer drop bräichte mer da véier Stonnen an dat Joer duerno sechs Stonnen. An dat geet jo ëmmer esou weider.

D'Offer vun der EIDE huele mer gären un. No der Rentrée kënne mer eis mat Iech respektiv mam Sportsservice zesummesetzen. Et muss een einfach kucken, wéi een dat op laang Siicht da kann opbauen.

Datt mer esou ee grousse Succès hunn an och esou eng flott Offer fir eis Schüler, dat ass effektiv den Äifer vun enger ganz dynamescher Direktioun, zesumme mam Sekretariat an den Enseignanten. Well, den Här Muller sot schonn, mir hunn eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat der AEM.

Mir hunn awer och ganz vill Projeten, Austausch mat Schoulen, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, souguer iwwer d'Grenzen eraus. Wat ëmmer bénéfique ass fir eis Schüler, well se net nëmmen am Klassesall, eemol an der Woch, en Instrument üben, mee wierklech dann och mat anere Gläichaltregen zesummekommen, een Austausch hunn a

*Les chiffres parlent d'eux-mêmes avec de nombreux élèves et d'autres souhaitant encore intégrer l'école. Il salue l'excellent travail de Rudi De Bouw, son équipe et les enseignants, tout en soulignant la nécessité de créer davantage d'espaces à l'avenir.*

**ELISABETH DA SILVA (DP)** *rappelle que l'EIDE dispose encore de locaux qu'elle met volontiers à disposition, comme pour le sport, où la collaboration avec la commune fonctionne bien. Elle précise que les vendredis après-midi et les après-midis en général, l'école est disponible.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie tous les intervenants pour leurs retours positifs. Il explique qu'une école régionale de musique comprend trois départements : le département de musique pour l'enseignement classique du solfège et des instruments, le département des arts de la parole et le département de danse, qu'ils tentent de mettre en place pour l'année prochaine, sous réserve de locaux et d'enseignants disponibles.*
*Il accepte l'offre de l'EIDE et propose une réunion après la rentrée pour examiner les possibilités à long terme.*
*Jerry Hartung souligne que le grand succès et l'offre attractive pour les élèves résultent du dynamisme d'une direction très active, travaillant de concert avec le secrétariat et les enseignants. Il rappelle l'excellente collaboration avec l'AEM mentionnée par monsieur Muller. La commune développe de nombreux projets et échanges avec des écoles, non seulement au Luxembourg, mais aussi au-delà des frontières. Ces initiatives profitent aux élèves, qui ne se limitent pas à pratiquer un instrument une fois par semaine en classe, mais rencontrent véritablement d'autres jeunes de leur âge, participent à des échanges et réalisent de beaux projets ensemble.*
*Concernant les listes d'attente, il confirme leur existence. Ces listes ne se limitent pas à Differdange, mais il précise que les habitants de Differdange bénéficient d'une priorité. L'attribution dépend naturelle-*

*ment de la demande pour chaque instrument, chacun disposant d'un nombre déterminé de places. Cela influence le délai d'accès aux cours. Il remercie l'assemblée et exprime l'espoir de pouvoir intégrer la danse pour la rentrée 2026.*
*(Vote)*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *annonce le passage au point 8 concernant l'organisation des cours de langues et cède la parole à monsieur Wagner.*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *présente le programme des cours de 2025-2026. Les inscriptions sont ouvertes depuis le 1er juillet et se poursuivent jusqu'au 31 juillet, sous réserve des places disponibles. La session 2024-2025 se clôture officiellement ce soir avec la remise des diplômes. Pas moins de 223 certificats sont distribués. Pour obtenir le certificat, les participants doivent activement participer et être présents à au moins 70 % des séances, soit 14 cours sur 20. Chaque séance dure deux heures. Les cours se déroulent en présentiel, mais certains sont également proposés par « e-learning ». Les sessions en visioconférence utilisent Teams, solution qui offre désormais plus de possibilités qu'auparavant malgré quelques problèmes initiaux.*
*Un cours nécessite minimum 10 inscrits pour être maintenu, avec un maximum de 20 à 24 élèves par classe. Trois-cent-soixante-dix inscriptions sont déjà enregistrées.*
*Cette année, 25 cours de langues différents sont proposés, soit un de plus que l'année dernière. Les nouveautés incluent un cours d'allemand, et des cours de luxembourgeois de niveau B1.1 et de français B1.2. Face à la forte demande, deux cours de français A1.1 sont organisés.*
*Un cours de français combiné avec un atelier cuisine est désormais ouvert à tous. La commune s'efforce de lier l'apprentissage aux évènements culturels. L'année dernière, le programme incluait la visite du circuit Wenzel dans la capitale et une soirée culinaire avec des spécialités luxembourgeoises. Les participants aux cours et leurs enseignants ont également tenu un stand au marché*

wierklech flott Projeten esou kënne maachen.

Zu de Waardeläschten. Stëmmt, et gëtt eng Waardeläscht. Eis Läschten, déi begrenze sech jo net nëmmen op Déifferdeng. An do muss een awer da ganz kloer soen, datt déi Déifferdenger Prioritéit hunn. Hänkt natierlech och ëmmer vun der Demande of, fir wéi een Instrument ee sech aschreift. Et huet een eeben eng bestëmmten Unzuel u Contingente pro Instrument. An dat huet dann natierlech Repercussiounen, wéi séier een drukënnt oder net.

Op jidde Fall villmools Merci. An da kucke mer, datt mer d'nächst Joer, also fir d'Rentrée 2026, dann och danze kënnen.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Keng weider Wuertmeldung méi. Mir kommen zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation provisoire de l'école de musique pour l'année scolaire 2025-2026.*

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Da kéime mer zum Punkt 8, der Organisatioun vun de Sproochecoursen. Do géif ech d'Wuert un den Här Thierry Wagner ginn.

---

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här éischte Schäffen. Fir d'Sproochecoursen 2025/2026 sinn d'Inscriptioune säit dem 1. Juli op a lafe bis den 31.7., sous réserve, wéi vill Plazen nach disponibel sinn.

D'Sessioun 2024/2025 gëtt den Owend offiziell hei niewendrun ofgeschloss, mat der Remise vun den Diplomer. Net manner wéi 223 Zertifikater ginn den Owend verdeelt.

D'Haaptkonditioun: Et muss een aktiv matschaffen an op d'mannst 70 % vun de Seancë present sinn, also 14 vun 20 Coursen. Eng Seance dauert zwou Stonnen.

D'Coursë sinn opgedeelt, ginn en présentiel, mee och iwwer E-learning-Method proposéiert. Visio gëtt iwwer Teams ofgehalen, dat war jo mol ee klenge Probleem, mee dës bitt elo méi Méiglechkeete wéi an der Vergaangenheet.

Ee Cours gëtt gehalen, wann op d'mannst zéng Persounen ageschriwwe sinn. De Maximum läit bei 20 bis 24 Schüler pro Cours.

Mir sinn, Stand gëschter, scho bei 370 Inscriptiounen.

Dëst Joer gi 25 verschidde Sproochecoursen ugebueden, ee méi wéi dat vergaangent Joer. Nei ass dës Kéier d'Offerte vun engem Däitschcours. Mee och Lëtzebuergesch, Niveau B1.1 a Franséisch B1.2. A wéinst der grousser Nofro, zwee Franséisch A1.1-Coursen.

E Franséischcours, kombinéiert mat engem Atelier de cuisine, ass elo op fir jiddwereen.

Dynamesch si mer ënnerwee, versiche Léiere mat kulturellen Evenementer ze verbannen. D'lescht Joer stoung, zum Beispill, de Wenzelstour an der Stad um Programm, awer och ee kulinareschen Owend mat Lëtzebuerger Spezialitéiten.

Zousätzlech waren eis Leit vun de Coursen, zesumme mat den Enseignanten, um Chrëschtmaart am Asaz an hunn eng gehäerzt an eng séiss Spezialitéit aus engem anere Land zum Beschte ginn.

Mir sinn an Diskussioune mam Office social, fir speziell adaptéiert Coursen unzebidden a sinn a Gespréicher, fir mat de Schüler ee gemeinsame Projet auszeschaffen, dee si aktiv solle matgestalten.

Ech bieden Iech, d'Organisatioun vun de Sproochecoursen esou matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Här Cillien.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, merci fir d'Wuert. Merci fir d'Explikatiounen, Här Wagner. Mir stëmmen dat mat.

Mir begréissen déi Weiderentwécklung vun de Coursen, datt ëmmer méi Coursen nach dobäikommen.

Ech hätt eng Fro, ech weess awer net, ob Der elo d'Äntwert direkt hutt. Et gouf ëmmer och nach een zweeten Engleschcours, also den A1.1 wéi dëst Joer, an dann den A1.2. Mee dee steet d'nächst Joer net méi um Programm. Wësst Der, ob do einfach keng Demande war oder firwat deen net méi stattfënnt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Vill Coursë ginn effektiv mëttlerweil iwwer E-Learning ugebueden, wat anscheinend ganz, ganz vill besicht ass an och eng flott Iddi ass, well ee sech da jo net weider muss deplacéieren, an och mat alle Geräter entretemps kann derbäi sinn. Dat ass ee ganz flotte Punkt.

Ganz flott ass dee franséische Kachcours, deen ugebuede gëtt. Wou een zesummen aktiv ass a gläichzäiteg eng nei Sprooch léiert.

Et ass och flott, dass en Däitschcours ugebuede gëtt. Well dat gëtt heiansdo zu Lëtzebuerg vergiess, well mir als Lëtzebuerger all gutt Däitsch kënnen. Mee et gëtt awer vill auslännesch oder francophone Leit, déi déi Sprooch och wëlle verdéiwen.

Ee grousse Merci un d'Madamm Streitz an hiert ganzt Team. Ech weess, dass d'Madamm Streitz ëmmer amgaangen ass ze kucken, wéi eng Course gutt besicht sinn, versicht dann een do an deem Beräich weider ze setzen oder Coursen, déi net esou gutt besicht sinn, een ewechfalen ze loossen. A vläicht ass dat en Deel vun der Erklärung scho fir den Engleschcours.

Jiddefalls freeën ech mech den Owend op d'Präisiwwerreechung. Ech soen Iech Merci. Mir ginn eis Zoustëmmung. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. D'Madamm Ceman, wannechgelift.

**EMINA CEMAN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wëll d'Geleeënheet notzen, dat wäertvollt Angebot vun de Sproochecoursen ervirzehiewen, déi all Joer hei an der Gemeng ugebuede ginn.

Déi Course si säit Joren ee groussen Erfolleg. Dat gesäit een net nëmmen un de positive Réckmeldungen, mee och un den Aschreiwungszuelen. Allkéiers melle sech vill Leit un, esou vill, datt ee wierklech séier muss sinn, bevir d'Plazen all vergi sinn.

Dat weist ganz däitlech, wéi grouss den Interessi u Sproochen an eiser Gemeng ass.

Zu Déifferdeng ass d'Sprooch ee wichtege Schlëssel fir de Vivre-ensemble, d'Integratioun an d'perséinlech Entwécklung. Vill Biergerinnen a Bierger gesinn d'Noutwendegkeet, eng nei Sprooch ze léieren, sief et fir d'Aarbecht, am Alldag oder aus eegenem Interessi.

Ech wëll och der Madamm Streitz, déi dës Sproochecoursen organiséiert, villmools Merci soen. An Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci och un Iech. Här Wagner, wannechgelift.

*de Noël, proposant des spécialités sucrées et salées de différents pays. Des discussions sont en cours avec l'office social pour proposer des cours spécialement adaptés, et des échanges visent à développer un projet commun avec les élèves qui participeront activement à sa conception.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *remercie monsieur Wagner pour les explications et confirme son soutien. Il salue le développement continu de l'offre avec l'ajout régulier de nouveaux cours. Il s'interroge sur l'absence du cours d'anglais A1.2 au programme de l'année prochaine, alors qu'il existait cette année en complément du A1.1.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *se félicite que de nombreux cours soient proposés en « e-learning », format très demandé et pratique, puisqu'il évite les déplacements et permet de participer depuis différents appareils. Elle apprécie particulièrement le cours de français avec atelier cuisine, permettant d'être actif tout en apprenant une nouvelle langue.*
*L'introduction d'un cours d'allemand est également bienvenue, cette langue étant parfois négligée au Luxembourg, où les Luxembourgeois la maitrisent généralement, mais où de nombreux étrangers ou francophones souhaitent l'approfondir.*
*Elle remercie madame Streitz et son équipe pour leur travail d'analyse des cours populaires et l'adaptation constante de l'offre.*

**EMINA CEMAN (CSV)** *saisit l'occasion pour mettre en valeur l'offre précieuse des cours de langues proposés annuellement dans la commune. Ces cours connaissent un succès constant depuis des années, visible tant dans les retours positifs que dans les chiffres d'inscription. Les places se remplissent rapidement, démontrant le grand intérêt pour les langues dans la commune.*
*À Differdange, la langue constitue une clé essentielle pour le vivre-ensemble, l'intégration et le développement personnel. De nombreux citoyens reconnaissent la nécessité d'apprendre une nouvelle langue, que ce soit pour le travail, la vie*

*quotidienne ou par intérêt personnel. Elle remercie également madame Streitz pour l'organisation de ces cours.*

**THIERRY WAGNER (CSV)** *aborde la question de l'apprentissage en ligne soulevée par madame Schütz. Il reconnait que cette modalité constitue une bonne initiative, mais souligne que l'enseignement en présentiel demeure une méthode plus vivante et plus efficace pour travailler. Le dialogue entre les personnes s'établit plus facilement en présence physique que par visioconférence. Les enseignants confirment également que la présence sur place apporte davantage de bénéfices. Néanmoins, il reconnait que l'apprentissage à distance représente une nécessité et la commune propose volontiers la possibilité d'apprendre une langue par visioconférence.*
*Concernant le cours d'allemand nouvellement ajouté, Thierry Wagner indique avoir vérifié les inscriptions, qui s'avèrent satisfaisantes, permettant ainsi le maintien du cours. Il rappelle qu'un minimum de dix personnes inscrites est nécessaire pour que l'organisation du cours ait un sens, et il estime que cet objectif est en bonne voie d'être atteint.*
*Pour le cours d'anglais mentionné par monsieur Cillien, il suppose que son annulation cette année résulte du faible nombre d'inscriptions l'année précédente. Il promet de s'informer directement auprès de madame Streitz le soir même et de fournir une réponse.*
*Il termine en exprimant ses remerciements à madame Streitz pour son excellente collaboration et l'organisation des cours.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *présente le point concernant l'adaptation de l'organigramme du personnel communal. Il expose que ces derniers mois ont révélé plusieurs développements, qui placent la commune devant de nouveaux défis, particulièrement dans le service administratif. Le nombre d'habitants connait une croissance significative, intensifiant non seulement les tâches administratives classiques,*

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. D'Madamm Schütz hat den E-Learning ugeschwat. Dat ass eng gutt Saach. Ech muss awer och ënnersträichen, dass en présentiel natierlech ëmmer nach méi eng lieweg Aart a Weis ass, fir ze schaffen. An och do ass den Dialog tëscht de Leit méi einfach wéi iwwer Visio. Et bréngt méi, soe mer mol esou, wann ee sur place ass. D'Enseignantë soen dat och. Mee natierlech, dat anert ass awer eng Noutwendegkeet. An dat maache mer jo och gären, dass een eng Sprooche iwwer Visio léiere kann.

Den däitsche Cours, dee bäigesat ginn ass, hunn ech elo nach eemol gekuckt, d'Inscriptioune si relativ gutt. Soudass dee Cours ka gehale ginn. Wéi gesot, ech hat jo am Ufank gesot, et mussen op d'mannst zéng Leit ageschriwwe sinn, dass dat och Sënn mécht. An ech mengen, do si mer gutt ënnerwee beim däitsche Cours.

Wat den Engleschcours ubelaangt, wat den Här Cillien gefrot huet, ech huele mol staark un, dass dat och dowéinst ass, well d'Inscriptiounen d'lescht Joer net gutt waren, dass deen dëst Joer ausfält. Ech froen d'Madamm Streitz dann direkt den Owend, sur place. A ginn Iech dann och eng Äntwert.

Ech wollt dat zwar den Owend maachen, mee ech soen dann elo nach eng Kéier der Madamm Streitz Merci fir hir gutt Mataarbecht an d'Organisatioun vun de Coursen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Keng aner Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation des cours de langues pour adultes pour l'année scolaire 2025-2026.*

Ech soen Iech Merci. Si mer beim Punkt 9, dem Personal vun der Gemeng, an zwar eng Upassung vum Organigramm.

An de leschte Méint hu mir eng Rei Entwécklunge festgestallt, déi eis virun nei Erausfuerderunge stellen, besonnesch am administrativen Déngscht vun eiser Gemeng.

D'Awunnerzuel ass däitlech gewuess, wat net nëmmen déi klassesch Verwaltungsaufgabe méi intensiv mécht, mee och d'Besoine vun eiser Populatioun. Gläichzäiteg schaffe mer als Gemeng um Ausbau vun der Digitaliséierung, eng wichteg Moderniséierung. Wat awer och erëm méi Kompetenzen a Ressourcë verlaangt.

Zousätzlech dozou sti mir viru Pensiounsofgäng vu verdéngten an erfuerene Mataarbechter. Mee och d'Notzung vu soziale Rechter wéi dem Congé parental an dem soziale Congé huet zougeholl. Eng Entwécklung, déi mir begréissen, mee déi mir och an der Planung musse berécksiichtegen.

Donieft hu mir als Gemengerot sozial Mesuren op de Wee bruecht, déi de Verwaltungsapparat zousätzlech belaaschten. Wat eng punktuell Opstockung vum Personal noutwendeg mécht a rechtfäerdegt. Ech hunn dëst an de vergaangene Wochen an am enken Dialog mat eise Chef-de-servicen analyséiert. D'Resultat ass kloer: Fir déi aktuell an zukünfteg Aufgaben am administrativen Déngscht effizient a biergerno erfëllen ze kënnen, musse mir de Personalbestand upassen an eropsetzen.

Mir hunn en Avis favorable vun eise Personaldelegatioune virleien. Ech bieden Iech ëm Är Ënnerstëtzung, fir dës Moossnam a si vun enger performanter, zukunftsfäeger a mënschenorientéierter Gemengeverwaltung iwwerzeegt. Ech soen Iech Merci.

Gëtt et Wuertmeldungen zu där Upassung vun deem Personalorganigramm? Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Ech hunn eng Fro. Et sinn der jo ee ganze Koup, déi do solle bäikommen. Hei steet an der Lëscht, dat wären déi Posten, déi retenu gi wären. Wéi vill goufen der gefrot vun den eenzelne Servicer? Waren et der weesentlech weider oder ass hei, méi oder wéineger, deem

Rechnung gedroe ginn, wat gefrot gouf?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

D'Ufroe vun de Chefs de service goufen, plus ou moins, berécksiichtegt. Just zwou, dräi sinn en suspens, well dat vläicht net esou néideg war oder well dat sech nach méi erausziitt, ier dee Pensiounsofgang ass. Mir schwätzen hei och ëmmer vu Pensiounsofgäng, do ass et jo och ëmmer sou, déi Posten, déi gi geschaf, et ass jo net esou, dass déi Posten da musse besat ginn. Et ka jo nach jiddweree seng Zäit, wou e schaffe geet, ëm x Méint verlängeren. Soudass mer da just d'Méiglechkeet hunn, wann een a Pensioun geet, fir déi Leit dann ze ersetzen, en cas de besoin, wou se an d'Pensioun géife goen.

Berécksiichtegt ginn awer meeschtens d'Ufroe vun de Chef-de-servicen.

Nach eng Wuertmeldung? Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Mir als gréng Fraktioun ralliéieren eis deenen zwee Avisen, déi virleien. Et ass absolutt wichteg, dass d'Gemeng sech kompetenter Aarbechtskraaft dotéiert, fir kënnen op déi zukünfteg Challengen anzegoen. Mir wäerten dee Punkt matstëmmen. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Och vun der Säit vun déi Lénk ënnerstëtze mir dës Rekrutementer, déi néideg sinn, fir eis Servicer oprecht ze erhalen, ouni vun eisem besteeënde Personal ze verlaangen, dass si dee ganze Wuesstum opfänken, ouni verstäerkt ze ginn, an deem Sënn, wéi d'Personaldelegatiounen hei och ee positiven Avis ginn hunn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Och mir als LSAP ënnerstëtzen déi Initiativ, fir de Personalbestand eropzesetzen. Mir mussen den Ufuerderunge vun enger 32.000-Awunner-Stad gerecht ginn. Mir hu jo och gesinn, den Avis vun den Delegatiounen ass positiv. Ech mengen, si si jo och all Dag domat konfrontéiert. Mir däerfen awer och net vergiessen, dass d'Demandë vun eisen Awunner, de Citoyens, un eis, un d'Gemeng ëmmer méi grouss ginn an ëmmer méi komplex. Soudass mer och mussen eng Administratioun hunn, déi deenen Ufuerderungen am beschte gerecht gëtt. Well schlussendlech ass dat Ganzt, wat mer maachen, eis ganz Administratioun fir eis Biergerinnen an eis Bierger do. Duerfir, mengen ech, soll se och net gebremst ginn, dass mer effektiv personalméisseg net gutt opgestallt wären.

Mir ënnerstëtzen als LSAP déi do Initiativ. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Mir kommen zum Vott

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'actualisation de l'organigramme de la Ville de Differdange ainsi que la création de postes.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'agent administratif et technique C3 sous le statut du salarié au sein du service jeunesse.*

*mais également les besoins de la population.*
*Parallèlement, la commune travaille au développement du numérique, une modernisation importante qui exige davantage de compétences et de ressources.*
*Il évoque également les départs à la retraite de collaborateurs méritants et expérimentés, ainsi que l'augmentation du recours aux droits sociaux, comme le congé parental et le congé social, une évolution qu'il salue, mais qui doit être intégrée dans la planification. Le conseil communal a mis en place des mesures sociales qui sollicitent davantage l'appareil administratif, rendant nécessaire et justifié un renforcement ponctuel du personnel.*
*Après analyse en dialogue étroit avec les chefs de service, il conclut qu'une adaptation et une augmentation de l'effectif s'imposent pour accomplir efficacement les missions actuelles et futures du service administratif. Il sollicite le soutien du conseil pour cette mesure.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *demande combien de postes ont été demandés par les différents services et si les demandes ont été largement satisfaites.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que les demandes des chefs de service ont été plus ou moins prises en compte, avec deux ou trois postes en suspens.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *annonce que la fraction verte se rallie aux deux avis présentés, soulignant l'importance pour la commune de se doter de forces de travail compétentes.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *exprime le soutien de déi Lénk pour ces recrutements nécessaires.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle la nécessité de répondre aux exigences d'une ville de 32 000 habitants et aux demandes croissantes et complexes des citoyens.*
*(Vote)*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'aide-soignant C3 sous le statut du salarié au sein du service Senior Plus.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnités A2, sous-groupe administratif, au sein du service culturel.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnités B1, sous-groupe administratif, au sein de la bibliothèque municipale.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnités B1, sous-groupe administratif, au sein du service de la diversification économique.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnités B1, sous-groupe administratif, au sein du service des travaux neufs.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnités B1, sous-groupe technique, au sein du service des autorisations de bâtir.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création de deux postes d'employé communal appartenant au groupe d'indemnités B1, sous-groupe technique, au sein du service informatique.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnités C1, sous-groupe administratif, au sein du 1535° Creative Hub.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnités C1, sous-groupe administratif, au sein de la bibliothèque municipale.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnités C1, sous-groupe administratif, au sein du secrétariat.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnités C1, sous-groupe technique, au sein du service informatique.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste de chargé de la santé et de la sécurité au travail (salarié désigné) sous le statut du salarié par analogie au groupe d'indemnités A2, sous-groupe scientifique et technique.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste de technicien réseau sous le statut du salarié par analogie au groupe d'indemnités C1, sous-groupe technique.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création de quatre postes d'agent sociopédagogique C3 sous le statut du salarié (CCT-SAS) au sein du service d'éducation et d'accueil.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création de deux postes d'assistant social C6 sous le statut du salarié (CCT-SAS) au sein du service jeunesse.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création de six postes d'éducateur diplômé C4 sous le statut du salarié (CCT-SAS) au sein du service d'éducation et d'accueil.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 10 vum Ordre du jour, den Akten an de Konventiounen. Ech géif d'Wuert dem Här Ulveling ginn, fir eis de Punkt 10a) virzestellen. Eng Cessatioun mam Staat. Wannechgelift Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Am Fonds du rail, fir genau ze sinn, wou den Nidderkuerer Mall gebaut gëtt, kréie mer en Terrain vun 3,2 Ar. Dee leschten Terrain, deen eis nach net gehéiert, kafe mer zu engem Präis vu 40.000 Euro den Ar. Dat heescht fir 128.000 Euro.

Dee ganze Plateau ass elo eisen. Esou kënne mer dee Projet duerno besser vermaarten. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Eng Fro, eng Wuertmeldung dozou? Den Här Muller.

Erny Muller (LSAP):

Ech sinn d'accord, dass mer dee kafen. Mee ech fannen et trotzdeem ee stolze Präis. Well wa mer kucken, wat mir Terrainen un de Staat ofgetrueden hunn, fir d'Entwécklung ze maachen hei an der Gemeng.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat ass eppes aneescht, jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech denken do, zum Beispill, un e Plateau du Funiculaire an Ëmgéigend. Dat war nach laang net dat doten – véiermol méi verlaange si, wéi si bereet waren, eis ze bezuelen. Mee ech mengen, netdestotrotz, solle mer dat do da kafen. A mir ënnerstëtzen dat och, well dat jo awer an deem ganzen Areal do gutt do dran ass fir d'Entwécklung vun Nidderkuer an deene 400 Aarbechtsplazen, déi dann do wäerten entstoen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Keng aner Wuertmeldung, mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de cession avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg concernant un terrain situé à Niederkorn au lieudit Vor der Lanterbann d'une contenance de 3,2 a.*

Soen Iech Merci. Punkt 10b), dat ass een Akt, wou mer en Haus kafen, wat zu Déifferdeng 3, rue Parc Gerlache läit. Den Här Hartung, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce le passage au point 10 de l'ordre du jour concernant les actes et conventions. Il donne la parole à monsieur Ulveling pour présenter le point 10a) relatif à une cession avec l'État.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que la commune achète un terrain de 3,20 a situé à l'endroit où sera construit le Niederkorn Mall. Il s'agit du dernier terrain qui n'appartient pas encore à la commune, acquis au prix de 40 000 € l'are, soit un total de 128 000 €. Il précise que l'ensemble du plateau appartient désormais à la commune, ce qui permettra de mieux commercialiser le projet par la suite.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *exprime son accord pour cet achat, mais trouve néanmoins le prix élevé. Il souligne que, lorsqu'on considère les terrains que la commune a cédés à l'État pour le développement communal, notamment le plateau du Funiculaire et ses environs, l'État demande quatre fois plus que ce qu'il était prêt à payer à la commune. Malgré cela, il soutient l'acquisition, car elle s'intègre bien dans l'ensemble du secteur pour le développement de Niederkorn et les 400 emplois qui y seront créés. (Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 10b concernant l'achat d'une maison située au 3, rue du Parc-Gerlache à Differdange. Il donne la parole à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise que le bâtiment est déjà bien connu, car la commune loue depuis longtemps le commerce du rez-de-chaussée pour le sous-louer et maintenir une activité commerciale. Au-dessus se trouvent trois studios intéressants pour le service du logement.*
*Après négociations avec le propriétaire, la commune achèterait l'ensemble pour 450 000 €, alors que le prix de vente initial était de 625 000 €.*
*Il détaille les travaux nécessaires qui restent limités : renouvèlement de la ferblanterie arrière, étanchéité et revêtement de la cour intérieure, peinture de la cage d'escalier et améliorations énergétiques. Des subsides seront demandés dans le cadre de l'aide à la pierre pour les logements, après amélioration de la classe énergétique.*
*Jerry Hartung souligne l'intérêt de cet objet, car la commune possède déjà le bâtiment adjacent au numéro 1, qui doit utiliser la cour intérieure de ce bâtiment sans que cela soit consigné par écrit. Les deux maisons sont partiellement liées. L'acquisition permettra d'éviter de futures difficultés et de résoudre un important problème de pigeons.*
*La commune aura ainsi la main sur ce bel immeuble en zone piétonne, pourra y maintenir un commerce durable et attrayant, et surtout ajoutera trois logements à son parc pour offrir un toit abordable aux personnes dans le besoin.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *demande si les travaux ont été chiffrés.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *répond que la ferblanterie et l'étanchéité de la cour couteront environ 80 000 €, auxquels s'ajoutent les travaux d'isolation.*

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Richteg. Dir misst dëst Gebai och scho gutt kennen, well um Rez-de-chaussée ass ee Commerce, dee mir als Gemeng scho länger ulounen, fir eeben da weiderzeverlounen, fir hei kommerziell Aktivitéit ze hunn. An do driwwer sinn dräi Studioen, déi interessant fir eise Service logement sinn.

No Verhandlunge mam Proprietär géife mer dat Ganzt fir 450.000 Euro kafen. Den initiale Verkafspräis louch bei 625.000 Euro.

Et sinn natierlech Aarbechten dran ze maachen, awer déi hale sech a Grenzen. Mer plangen emol, déi ganz Ferblanterie hannenaus ze erneieren, d'Ofdichtung an de Belag vum Bannenhaff, den Ustrach am Trapenhaus souwéi natierlech energeetesch Verbesserunge virzehuelen.

Fir de Wunnraum froe mer Subsiden am Kader vun der Aide à la pierre un. Nodeems mer d'Energieklass natierlech verbessert hunn.

Dësen Objet ass interessant, well, wéi scho gesot, loune mer scho länger ënnen de Commerce. Hei kënnen dann elo déi néideg Aarbechte richteg gemaach ginn. Besonnesch wann et gereent huet, huet ee gesinn, datt, ënner anerem d'Ferblanterie misst erneiert ginn.

Da gehéiert eis jo och schonn d'Gebai niewendrun, op der Nummer 1. Déi mussen u sech de Bannenhaff vun dësem Gebai matnotzen, wat awer néierens schrëftlech festgehalen ass. Ënner anerem muss dann och déi ganz Ferblanterie vun der Nummer 1 erneiert ginn. An da muss een och een Accès duerch dëse Bannenhaff hunn. An deels hänken déi zwee Haiser zesummen.

Op de Fotoe kënnt Der gesinn, wéi d'Poubellen am Bannenhaff stinn. Dat sinn d'Poubellë vun eisem Gebai, vun der Nummer 1. Dat heescht, vu datt mir et elo selwer kafen, evitéiere mer hei méiglech zukünfteg Schwieregkeeten.

Da besteet och ee grousse Probleem mat Dauwen. Elo, wou dee Bannenhaff eis selwer gehéiert, kënne mer hei endlech eng richteg Léisung envisagéieren.

Et ass ee schéint Gebai an eisem Zentrum an der Foussgängerzon, wou mir dann an Zukunft d'Hand drop hunn. Natierlech och, fir en durabelen a flotte Commerce heihin ze kréien. A virun allem kënne mer dräi weider Logementer an eise Bestand ophuelen, wou mer Leit an Nout een Iwwerdaach am abordabele Logement erméiglechen.

Ech denken, de Kafpräis ass méi wéi okay. All d'Pièceen, mat dem État des Lieux, fannt Dir op der Diffcloud. Ënner anerem, gesitt Dir, hat de Service logement gefrot, eng Etüd vun der Statik maachen ze loossen, fir op der sécherer Säit ze sinn. Déi u sech den Avis vun eisem Service logement ënnerstëtzt huet, datt dat awer an der Rei ass.

Ech bieden Iech, dëse Kaf vum Gebai mam Commerce an den dräi Studioe fir 450.000 Euro matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Detailer, Här Hartung. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt den Här Hartung froen: Dir hat jo schonn erwäänt, wat fir Aarbechten do néideg sinn, hutt Der dat och chiffréiert? Ass dat kee gréissere Montant, déi Aarbechten, déi do nach ze maache sinn?

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Fir déi ganz Ferblanterie an déi Ofdichtung vum Bannenhaff rechne mer mat ronn 80.000 Euro. An dann natierlech d'Isolatiounsaarbechten. Do schaffe mer am Prinzip ganz gutt mam Logementsministère zesummen, déi eis dann och emol soen, maacht dat awer elo éischter esou, huelt éischter dat do oder esou.

Jo, dat kënnt natierlech dann en plus. Mee ech denken awer och, wann een dat nach bei déi 450.000 Euro dobäi rechent, da si mer nach ëmmer bei engem ganz, ganz gudde Präis.

Mer kréie jo och nach Subventiounen herno. Natierlech net fir de Commerce.

Awer fir déi dräi Logementer kréie mer ee ganz gudde Pro rata, do schätze mer, dass mer bei 74 % leien. Mee hänkt natierlech vun den Aarbechten of, déi dann do ze maache sinn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung, fir déi Äntwerten. Et gëtt keng weider Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié visant l'acquisition d'un immeuble sis à Differdange au 3, rue du Parc-Gerlache.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 10c), een Akt, wou mer eng Acquisitioun maache vu verschiddene Parzellen zu Nidderkuer. Ech géif dofir d'Wuert un den Här Ulveling ginn, fir eis den Detail dovu virzestellen. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et geet ëm en Akt iwwer Parzellen. Eng kleng Parzell an der rue St. Pierre, direkt am Uschloss, gesitt Der um Plang, un der Spillplaz vun der Schoul zu Nidderkuer. Ee strateegesch wichtegen Terrain fir eis.

Dat anert sinn e puer Sträifen, déi mer uewen um Lieu-dit „Op dem Honsbësch" kréien, dat si 36,90 Ar. Do plange mir eng Agri-PVC-Anlag eventuell hinzebauen, well déi Terraine ronderëm alleguerten an eisem Besëtz sinn. De Präis vun deem ganze Lot ass 20.350 Euro. Ech mengen, do muss een eisem Här Buergermeeschter Merci soen, dass en esou gutt verhandelt huet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Wuertmeldungen, Froen dozou? Nee. De Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié visant l'acquisition de parcelles situées à Niederkorn aux lieudits rue Saint-Pierre et Auf dem Honsbusch d'une contenance totale de 40,70 a.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 10d), nach eng Kéier um Här Ulveling, fir eis den Detail ze gi vun där Konventioun, déi mer zesumme maache mat der Nopeschgemeng. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Hei huet d'Nopeschgemeng, an dësem Fall Suessem, eis gefrot, an engem Bréif vum 25. Oktober, ob mer d'accord wären, mat hinnen zesummen ee Container ze kafe mat engem Simulateur d'incendie. Dat heescht, an deem Container kënnen Trainingen ofgehale ginn, wéi een ee Feier läscht, mat Feierläscher an esou weider.

Dee Container kascht 55.000 Euro mat allem drun und dran. D'Hallschent dovunner géife mir bezuelen, an dee géif dann iergendwou an der Gemeng Suessem, warscheinlech beim CGDIS, stationéiert ginn. A mir kéinten dann dorop zréckgräifen, fir eise Leit dann och déi Formatiounen ze ginn, déi do drunhänken.

Ech weess net, ob et am Dossier war, mee hei sinn déi Saachen, déi dann do an dee Container kommen, fir dass een déi Tester do ka maache mam Feierläscher.

Ech mengen, et ass eng gutt Saach. Ech fannen et och flott, dass een endlech emol ka mat enger anerer Gemeng eppes zesumme maachen, wat jo och eis da finalement awer Sue spuert. Dofir géif ech Iech bieden, deen Dossier hei guttzeheeschen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Aguiar.

*Il précise que la commune travaille bien avec le ministère du Logement et estime obtenir des subventions à hauteur de 74 % pour les trois logements.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 10c concernant l'acquisition de diverses parcelles à Niederkorn.*

**TOM ULVELING (CSV)** *souligne l'intérêt de cette petite parcelle, rue Saint-Pierre, car elle se trouve à proximité de la cour de récréation de l'école de Niederkorn et de terrains voisins (36,90 a) appelés An dem Hondsbësch. La commune projette d'y installer une installation agrophotovoltaïque. Le prix total est de 20 350 €. Il remercie le bourgmestre pour ses excellentes négociations.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne la parole à monsieur Ulveling pour présenter le point 10d concernant une convention avec une commune voisine.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que la commune voisine de Sanem leur a adressé un courrier le 25 octobre pour leur proposer l'achat conjoint d'un conteneur équipé d'un simulateur d'incendie. Dans ce conteneur, des formations peuvent être organisées pour apprendre à éteindre un feu avec des extincteurs et autres équipements.*
*Le cout total de ce conteneur s'élève à 55 000 €, tout compris. La commune de Differdange paierait la moitié de cette somme et le conteneur serait stationné quelque part dans la commune de Sanem, probablement auprès du CGDIS. La commune de Differdange pourrait y avoir recours pour dispenser les formations nécessaires à son personnel.*
*L'échevin présente les équipements qui seront installés dans le conteneur pour permettre les exercices avec extincteurs. Il considère que c'est une bonne initiative et apprécie particulièrement qu'une collaboration intercommunale puisse se concrétiser, ce qui permet finalement de réaliser des économies.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *souligne l'importance de ce type de formation, ayant lui-même participé à une formation similaire. Il affirme que la sécurité constitue une priorité absolue.*
*Il interroge l'échevin sur l'article 5 de la convention, qui stipule que les frais de fonctionnement, d'entretien, d'assurance et de réparation du conteneur seront partagés à parts égales, soit 50 % pour chaque commune, et demande s'ils ont une estimation de ces couts.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'à ce stade, ils n'ont pas d'estimation précise. Il suppose que l'équipement étant neuf, il devrait fonctionner plusieurs années avant de nécessiter des réparations. Il précise que, si des contrôles de l'ITM doivent être effectués sur le conteneur, les communes devront naturellement les payer, mais il rassure monsieur Aguiar en indiquant que les montants en jeu ne sont pas considérables.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 10e concernant une location en relation avec l'installation de panneaux photovoltaïques et donne la parole à madame Charlé.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *présente un contrat conclu avec SUDenergie pour l'installation de deux nouvelles installations solaires sur le toit de l'école de Niederkorn. Chacune d'elles aura une capacité de 200 kW. Actuellement, ce toit accueille déjà deux installations de trente kilowatts chacune, l'une appartenant à la commune et l'autre à SUDenergie. Après l'achèvement des travaux prévus pour l'automne, la puissance totale atteindra 460 kW, ce qui représente une performance considérable dont elle se réjouit.*
*Elle remercie également la Commission de l'environnement pour son avis positif et Patrick Reder du service compétent, qui travaille intensivement sur ces installations photovoltaïques.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *exprime son soutien au projet et se réjouit des nombreuses extensions*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert.

Esou eng Formatioun ass ganz wichteg. Ech hu selwer eng matgemaach. D'Sécherheet ass absolutt Prioritéit.

Ech hätt eng Fro dozou. Am Artikel 5 steet hei: „Les frais de fonctionnement, d'entretien, d'assurance et de réparation du conteneur seront partagées à part égale 50 % des communes. Hutt Dir eng Anung, wéi vill dat kascht?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

À ce stade net, nee. Ech huele jo mol un, dat doten ass jo elo nach nei, dat wäert jo awer e puer Joer halen, ier et futti geet. Mee wann do muss eng Kontroll gemaach gi vun der ITM oder esou, vun deem Container, da musse mer dat natierlech bezuelen. Mee dat sinn awer keng riseg Zommen, déi do am Spill sinn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Keng weider Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention relative à l'achat et à l'exploitation d'un conteneur pour formations à l'utilisation d'extincteurs.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 10e) handelt vun enger Lokatioun a Relatioun mat enger Installatioun vun enger Photovoltaikanlag. Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Et gouf ee Vertrag mat Sudenergie ofgeschloss, fir zwou weider Anlagen um Daach vun der Fousbanner Schoul ze installéieren. Dës sinn allebéid Anlage vu jeeweils 200 Kilowatt.

Aktuell sinn op deem Daach schonn zwou Anlagen, eng vun eis an eng aner vu Sudenergie, béid vu jeeweils 30 Kilowatt. Dat heescht, dass mir, no den ofgeschlossenen Aarbechten am Hierscht, eng Leeschtung vu 460 Kilowatt hunn. Wat schonn eng wierklech grouss Leeschtung ass, wou mer natierlech och ganz, ganz frou sinn, dass dat hei kann erméiglecht ginn.

Mir sinn och frou, dass d'Ëmweltkommissioun ee positiven Avis dozou ofginn huet. Ee Merci geet un den Här Patrick Reder, aus dem zoustännege Service, dee ganz intensiv un dësen Installatioune vun der Photovoltaik um Schaffen ass.

Et géif mech freeën, wann dëse Punkt vun Iech all kéint esou matgestëmmt ginn. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir dës Erklärungen. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Ech géif mech deem ralliéieren. Et ass immens flott. Mir hu wierklech déi lescht Zäit, déi lescht Méint, quasi an all Gemengerot, oder all zweete Gemengerot, eng Extensioun vu Photovoltaik hei zu Déifferdeng gestëmmt. Mir mierken, dass de Service ganz aktiv ass a wierklech vill wuddert a schafft, fir op deenen dote Punkte weiderzekommen. Mir stëmmen dat do ganz gäre mat. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Keng aner Wuertmeldung, mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location de toiture sur le bâtiment de l'école Fousbann pour installer des panneaux photovoltaïques.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 10f), engem Contrat de Bail mat engem Atelier fir en Artist op 58, Grousssstrooss. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci. Dir hutt et gesot, et ass op 58, Grand-Rue zu Déifferdeng. Et sinn zwee Contrats de bail, déi mer hei virleien hunn. De Kontrakt ass ëmmer dee selwechten, wéi mer se elo schonn zënter Joren hunn. Mat der Ausnam, dass mer dës Kéier draschreiwe gelooss hunn, dass d'Leit, déi do wëlle Coursen an esou Gebaier ofhalen, déi mussen awer d'Autorisatioun ufroen op der Gemeng.

Well sech ëmmer méi erausstellt, dass Leit dat – déi Atelieren, déi si geduecht, am Fong, fir eng Aktivitéit ze maachen, fir e Moler oder ee Museker, deen do gär Saache moolt, well en doheem keng Plaz huet. An e bezilt dofir 200 Euro am Mount. An da sinn awer elo Leit do, déi ufänken, Coursen ofzehale mat 20 Leit an esou. An déi Gebaier si jo awer net geduecht, fir esou vill Leit doran ze setzen.

Soudass mer gesot hunn, do wéilte mer awer kucken, wat do leeft. An et kann net sinn, dass dann do esou Coursen ofgehale ginn. Well dat ass eng Concurrence déloyale par rapport zu anere Leit, déi och Coursen ofhalen.

An ech wëll och soen, dass mer och méi verstäerkt no der Sécherheet kucke vun deene ganze Saachen. Do war eng Fotografin um iweschte Stack, zum Beispill, zu Lasauvage, déi do iwwer eng ganz géi Trap, eng hëlzen Trap eropgaangen ass mat hire Leit, mat Bëbeeën, wou se Fotoe gemaach huet vun de Leit.

An do hu mer gesot, aus Sécherheetsgrënn, géife mer d'Madamm bieden erauszegoen. Mir hunn hir och een Atelier fonnt am 1535°. D'Madamm war och bereet, si huet dat och agesinn, well wann effektiv do eng Kéier géif ee Feier ausbriechen, dann hätten déi Leit keng Chance gehat, fir ënner dem Daach lieweg do erauszekommen. Dofir hu mer gesot, mir mussen dat awer maachen. Well, wéi gesot, déi Leit musse sech awer och an engem sécheren Ëmfeld befannen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wuertmeldungen, Froen dozou? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'ateliers d'artistes au no 58 de la Grand-rue à Differdange avec Sabine Kinzinger.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'ateliers d'artistes au no 58 de la Grand-rue à Differdange avec Tina Kayser.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 10g), e Contrat de bail an en Avenant zu engem Contrat de bail am 1535°. Den Detail vum neie Contrat de bail fannt Der op Diffcloud. Dat ass d'Resultat vum Comité de sélection, deen dat doten erausgesicht huet.

Deen aneren Avenant ass eng Demande vum Locataire, deen d'Lokal éischter verloosse wëll. Mir hunn awer een Avenant gemaach, dass mer nëmmen domadder d'accord sinn, wann een neie Locataire do ass a wann hien d'Installatioune propper hannerléisst.

Fir de Mann net widder d'Mauer ze drécken, hu mer him déi Méiglechkeet ginn, soulaang keen neie Locataire do ass. Wou awer, no Ausschreiwung vun där Adress, schonn zwee, dräi Leit sech gemellt hunn. Soudass mer do warscheinlech kënnen, en continue, direkt virufuere mat engem neie Locataire. Dofir deen Avenant zu deem besteeënde Kontrakt.

Ech wier frou iwwer Är Zoustëmmung. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Nee. Mir kommen zur Ofstëmmung.

*photovoltaïques votées ces derniers mois à Differdange, pratiquement à chaque conseil communal ou tous les deux conseils. Elle constate que le service est très actif et travaille considérablement pour faire avancer ces dossiers.*
*(Vote)*

**TOM ULVELING (CSV)** *présente le point 10f concernant des contrats de bail pour des ateliers d'artistes au 58, Grand-rue à Differdange. Il explique que deux contrats de bail sont présentés, suivant le modèle habituel utilisé depuis des années, avec toutefois une modification importante : les locataires souhaitant organiser des cours doivent désormais demander une autorisation à la commune.*
*Cette mesure s'impose, car certains locataires utilisent ces ateliers, initialement prévus pour des activités individuelles d'artistes moyennant 200 € mensuels, pour organiser des cours avec vingt participants. Les bâtiments n'étant pas conçus pour accueillir autant de personnes, la commune souhaite contrôler ces activités, qui constituent une concurrence déloyale envers d'autres prestataires de cours.*
*L'échevin souligne également le renforcement des mesures de sécurité, citant l'exemple d'une photographe à Lasauvage, qui utilisait un escalier en bois très raide pour accéder à son atelier avec ses clients et des bébés. Pour des raisons de sécurité, la commune lui a demandé de déménager et lui a trouvé un nouvel atelier au 1535°, ce qu'elle a accepté, reconnaissant qu'en cas d'incendie, l'évacuation aurait été impossible depuis les combles.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 10g concernant un avenant à un contrat de bail du 1535°. Il explique que les détails du nouveau contrat de bail sont disponibles sur Diffcloud, résultant de la sélection effectuée par le comité compétent.*
*Il précise que le locataire actuel souhaite quitter les lieux plus tôt que prévu. Un avenant a été établi stipulant que la commune n'accepte cette résiliation anticipée qu'à condition qu'un nouveau locataire soit trouvé et que les installations*

*soient laissées en parfait état. Pour ne pas contraindre le locataire sortant à rester coincé, la commune lui offre la possibilité de partir dès qu'un nouveau preneur se présente. À la suite de l'annonce de la disponibilité du local, deux ou trois personnes se sont déjà manifestées, permettant probablement une continuité directe avec un nouveau locataire.*
*Il demande l'approbation du conseil et, constatant l'absence d'interventions, procède au vote.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch introduit le point 10h concernant un avenant à un contrat de bail dans le complexe Gravity à Differdange et donne la parole à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique qu'il s'agit d'un avenant au contrat d'un appartement en logement abordable. Un couple avec enfants s'est séparé ; le mari quitte le logement et s'est déjà désinscrit auprès du bureau de la population. L'épouse devient locataire principale à partir du 1er aout. L'avenant est nécessaire pour retirer le mari du contrat initial. Les deux enfants restent avec leur mère, maintenant ainsi le besoin en ce qui concerne la taille du logement, ce qui évite un relogement.*
*Le loyer est ajusté conformément à la loi selon la nouvelle composition familiale.*
*Il demande l'approbation du conseil.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 11 concernant la gestion des eaux et donne la parole à madame Charlé.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *présente une enquête publique relative au calendrier et au plan de travail du nouveau plan de gestion des eaux, qui entrera en vigueur en 2027, basé sur une directive européenne. Ce plan définit les modalités de consultation, les échéances et les thèmes abordés. La commune s'aligne sur l'avis du partenariat fluvial de la Chiers, regroupant Differdange, Sanem, Käerjeng et Pétange, élaboré lors de plusieurs réunions avec le SIACH.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de bail au 1535° Creative Hub avec Phœbe SÀRL.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail au 1535° Creative Hub avec Skill Lab SÀRL.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 10h), dat ass een Avenant zu engem Contrat de bail am Komplex Gravity zu Déifferdeng. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Hei hu mer een Avenant zu engem Kontrakt vun engem Appartement am Logement abordable. D'Koppel mat de Kanner huet sech getrennt. De Mann zitt aus. Hien huet sech am Biergeramt schonn ofgemellt. D'Madamm wäert dann ab dem 1. August als Haaptlocataire vun der Wunneng am Kontrakt figuréieren. Den Här huet dëst esou bestätegt.

Dofir hu mer missen en Avenant zum ursprénglече Kontrakt maachen, vu dass mer den Här dann eraushuelen.

Déi zwee Kanner bleiwe bei der Mamm, soudatt de Besoin vun der Gréisst vun der Wunneng inchangéiert bleift an deemno kee Relogement néideg ass.

De Loyer gëtt natierlech, entspriechend dem Gesetz, der neier Composition familiale ugepasst. Ech bieden Iech, dëst esou matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen? Eng Fro? Nee. Mir kommen zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant à un contrat de bail établi suivant les dispositions relatives au logement abordable pour un logement locatif au sein du complexe Gravity à Differdange avec Karine Ferreira Furtado.*

---

Ech soen Iech Merci. Wäre mer beim Punkt 11), dat ass eng Diskussioun a Matdeelung betreffend d'Gestion des eaux. D'Wuert geet un d'Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Villmools merci fir d'Wuert. Hei geet et ëm eng Enquête publique par rapport zum Kalenner an Aarbechtsplang zum neie Waasserbewirtschaftungsplang. Dëse baséiert op enger EU-Direktiv iwwer ee Plan de gestion de l'eau, deen 2027 uleeft. Doranner gëtt definéiert, wie consultéiert gëtt, wéini an zu wéi engen Theemen.

Mir ralliéieren eis hei als Gemeng un den Avis vun der Flosspartnerschaft vun der Kor, also Déifferdeng – Suessem – Käerjeng – Péiteng. An enger Rei Reuniounen tëscht de betraffene Gemengen an dem SIACH gouf dëse verfaasst.

De Service écologique an de Service technique vun der Déifferdenger Gemeng hunn hiren Avis ofginn. An dëse gouf integral opgeholl, zum Beispill, dass d'transfrontalière Instanzen och misste befrot ginn oder net genau definéiert ass, wéi eng ONGe befrot ginn oder och verschidden Datumen net ganz kohärent sinn.

Vu der Héichwaasserproblematik zu Déifferdeng, ass net nëmmen dëst Dokument, mee och déi follgend Reuniounen zur Upassung vum Waasserbewirtschaftungsplang, eppes, wat eis Servicer genauestens verfollegen. Virun allem, wann elo konkreet um véierte Plan de gestion geschafft gëtt. Hei kënne mer da vu konkreete Mesurë schwätzen.

Ech profitéieren, fir vun dëser Plaz, dem Här Philippe Reuter an der Madamm Elke Peterhänsel Merci ze soe fir hir Aarbecht an déi vill Méi, déi si sech ge-

maach hunn, dëst Dokument am Sënn vun Déifferdeng an deenen aneren dräi Gemengen zesummen auszeschaffen.

Deemno géif ech Iech froen, dësen Avis esou matzestëmmen. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. An dann hu mer den Här Ulveling nach.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wéilt completéieren, well dat Wuert Héichwaasseretüd elo gefall ass. Ech hat virdru vergiess ze soen, si sinn amgaangen, zënter gëschter, dann endlech déi Befuerung ze maachen, mat der Dron, vum Kanalsystem ënner dem ArcelorMittal-Gebai. Gëschter si se bis bei déi al Kläranlag virgedrongen. Haut solle se dann de Rescht maachen.

Soudass mer, wa mer dee Profil dann hunn, endlech kënnen déi Héichwaasseretüd completéieren an dann och virstellen. Dir hutt jo gesinn, mir hunn dee Watergate do eng éischte Kéier getest, dee mer kaf hunn. Wéi gesot, da kënne mer konkreet Mesuren ergräifen, soubal dat alles fäerdeg ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir dës Erklärungen. Wuertmeldungen dozou? Den Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

An dësem Kader wollt ech froen, vläicht an nächster Zukunft eng Kéier d'Madamm aus dem SIACH, d'Carine Guilloteaux, ze ruffen, fir eis dee ganzen Dossier do e bësse virzestellen, ëm wat et do geet a wat se alles wëlles hunn ze maachen. Dass mer e bësse wëssen, wat do genau op eis duerkënnt oder wat se wëlles hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Keng weider Wuertmeldung, da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de transmettre l'avis préparé par le partenariat de cours d'eau de la Chiers au ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 12, d'Gemengereglementer, Drénglechkeetsreglementer. Ech géif dofir d'Wuert nach eng Kéier un d'Madamm Charlé ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Villmools merci, fir d'Wuert. An den temporäre Reglementer ass dës Kéier net ganz vill Extraes erëmzefannen. Et geet, wéi ëmmer, ëm verschidde Chantiere vu Privatleit oder vu Firmen, zum Beispill eng Stee oder e Container, dee muss virun d'Dier gestallt ginn.

Dann awer och deen een oder deen anere Chantier vun der Gemeng. Och d'Kiermesreglement Nidderkuer ass hei ze fannen. Verschidden Upassungen, wann d'Containeren op de Woiwer bruecht gi fir d'Schoul. Do hu missen déi eng oder déi aner Saache reglementéiert ginn.

En temporäert Reglement zu Nidderkuer an der rue des Trévires, wou bis elo verschidde Saachen net reglementéiert waren, déi ugepasst ginn.

A siwe Stroossen, wéi ech d'leschte Kéier erkläert hat, wou d'Luuchten op LED ëmgeswitcht ginn, wou dann eeben a siwe verschiddene Stroossen an der Gemeng déi nächst Etapp ugeet, fir dës ze ersetzen.

An dann nach eng PMR-Parkplaz, déi temporär bäigesat gëtt.

Et géif mech freeën, wann Der dat esou matstëmme géift. Villmools merci.

*Les services écologique et technique de Differdange ont fourni leur avis, intégralement repris, soulignant notamment la nécessité de consulter les instances transfrontalières et le manque de clarté concernant les ONG à consulter et certaines incohérences de dates.*
*Face au problème des inondations à Differdange, ce document et les réunions suivantes sont suivis attentivement par les services communaux. Elle remercie Philippe Reuter et Elke Peterhänsel pour leur travail et demande l'approbation du conseil.*

**TOM ULVELING (CSV)** *complète en informant que les relevés par drone du système de canalisations sous les bâtiments d'ArcelorMittal ont commencé depuis la veille, atteignant l'ancienne station d'épuration. Ces relevés permettront de finaliser l'étude sur les inondations et de tester le watergate récemment acquis.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *suggère d'inviter prochainement Carine Guilloteaux du SIACH pour présenter le dossier complet.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch aborde le point 12 sur les règlements communaux d'urgence, redonnant la parole à madame Charlé.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *présente les règlements temporaires concernant divers chantiers, le règlement de la kermesse de Niederkorn et le remplacement de l'éclairage DEL dans sept rues de la commune.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce un changement dans les commissions consultatives. Le LSAP Differdange communique que monsieur Raphaël Scheuren remplace monsieur Mohamed Kassimo dans la Commission consultative du logement.*
*Après cette information, il passe au point suivant et donne la parole pour la présentation d'une motion déposée par trois partis.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *prend la parole pour présenter la motion que les partis d'opposition — déi gréng, le DP et déi Lénk — ont soumise ensemble au conseil communal. Cette motion concerne l'importance et le bon fonctionnement des commissions.*
*Elle souligne que tout le monde sait que les commissions au niveau communal favorisent la participation, la transparence et la réflexion collective. Il est extrêmement important pour tous les membres présents que ces commissions fonctionnent bien, afin d'impliquer correctement les différents organes politiques et tous les membres.*
*Elle explique que, lorsque différents délais sont trop courts, par exemple pour envoyer les invitations, les commissions et leurs membres ne peuvent pas participer correctement, ce qui ne garantit pas la qualité des débats, des recommandations ou des avis qui y sont tenus. Elle souligne également que les membres du conseil communal doivent pouvoir participer aux avis et aux discussions, et qu'il est important que les décisions prises soient clairement communiquées.*
*La motion demande premièrement que chaque parti politique représenté au conseil communal dispose d'une place de membre dans chaque commission consultative, permettant ainsi une représentation équitable dans ces commissions, ce qui correspond aux principes démocratiques.*
*Ils demandent que les invitations soient envoyées dans des délais raisonnables pour que les membres siégeant dans ces commissions puissent participer au mieux.*
*Ils demandent que les rapports issus de ces commissions, rédigés par les secrétaires, soient envoyés*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. Et gëtt keng Wuertmeldung dozou. Mir kënnen zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

---

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 13. Dat ass ee Changement an eise Commissions consultatives. Do kréie mer matgedeelt vun der LSAP Déifferdeng, dass den Här Raphael Scheuren den Här Mohammed Kassimmo an der Commission consultative vum logement remplacéiert.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.*

---

No dëser Informatioun vun der LSAP, kéime mer zum Punkt 14, wou ech gesot hunn, ufanks der Sitzung, géife mer d'Presentatioun ofwaarde vun deenen dräi Parteien, vun hirer Motioun, fir dass mer kënnen doriwwer schwätzen. Wie géif dat maache vun Iech? D'Madamm Pregno. Gären.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Gäre géif ech d'Presentatioun vun der Motioun iwwerhuelen, déi d'Oppositiounsparteien, also Déi Gréng, d'DP an déi Lénk zesumme fir dëse Gemengerot agereecht hunn.

Et geet ëm eng Motioun, déi d'Wichtegkeet an dat gutt Funktionement vun eise Kommissioune betrëfft.

Mir wëssen alleguerten, dass d'Kommissiounen op Gemengeneebene d'Participatioun, d'Transparenz an u sech déi kollektiv Reflektioun begënschtegen. Eis ass et – ech denken, jidderengem heibannen – immens wichteg, dass déi gutt funktionéieren, fir déi verschidde politesch Organer an all d'Membere gutt anzebannen.

Mir wëssen och, dass wa verschidden Delaien ze kuerz sinn, fir zum Beispill d'Invitatiounen erauszeschécken, dass déi Kommissioune respektiv d'Memberen net gutt kënne participéieren an esou d'Qualitéit vun den Debaten, déi do ofgehale ginn, oder de Recommandatiounen oder den Avisen net garantéiert ass.

Mir wëssen och, dass awer d'Memberen aus dem Gemengerot sech sollen un deenen Avise respektiv un deenen Diskussioune kënnen/sollen/wëlle bedeelegen, an och sollen do Saachen erauszéien. Wouhier et dann och wichteg ass, dass déi Decisiounen, déi do geholl gi sinn, kloer kommunizéiert ginn.

Deen éischte Punkt wär, mir froen, dass all politesch Partei, déi am Gemengerot representéiert ass, eng Membersplaz an all consultativ Kommissioun hätt, fir dass eng equitabel Representatioun an dëse Kommissioune méiglech wär. Wat u sech den demokratesche Prinzipper entspréch t.

Mir froen, d'Invitatiounen a räsonabelen Delaie gescheckt ze kréien, fir dass déi Memberen, déi an deene Kommissioune sëtzen, sou gutt wéi méiglech kënnen deelhuelen.

Mir froen, dass d'Rapporten, déi aus deene Kommissiounen erauskommen a geschriwwe gi vun de Sekretären, an engem adequaten Delai un d'Membere geschéckt ginn – an natierlech domadder och un d'Membere vum Gemengerot. Fir dass dann hei jiddereen déi Decisioune respektiv déi Diskussioune verfollege kann.

Mir froen, dass eng Kéier gekuckt gëtt, awéiwäit d'Bierger, déi an deene Kommissioune sëtzen, impliéiert sinn. An och, le cas échéant, wann d'Implikatioun net gutt leeft, well mer awer oft mierken, dass verschidde Bierger sech mellen an dann heiansdo oder ëfters net kommen, Strategien elaboréiert ginn, wéi een déi ka méi um Ball halen. Respektiv vläicht einfach kucken, dass se méi participéieren.

Mir froen, dass e Règlement d'ordre interne ausgeschafft gëtt fir all Commissi-

on consultative respektiv och fir all Kommitee, deen et esou an der politescher Landschaft hei zu Déifferdeng gëtt, ënner anerem de CAE, d'Klimateam, d'Naturpakt-Team, fir dass emol kloer festgehale gëtt, wéi déi Instanze solle funktionéieren a wéi eng Delaie sollen agehale ginn.

A mir froen, wann et dann néideg ass, d'Mise en place vun organisationelle Mesuren, wéi d'Planifikatioun an natierlech och d'Diffusioun vun den Dokumenter nettement kann amelioréiert ginn.

Wéi gesot, et ass eng Motioun, déi mer zu dräi agereecht hunn. Mir hunn des Ëfteren jo schonn eng Rei Saachen hei am Gemengerot kritiséiert a bemängelt. Mir hunn a verschiddene Kommissiounen absolutt Verbesserunge gesinn.

Natierlech, wann een esou eng Motioun areecht, dann ass et eppes Allgemenges, wat vläicht u sech all Kommissioun, all Kommitee viséiert, sachant awer, dass verschidde Kommissiounen eng extreem gutt Rigueur an hiren Invitatiounen hunn, an hiren Dokumenter, déi se eroplueden a wierklech bei aneren net.

Mee mir kënne jo elo net hei eng Motioun areechen a just fir e puer Kommissioune schwätzen. Mir wënschen eis einfach, dass et d'Reegel ass, fir dass jiddereen, deen impliziéiert ass, seng Aarbecht sou gutt wéi méiglech maache kann. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Ech probéieren, Iech elo mol ze äntwerten. An ech huelen un, dass herno nach d'Kolleegen aus dem Schäfferot och dozou e puer Bemierkunge wäerten ofginn.

Éischtens emol fannen ech et positiv, dass Der gemierkt hutt, dass verschidde Verbesserungen ëmgesat gi sinn, an dass d'Situatioun besser ass, haut, wéi se vläicht nach virun e puer Méint war. Ech mengen, dat ass och duerch den Asaz, dee mir als Schäfferot bruecht hu vis-à-vis vum Personal, déi do als Sekretär täteg sinn an deene Kommissiounen.

Och eis ass et bewosst, dass de Rôle vun deene Kommissioune ganz wichteg ass. Déi Kommissioune sinn eeben als berodend Organ do. A mir leeën och ganz vill Wäert op déi Rapporten, déi do geschriwwe ginn. An esou, wéi Der an de Gemengerotssitzungen héiert, erwäne mer dat och ëmmer. Mer berécksiichtegen dat och an eisen Decisiounen, déi mer am Schäfferot huelen, respektiv den Decisiounen, déi mer dann hei am Gemengerot huelen.

Ech wëll awer och betounen, dass all Conseiller, deen hei am Sall ass, och Zougang huet zu deene verschiddene Kommissiounen. Sech zu all Moment kann, wann eng Kommissiounssitzung ass, dohinner beweegen an un deenen Diskussiounen deelhuelen, un deenen Informatiounen, déi do lafen.

Ech mengen, ech hunn dat selwer gesinn an der Ëmweltkommissioun, oder des Ëfteren, wou ech a Kommissioune sinn, wou dann en Ordre du jour ass, dee mech dann e bësse méi speziell interesséiert oder wou ech mech dann e bësse méi speziell engagéiert hunn, huet een d'Méiglechkeet, fir selwer dohinner ze goen a fir dat dann nozelauschteren.

All Partei, frot Der, soll an de Kommissioun vertruede sinn. Do muss ech Iech awer, leider, op d'Loi communale verweisen. An zwar ass dat den Artikel 15 vun der Loi communale, dee seet ganz genau: „Dans les communes qui votent d'après le système la représentation proportionnelle, chaque groupement de candidats est représenté dans les commissions consultatives" – et ass jo vun deenen, wou mer schwätzen – „en fonction du nombre de ses élus au conseil."

Ech weess elo, dass Gemengen do waren, déi dat méi opgemaach hunn, méi Zougang ginn hunn, zu méi politesche Vertrieder, wéi dat am Gesetz am Artikel 15 beschriwwen ass a virgesinn ass. Ech weess awer och, dass de Ministère de l'Intérieur deene Gemengen ee Bréif geschéckt huet, dass dat illegal wier, wat se do géife maachen.

An dass se dunn déi Zuel vun de Representante vun de Parteien an hire Kommissiounen doropshin, no där Recommandatioun, hu missen zrécksetzen. An du hu se dat och gemaach, fir am Rahme vum Gesetz ze agéieren.

*dans un délai adéquat aux membres et naturellement aussi aux membres du conseil communal, afin que chacun puisse suivre les décisions et les discussions.*
*Ils demandent d'examiner dans quelle mesure les citoyens siégeant dans ces commissions sont impliqués et, le cas échéant, si l'implication ne fonctionne pas bien — car ils constatent souvent que différents citoyens s'inscrivent puis ne viennent pas —, d'élaborer des stratégies pour mieux les maintenir engagés ou simplement veiller à ce qu'ils participent davantage.*
*Ils demandent qu'un règlement d'ordre intérieur soit établi pour chaque commission consultative et chaque comité existant dans le paysage politique de Differdange, notamment le CAE, l'équipe climat, l'équipe Pacte nature, afin de définir clairement comment ces instances doivent fonctionner et quels délais doivent être respectés.*
*Enfin, ils demandent, si nécessaire, la mise en place de mesures organisationnelles pour améliorer nettement la planification et la diffusion des documents.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond en trouvant positif qu'ils aient remarqué que différentes améliorations ont été mises en œuvre et que la situation est meilleure aujourd'hui qu'il y a quelques mois. Il souligne que toutes les commissions ont un rôle consultatif important et que le collège échevinal accorde beaucoup de valeur aux rapports rédigés. Il précise que tous les conseillers ont accès aux différentes commissions et peuvent y participer à tout moment.*
*Concernant la représentation de chaque parti dans les commissions, il renvoie à l'article 15 du droit communal, qui stipule que la représentation dans les commissions consultatives se fait en fonction du nombre d'élus au conseil. Il mentionne que certaines communes ayant voulu être plus ouvertes ont reçu une lettre du ministère de l'Intérieur indiquant que c'était illégal. Il informe qu'une nouvelle législation est en cours d'élaboration, achevée à 80 %, et qu'il serait prématuré de faire des ajustements*

*maintenant avant que cette loi ne soit finalisée.*

**TOM ULVELING (CSV)** *exprime son soutien total aux propos du bourgmestre. Il ne s'oppose pas à l'idée que chaque comité soit convoqué au moins dix jours à l'avance ou que les rapports soient soumis deux ou trois semaines avant les réunions. Il estime que cela rendrait les choses plus claires et donnerait à chacun le temps de consulter les rapports. Il suggère que ces modalités pourraient être réglées en interne, sous forme d'un règlement d'ordre intérieur concernant les commissions.*
*Pour le reste, notamment concernant le point 1, il se déclare entièrement aligné sur la position du bourgmestre.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *tient à rappeler, comme un fait notable, que lors du dernier conseil communal, ils avaient discuté de l'équipe Pacte nature et de l'équipe Climat. À la suite de ces discussions, ils ont organisé ces réunions avec une forte participation, mais elle regrette qu'aucun membre du parti de l'opposition n'ait été présent, ce qu'elle trouve dommage, car leur contribution sur ces thèmes aurait été précieuse. Elle exprime sa déception de n'avoir pu accueillir aucun d'entre eux.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *suppose que les personnes absentes se sont excusées. Elle reconnait qu'il peut toujours y avoir des empêchements professionnels ou des conflits d'agenda.*
*Elle s'interroge sur le niveau de la discussion et mentionne que la Commission de la mobilité a été annulée trois fois consécutivement faute d'ordre du jour ou de points à discuter, ce qui la surprend au vu de la situation de la mobilité à Differdange. Elle estime cependant que ce n'est pas le niveau de discussion approprié.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *tient à exprimer le soutien complet du LSAP au collège échevinal dans ses déclarations. Il ne voit pas la nécessité d'apporter de grands changements. Il souligne qu'il n'était pas néces-*

D'autant plus informéieren ech Iech, dass de Legislateur amgaangen ass, een neien Text an een neit Gesetz auszeschaffen, fir Verbesserungen an d'Kommissiounen ze bréngen. An dofir géif ech et verfréit fannen, fir elo, ier dat Gesetz an der Phase finale ass – ech mengen, zu 80 % ass et souwäit fäerdeg –, ier et da public gemaach gëtt an un d'Gemenge weidergeleet gëtt, do elo een Ajustement ze maachen, wat herno vum Legislateur awer besser ënnermauert gëtt.

Dat ass emol zu deene Punkten, wou ech wollt Stellung bezéie vun Ärer Demande hei an Ärer Motioun. Ass nach ee Kolleeg hei am Schäfferot, deen nach supplementar eppes dozou soe kann? Den Här Ulveling. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech ënnerstëtzen dat, wat den Här Buergermeeschter elo gesot huet. Ech hunn awer näischt dogéint, wa mer elo géife soen, all Kommissioun misst mindestens zéng Deeg virdru convoquéiert ginn, oder de Rapport misst no zwou Wochen oder dräi Woche virleien. Ech mengen, dogéint hätt ech awer wierklech näischt, well dat géif d'Saach dann och méi kloer maachen. A jiddwereen hätt Zäit, fir op déi Rapporten zréckzegräifen.

Ech mengen, dat kéint een intern hei a Form vun engem Règlement d'ordre interne iwwer Kommissiounen regléieren.

Mee fir de Rescht, wat de Punkt 1 ugeet, do sinn ech awer ganz a voll op der Schinn vun eisem Buergermeeschter.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. D'Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Och ech ka just ënnersträichen, wat bis elo gesot gouf. Ech wéilt gären drop hiweisen, e bëssen als ee „fun fact": Am leschte Gemengerot hate mer iwwer d'Naturpakt-Team an d'Klimateam geschwat. Dat hate mer eis zu Häerze geholl a mir hunn déi organiséiert. An et ware vill Leit do, mee, leider, war vun Ärer Partei awer keen do ze gesinn, wat ganz schued war, well vun Iech jo awer wierklech de Besoin do war, fir an deenen Theeme matzeschwätzen. Deemno ware mer enttäuscht, kee vun Iech konnten ze begréissen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech ginn awer dovun aus, dass déi Leit sech entschëllege gelooss hunn. An et ka jo och ëmmer emol virkommen, dass et eng professionell Verhënnerung gëtt oder et einfach vum Agenda hier net passt. Ech weess net, ob mer wëllen elo d'Diskussioun op deem Niveau féieren, well da kann ech Iech soen, dass Är Mobilitéitskommissioun, mengen ech, de suite dräimol ofgesot ginn ass, well keen Ordre du jour oder keng Punkten ze beschwätze waren. Wann ech d'Mobilitéit hei zu Déifferdeng kucken, wonnert mech dat e bëssen. Mee ech weess net, ob dat den Niveau ass vun der Diskussioun, dee mer wëlle féieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt just zum Ausdrock bréngen, dass mir als LSAP de Schäfferot komplett ënnerstëtzen a senger Ausso vun haut. Also och mir gesinn net, dass mer do grouss Ännerunge misse maachen.

Et ass haaptsächlech, wann ee wëll, kann een – dofir hätt ee keng Motioun gebraucht, fir ze soen, mir organiséieren dat e bëssen anescht, mir ginn d'Invitatiounen éischter eraus. Mee Dir wësst och, dass dat ëfters schwiereg ass. Dat gëtt probéiert, mee da kommen awer erëm am leschte Moment Saachen eran, déi änneren.

An duerfir ass et och esou, dass kee sech do laang am Viraus drop virbereede kann, wat den definitiven Ordre du jour ass. Et ka sinn, dass ee Punkt am Endeffekt bäikënnt, deen awer ganz sensibel ass.

Ech mengen, déi Motioun war éischter geduecht fir d'Representativitéit vun enger Partei, dass se an alle Kommissioune soll representéiert sinn. Ech mengen, dat war den Haaptpunkt. An do ass jo d'Erklärung komm. A mir stinn hanner där Erklärung.

Ech wëll nach eppes soen zur Presenz an de Kommissiounen. Mir hunn e CAE, Comité d'accompagnement économique et commercial, an do hu mer vun Ufank un drop gehalen, dass sämtlech politesch Parteien do representéiert sinn, dass se a) informéiert sinn, b) kënnen hir Meenungen zu Saachen abréngen.

Elo schaffe mer un engem neie Konzept. Et ass eng Phas, déi ganz wichteg ass fir d'Zukunft. Mir hunn een neie Chargé de missions, loosse mer et emol einfach esou nennen, dee ganz gutt Iddien huet, deen och ganz intensiv schafft, fir dass mer ee Konzept kréien, dass mer weiderkommen um Niveau vum Commerce.

Mee ech muss ëmmer feststellen, ausser zwou Parteien – dat ass meng eege Partei an d'DP, ech ka se och mam Numm nennen –, weisen déi aner einfach keen Interessi.

Ech fannen dat e bësse bedauerlech.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An d'CSV.

**ERNY MULLER (LSAP):**

An d'CSV, sorry. Jo, de Vertrieder vum Schäfferot ass ëmmer do, mee deen zweete Mann muss och e bëssen aktivéiert ginn. Entschëllegt, Här Ulveling, dat hunn ech elo misse soen.

Mee, ech wëll awer soen, Dir kritiséiert jo och, haaptsächlech déi gréng, mir hunn dat jo virgehäit kritt, mir wären do net op där richteger Pist. Mir hunn eist Konzept, mir hunn eis komplett geännert, mir hu villes a Fro gestallt, mir ginn op een anere Wee.

An dat wäert och deemnächst, huelen ech un, de Schäfferot eng Kéier virstellen. Mee sidd, wannechgelift, dobäi an deenen Diskussiounen. Maacht een Appell un Är Leit, dass jiddwereen soll do vertruede sinn, well et ass derwäert. Mir wëlle jo schaffe fir d'Zukunft vun eisem Commerce, d'Zukunft vun eise Geschäfter am Zentrum, an iwwerhaapt d'Zukunft vun den Aarbechtsplazen, tout court, och vun der Ekonomie hei zu Déifferdeng.

Dat niewebäi gesot. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt nach dobäi soen, wat d'Participatioun vun de Bierger ugeet. Ech mengen, do kann een och eng Reegelung fannen, fir ze soen, wann een esou vill mol onentschëllegt net do ass, dann ass en d'office démissionnaire an da siche mer een Neien. Well dat mécht jo kee Sënn, dass ee Leit do matschleeft, déi ni kommen an aner Leit, déi interesséiert wären, kommen net zum Zuch.

Do kann een an där Reegelung, déi een da wëll maachen, dat awer och virgesinn. Ech mengen, d'Parteie selwer, déi mussen natierlech no hiren Deleguéë kucken an déi motivéieren. Do kënne mer elo näischt virschreiwen. Mee bei de Bierger, do kéinte mer dat awer maachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt och op déi Saachen do agoen, well Dir hutt Aussoe gemaach, dass et do Direktiven oder Recommandatioune vum Ministère de l'Intérieur géif ginn. Da wär ech frou, wa mer déi kéinten zougestallt kréien. D'Motioun ass jo elo scho länger awer agereecht, déi hätte mer jo scho kréie kënnen, ier mer déi Diskussioun hei gefouert hätten. Well do hutt Der Aussoe gemaach, déi mer awer ganz verwonnerlech sinn.

*saire de présenter une motion pour suggérer une organisation différente avec des invitations envoyées plus tôt, sachant que cela reste souvent difficile à mettre en œuvre. Il explique que des éléments de dernière minute peuvent modifier l'ordre du jour, rendant difficile une préparation longtemps à l'avance. Il pense que la motion visait plutôt la représentativité d'un parti dans toutes les commissions.*
*Il évoque le comité d'accompagnement économique et commercial, où toutes les formations politiques sont représentées pour être informées et exprimer leurs opinions. Il mentionne qu'ils travaillent sur un nouveau concept avec un nouveau chargé de mission, qui a d'excellentes idées et travaille intensivement pour développer le commerce.*
*Il regrette cependant le manque d'intérêt de certains partis, à l'exception du LSAP et du DP, et appelle à une participation plus active dans ces discussions importantes pour l'avenir du commerce et de l'économie de Differdange.*

**TOM ULVELING (CSV)** *reprend la parole concernant la participation citoyenne. Il suggère d'établir une règle stipulant qu'après plusieurs absences non excusées, un membre serait considéré comme démissionnaire d'office et remplacé. Il précise que les partis doivent eux-mêmes veiller à la participation de leurs délégués, mais qu'une telle règle pourrait s'appliquer aux citoyens.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande à recevoir les directives ou recommandations du ministère de l'Intérieur mentionnées. Il note que la motion a été déposée depuis longtemps et que ces documents auraient pu être transmis avant cette discussion.*

*Il trouve les déclarations surprenantes, car, dans toutes les autres communes du sud où déi Lénk est représenté avec un seul élu, le parti dispose d'un représentant dans chaque commission, qu'il soit membre effectif ou observateur.*
*Gary Diderich rappelle que le bourgmestre a mentionné que les membres du conseil communal peuvent assister aux réunions des commissions. Il souligne cependant que ces réunions ont parfois lieu simultanément, rendant impossible d'être présent partout. De plus, les invitations ne sont pas toujours reçues pour certaines commissions, et cela représente un investissement en temps qui n'est pas toujours réalisable.*
*En réponse à monsieur Muller, qui a relevé leur absence au CAE, Gary Diderich affirme être présent à plus de réunions qu'il n'en manque. Il note que, sous le précédent CAE, le LSAP n'était jamais représenté, ce qui ne l'a pas empêché de s'exprimer sur le sujet au conseil communal. Il refuse de débattre à ce niveau et préfère ne pas établir de tableau analysant la présence des partis.*
*Il insiste sur le fait que le premier point de la motion concerne une question de principe : s'assurer que toute personne représentée au conseil communal le soit également dans toutes les commissions. C'est un principe démocratique que tous les collèges échevinaux précédents ont maintenu et qui est pratique courante dans d'autres communes.*
*Les autres points visent à garantir le bon fonctionnement du système. Un règlement d'ordre interne permet de clarifier les choses pour tous, et il n'exclut pas que des règles s'appliquent aux représentants des partis, notamment l'envoi d'une lettre à un parti après un certain nombre d'absences non excusées pour demander de nouveaux représentants.*
*Concernant l'analyse de la participation citoyenne et l'argument selon lequel on ne peut avoir autant de membres de partis dans toutes les commissions, Gary Diderich précise que cela concerne principalement déi Lénk et les Pirates. Il note que les Pirates n'existent pratiquement plus et n'ont effectué*

Ech mengen déi Lénk ass jo net just zu Déifferdeng mat engem just vertrueden. An all anere Südgemengen hu mir an all Kommissioun ee Vertrieder, ob dat elo ee Membre effectif ass oder ee Membre observateur, wéi dat an der Vergaangenheet hei de Fall war, dat hänkt da vu Gemeng zu Gemeng of. Mee anscheinend sinn déi Saachen, déi Dir do kritt hutt, net an anere Südgemengen ukomm. Oder Dir behaapt einfach, dass si eppes ëmgesat hätten, wat se awer net ëmgesat hunn. Oder ech hunn do eppes falsch verstanen.

Dat anert ass och, Dir hutt gesot, dass Membere vum Gemengerot an déi Sëtzunge vun de Kommissioune kéinte goen. Natierlech. Heiansdo sinn déi awer gläichzäiteg am selwechte Moment, da kann ee sech net an zwee deelen. Heiansdo kréie mer déi Invitatioun net. Dat ass eeben nach de Fall bei verschiddene Kommissiounen. An dat bedeit natierlech och een Zäit-Invest, deen net ëmmer ze maachen ass.

En effet, den Här Muller ass drop agaangen, dass mir am CAE, zum Beispill, net present wären. Natierlech verpasst een déi eng oder déi aner Reunioun. Ech si mer awer sécher, dass ech a méi Reunioune vum CAE present sinn, wéi ech net present wär.

Also ech weess elo net, wat et bréngt – soss maache mer een Tablo a mir analyséieren effektiv, wéi eng Parteie wéi vertruede sinn a wéi oft se present sinn a wat net nach. Ech weess jiddefalls, dass ënner dem virege CAE, d'LSAP ni vertruede war. Dat heescht, dat huet awer net verhënnert, dass d'LSAP sech geäussert huet zu deem Theema am Gemengerot. Dofir géif ech et wierklech net op deem Niveau wëlle féieren hei.

Deen éischte Punkt, hei an der Motioun, ass wierklech eng Prinzipiefro. Et ass eng Fro vu Sécherstellen, dass jiddereen, deen am Gemengerot vertrueden ass, och an all Kommissioun vertrueden ass. Dat ass een demokratesche Prinzip. Deen huet all virege Schäfferot oprechterhalen. Dat ass och an anere Gemenge gang und gäbe.

An déi aner Punkten, déi si fir sécherzestellen, dass dat alles gutt funktionéiert. Ech mengen, ee Règlement d'ordre interne ze hunn – do ass jo och eng Ouverture komm –, mécht, dass d' Saache kloer si fir jiddereen. An ech géif do net ausschléissen, dass fir Vertrieder vu Parteien och Reegele gëlle vu wegen, dass no x Reuniounen, wou een net excuséiert ass, einfach d'Partei, mol op d'mannst, ee Bréif kritt, dass se sollen do vläicht nei Leit nennen.

An dann déi Analys vun de Bierger, déi sech bedeelegen, dat Argument, wou Der gesot hutt, mir kënnen net méi esou vill Leit aus de Parteien an alle Kommissiounen hunn, dat concernéiert jo och haaptsächlech déi Lénk an d'Piraten. D'Piraten déi et am Fong net méi gëtt, déi guer keng Ännerung an hire Kommissioune betätegt hunn. Wou, ënner anerem, eng Conseillère elo bei der LSAP sëtzt, an awer nach ëmmer fir d'Piraten an der Schoulkommissioun ass.

Dat sinn alles Punkten, déi ee misst iwwerschaffen, dass ee kuckt: d'Bierger, wéi staark bedeelege se sech? An ass dat wierklech eng Restriktioun, fir dann enger Partei, déi nach am Gemengerot vertrueden ass, d'Unzuel vun de Memberen do ze limitéieren.

Ech hunn elo, en effet, keng Argumenter héieren, déi dogéint schwätzen, fir einfach deen demokratesche Prinzip erëm opzemaachen, wéi en ënner de virege Majoritéiten och gegollt huet.

An ech géif staark dozou opruffen, well jidderee kann eng Kéier op där enger oder anerer Säit vun de Majoritéitsverhältnisser sëtzen. An et soll egal sinn, ob een an der Majoritéit ass oder net, wéi wäit een den Zougang zu den Informatiounen an den Diskussiounen an deene jeeweilege Gremien opmécht. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Diderich, fir déi Bemierkungen. Ech wëll Iech just soen, ech hunn de Gesetzestext hei viru mer leien. Ech behaapten och keng Saachen, déi net an engem Text stinn oder déi ech fräi erfannen. Dat ass vum Ministère de l'État, Service central de législation, Säit 482 betreffend de Code communal d'organisation des communes. Do ass den Artikel 15 genau erkläert. An dee léisst och keen …

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Pardon, Dir hutt vun enger Recommandatioun geschwat. D'Gesetz kennen ech schonn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech si jo nach net fäerdeg mat schwätzen, Dir sidd schonn anerer Meenung wéi ech. Et ass enorm, Är Viraussiicht ass enorm, wann et ëm Är Interessie geet. Mee do steet dat ganz genau. An déi Recommandatiounen, déi si jo dann och am Règlement d'ordre interne.

Dat gesot, géif ech proposéieren, dass mer elo iwwer d'Motioun ofstëmmen, ob mer integral fir déi Motioun sinn oder ob mer net integral fir déi Motioun sinn. Dass mer och virukommen.

Et ass de Projet de loi 8218, wann Der dee gäre kuckt. Ee Projet de loi, deen an der Chamber deponéiert ass, fir doriwwer ze schwätzen. Do ass genau definéiert, wéi an Zukunft déi Opdeelunge vun deene Kommissioune sinn. Soudass mer net do an enger futuristescher oder an enger Dramwelt sinn, déi nach net besteet. Schwaarz op wäiss steet dat am Projet de loi 8218, kënnt Der roueg kucken an der Chamber.

Den Här Wagner huet nach eng Iddi. Här Wagner.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Eng Iddi elo net, mee eng Recommandatioun oder ee Rappell. Kuckt emol, all Partei, alleguerten Är Leit eng Kéier no. Well wann een net zu Déifferdeng wunnt, däerf een och net Member an enger Kommissioun sinn. An dat ass awer opgefall. Ech wëll elo keng Nimm nennen. Mee Dir kënnt mech awer duerno froen, da soen ech Iech, wien et ass. Kuckt dat, wannechgelift, eng Kéier no. Well dat geet nämlech och net. Déi Jetonen anzekasséiere vu Leit, déi net hei wunnen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Do ginn ech Iech ganz Recht, Här Wagner, dat ass och eng Saach, déi muss vun de Parteie kontrolléiert ginn. Net dass Leit wéi laang net méi an der Gemeng wunnen an awer nach un de Kommissiounen deelhuelen.

Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert nach eng Kéier. Vläicht kéint een de leedege Probleem mat der Piratepartei och eng Kéier op de Leescht huelen, fir ze kucken, wéi do d'Besetzung vun de Kommissiounen ass. Well do sinn awer nach ëmmer eng Rei Rapporten, wou déi Persoun, déi vun de Piraten genannt ginn ass, an der Kommissioun sëtzt, a menges Eruechtens, mengen ech, an enger anerer Partei elo ass. An dat vläicht nach net esou propper ass, wéi et propper gehandhaabt misst ginn. Merci.

D'Partei huet de Sëtz kritt. Mee da misst de Poste vacant sinn. Dann dierft u sech keen do sinn. An net eng Persoun do sëtzen, déi hei am Gemengerot fir eng aner Partei sëtzt. An dee Jeton misst jo dann och net ausbezuelt ginn. Mee wann d'Persoun jo do sëtzt, da kritt se de Jeton. An ech denke jo mol, dass de Betrag, deen …

(Ënnerbriechung)

Jo, et misst eng nei Persoun do sinn, oder eebe keen. Also, de Member misst jo elo demissionéieren.

D'Partei huet d'Recht een ze noméieren. Mee awer am Moment ass et eng Fehlsituatioun, wou eng Persoun aus enger net méi aktueller Positioun op där Plaz sëtzt, an dee Jeton jo och ausbezuelt gëtt.

Sou wéi Jetonen dann an aner Gemenge ginn, gi jo dann hei och Jetonen op déi falsch Partei. Also ech mengen, et misst einfach generell eng Kéier all Partei kucken, et gutt ze maachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat wier dat allerbescht, dann hätte mer vill Diskussioune manner.

Ech mengen, an där Motioun, déi Der do abruecht hutt, do si jo Punkten, wou

*aucun changement dans leurs commissions, avec notamment une conseillère, qui siège maintenant au LSAP, mais reste représentante des Pirates dans la Commission scolaire.*
*Il conclut qu'il n'a entendu aucun argument contre la réouverture du principe démocratique appliqué sous les majorités précédentes et appelle fortement à maintenir l'égalité d'accès à l'information et aux discussions, indépendamment de l'appartenance à la majorité ou à l'opposition.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond qu'il a le texte de loi devant lui et ne prétend rien qui ne soit écrit. Il cite la page 482 du code communal d'organisation des communes du ministère d'État, service central de législation, où l'article 15 est clairement expliqué.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *précise connaitre la loi.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *poursuit en mentionnant le projet de loi 8218 déposé à la Chambre, qui définit précisément la future répartition des commissions. Il propose ensuite de voter sur la motion.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *intervient pour rappeler que seules les personnes résidant à Differdange peuvent être membres d'une commission. Il a constaté des cas problématiques, mais ne souhaite pas citer de noms publiquement, invitant les partis à vérifier leurs listes.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *approuve cette remarque, soulignant que les partis doivent contrôler que leurs membres résident toujours dans la commune.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *suggère de régler le problème avec les Pirates, notant qu'une personne nommée par les Pirates siège toujours en commission alors qu'elle appartient maintenant à un autre parti au conseil communal. Elle estime que cette situation n'est pas correcte : le poste devrait être vacant ou occupé par une nouvelle personne, pas par quelqu'un représentant un autre parti au conseil.*

*Elle souligne que des jetons sont versés au mauvais parti. Elle estime qu'il faudrait examiner la situation de manière générale pour toutes les parties afin de bien faire les choses.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que ce serait la meilleure solution, ce qui éviterait de nombreuses discussions. Il reconnait que, dans la motion présentée, il existe des points sur lesquels ils sont d'accord et ne souhaitent pas débattre. Il demande si madame Pregno souhaite faire voter la motion dans son intégralité.*
*Cependant, il précise qu'après avoir écouté la résonance au sein du collège échevinal et des partis majoritaires, ils ne sont pas d'accord pour toucher au point 1 concernant le nombre de membres. Il propose que, si ce point était retiré de la motion, ils puissent voter le reste ensemble, faire un effort et examiner les autres implications de la participation citoyenne dans les commissions et le règlement d'ordre intérieur.*
*Il réaffirme qu'ils ne peuvent accepter le point 1 et que la décision appartient maintenant à l'opposition.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande alors si la majorité ne veut pas faire un pas vers l'opposition en acceptant un membre observateur, précisant qu'il ne s'agit pas d'un membre effectif.*
*(Interruption de M. Altmeisch)*
*Laura Pregno souhaite entendre la voix de l'opposition, car le problème a déjà été évoqué plusieurs fois.*
*(Discussions)*
*Laura Pregno reproche au bourgmestre son attitude moqueuse et demande à être prise au sérieux dans un discours factuel. Elle rappelle que cette demande émane de l'opposition depuis longtemps. Elle évoque les propos de monsieur Diderich, selon lesquels le jeu majorité-opposition change fréquemment à Differdange lors des élections. Elle souligne que cette pratique a toujours été maintenue par le passé : lorsque le LSAP était dans l'opposition et que les Verts ou le DP dirigeaient la commune, chaque parti représenté au conseil*

mir guer net mat Iech diskutéieren, wou ee jo och d'accord ass. Mee hätt Der gär déi Motioun elo ganz ofgestëmmt?

Wéi ech awer hei d'Resonanz héieren am Schäfferot a vun de majoritäre Parteien, si mer net d'accord, fir um Punkt 1 ze rüttelen, wat d'Zuel vun de Memberen ubelaangt. Wann Der dee Punkt aus Ärer Motioun géift erausshuelen, da kéinte mer de Rescht esou matstëmmen, dass mer do een Effort géife maachen, an dass mer géife kucken, fir déi aner Implicatioun vun de Citoyens an de Kommissiounen an de Règlement d'ordre interne, dass mer dorunner géife schaffen. Mee mam Punkt 1 kënne mer net d'accord sinn.

Et hänkt elo un Iech, wéi Der dat gären hätt. Ech mengen, mir si bereet, fir dat esou ze adaptéieren.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

An Dir wëllt net e Schratt op d'Oppositioun duergoen an Iech mat deem Représenté – et ass jo ee Membre observateur, dat ass jo keen, ...

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech hunn Iech dat jo …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, ech weess, dass Dir dat schonn erkläert hutt. Ech hunn dat och héieren. Ech hunn dat och héieren. Ech hunn dat och zu Kenntnis geholl, Här Altmeisch. Ech lauschteren Iech no.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, dat ass ganz léif!

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

An awer wär et jo och flott, hei elo vläicht d'Stëmm vun der Oppositioun ze héieren. Well Dir krut et jo elo schonn e puermol gesot.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mee ech …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dir krut et am Ufank – däerf ech schwätzen?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Natierlech.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir hutt jo ee Mikro an ee Mond, fir ze schwätzen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech wier wierklech frou, Här Altmeisch, wann Der mech géift seriö huelen an Är lächerlech Aart a Weis, oder d'Aart a Weis oft, d'Leit, wa se schwätzen, an d'Lächerlechkeet ze zéien, wannechgelift, op der Säit ze loossen. Ech géif gären en Discours féieren, dee sachlech ass. An ech erwaarden dat och vun Iech! Da respektéiert dat wannechgelift.

Däerf ech?

Merci!

Dat do ass jo eng Demande, déi vun der Oppositioun scho méi wéi eemol koum. Den Här Diderich huet jo och gesot, dass d'Spill Majoritéit / Oppositioun jo wiesselt an zu Déifferdeng méi oft wiesselt, wa Wale sinn. Et ass eppes, wat bis elo ëmmer matgedroe ginn ass. Wou d'LSAP an der Oppositioun war an Déi Gréng de Buergermeeschter gestallt huet, respektiv virdrun d'DP de Buergermeeschter gestallt huet, et jo schonn esou war, dass all Partei, déi am Gemengerot vertruede war, ee Posten an all Kommissioun hat.

Do waart Dier jo och mat, Dir hutt dat matgedroen. Dir hutt et matgedroen a souguer dovunner profitéiert, dass Dir, de Moment, wou Der an der Oppositioun waart, souguer Plazen an de Syndikater hat, well mer op Fachkompetenz gesat hunn. An ech ka mech ganz gutt drun erënneren, wien a wéi engem Syndikat souz a mir dat an der Majoritéit ëmmer geschat hunn, dass mer konnten op déi Leit an op hir Fachkompetenz zréckgräifen.

Dofir fannen ech et ëmsou méi komesch, dass Der hei wierklech net vun Ärem Punkt wëllt ofweechen, fir dee klenge Gest ze maachen. Et ass wierklech ee klenge Gest! Et handelt sech jo ëm wéineg Kommissiounen, wou et de Fall ass, dat heescht ëm wéineg Posten, ëm wéineg Jetonen an ëm wierklech ee ganz klengt Matsproocherecht.

An ech denken, dass Der wierklech eng gewësse Gréisst géift weisen, wann Der deen dote Schratt elo géift op d'Oppositioun duer goen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen, déi mer jo schonn des Ëfteren dann nogelauschtert hunn. Mee ech kann Iech awer confirméieren, dass mer bei eiser Haltung bleiwen, an dass mer net wäerten derhanner goen.

Dat gesot. Et ass un Iech elo. Gitt Der d'Motioun gär en bloc zum Vott oder gitt Der gär d'Motioun zum Vott ouni de Punkt 1? Et ass un Iech, fir ze decidéieren, wat Der wëllt. Mir bréngen et dann zum Vott.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

D'Oppositioun schwätzt sech dofir aus, dass d'Motioun esou bleift, wéi se do ass. Mat deene sechs Punkten.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ça va. Ech mengen, mir hunn d'Kommentaren héieren, mir hunn d'Kommentaren héiere vun deenen zwou Säiten. Da kéime mer zum Vott vun der Motioun. Dat heescht: Wien ass derfir, fir déi Motioun vun Déi Gréng, vun der DP a vun déi Lénk, telle quelle, vum Punkt 1 bis 6, esou wéi se hei erklläert ass, ëmzesetzen?

*Le conseil communal décide avec 11 voix non et 7 voix oui de rejeter la motion suivante :*

Motion concernant l'importance du bon fonctionnement des commissions communales consultatives :

- Considérant que les commissions communales consultatives jouent un rôle essentiel dans la préparation des décisions du conseil communal, en favorisant la participation, la transparence et la réflexion collective ;
- Considérant que le bon fonctionnement de ces commissions repose sur l'implication active de leurs membres ainsi que sur une organisation efficace des réunions et de la transmission des documents ;
- Considérant que des délais trop courts pour la convocation aux commissions peuvent compromettre la participation des membres, nuisant ainsi à la qualité des débats et des recommandations ;
- Considérant que les membres du conseil communal doivent pouvoir prendre connaissance, en temps utile, des rapports émanant des commissions consultatives pour assurer une prise de décision éclairée ;

le conseil communal demande :

1. d'accorder à chaque parti politique représenté au sein du conseil communal un siège de membre dans chaque commission consultative, afin de garantir une représentation équitable et pluraliste, conforme aux principes démocratiques et au bon fonctionnement des instances consultatives ;
2. de respecter un délai raisonnable pour l'envoi des convocations aux réunions des commissions consultatives, afin de garantir la disponibilité et la participation effective des membres ;
3. que les rapports des commissions consultatives soient transmis dans un délai adéquat aux membres de celles-ci ainsi qu'aux membres du conseil communal, leur permettant

*communal avait un poste dans chaque commission.*
*Elle rappelle au bourgmestre qu'il a lui-même soutenu ce système et qu'il en a profité lorsqu'il était dans l'opposition, ayant même obtenu des places dans les syndicats grâce à ses compétences techniques. Elle se souvient précisément qui siégeait dans quel syndicat et comment la majorité d'alors appréciait de pouvoir compter sur ces personnes et leurs compétences spécialisées.*
*Elle trouve donc d'autant plus étrange que la majorité actuelle refuse de faire ce petit geste, qui ne concerne que peu de commissions, peu de postes, peu de jetons et un droit de parole très limité. Elle estime que le bourgmestre montrerait une certaine grandeur en faisant ce pas vers l'opposition.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie madame Pregno pour ces informations déjà entendues à plusieurs reprises, mais confirme qu'ils maintiennent leur position et ne reviendront pas sur leur décision.*
*Il demande finalement à l'opposition si elle souhaite soumettre la motion au vote en bloc ou sans le point 1, précisant que la décision leur appartient et qu'ils procèderont ensuite au vote selon leur choix.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *affirme que l'opposition se prononce en faveur du maintien de la motion dans sa forme actuelle, avec ses six points tels qu'ils sont formulés.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce le passage aux questions inscrites en début de séance.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *aborde la question du Blues xpress. Il souligne que l'évènement a connu un grand succès cette année, avec une participation encore plus importante que les années précédentes et une programmation de qualité.*
*Toutefois, il exprime le regret, relayé également par les associations, que l'évènement ne se soit pas prolongé aussi tard que les années précédentes, où les festivités duraient jusqu'à 3 h avec de la musique tardive. Il comprend que les nuisances sonores à Lasauvage peuvent déranger les riverains, mais il rappelle que cet évènement n'a lieu qu'une fois par an. Il suggère qu'au Fond-de-Gras au moins, où il n'y a pas de riverains à déranger, il devrait être possible de prolonger les festivités.*
*Il soulève ensuite le problème du stationnement lors de l'évènement. Les trois parkings étaient saturés et à Niederkorn, les voitures étaient garées de manière désordonnée dans les rues faute de places suffisantes. Il attire l'attention sur le fait qu'une partie du parking du contournement ne sera plus disponible l'année prochaine et qu'il faudrait anticiper des solutions de rechange. Il insiste sur l'importance d'accueillir correctement les visiteurs lors d'évènements attractifs sans devoir distribuer des amendes ou faire enlever des véhicules inutilement.*
*Il enchaine avec un problème dans la zone Haneboesch, où la route d'accès depuis Sanem est fermée aux camions. Malgré cette interdiction, les camions ne respectent pas la signalisation. Les panneaux de la rue des Ligures sont régulièrement renversés par des camions qui ne devraient pas emprunter cette voie. Le panneau stop vient d'être réparé, mais sera probablement à nouveau endommagé prochainement.*
*Il suggère de demander à l'Administration des ponts et chaussées d'améliorer la signalisation sur l'autoroute pour que les camions empruntent automatiquement le rondpoint Biff comme prévu et contournent par l'arrière, où ils*

d'en prendre connaissance avant toute discussion ou prise de position ;
4. d'analyser le niveau d'implication des citoyens dans les commissions, et, le cas échéant, d'élaborer des stratégies adaptées pour pallier leur absence ou faible participation ;
5. d'élaborer un règlement d'ordre interne pour chaque commission consultative et autres comités (CAE, Klimateam, Naturpaktteam, comité de pilotage du vivre-ensemble interculturel…) pour fixer de façon claire et transparente le fonctionnement de ces instances et les délais qui sont à appliquer ;
6. de mettre en place, si nécessaire, des mesures organisationnelles permettant d'améliorer la planification et la diffusion des documents liés aux travaux des commissions.

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zu de Froen, déi uganks der Sitzung ugemellt gi sinn. Do géif ech d'Wuert un den Här Cillien ginn, fir seng Fro virzedroen. Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et wier eng Fro zum Blues Express. Dat war ee richteg grousse Succès dëst Joer. Mir hunn et begréisst ze gesinn, datt nach méi Leit do ware wéi déi Jore virdrun. De Line-up war gutt. Et war wierklech tipptopp.

Wat e bësse schued war, wat och d'Veräiner un eis erugedroen hunn, datt et e bësse schued war, datt et net esou laang gaangen ass ewéi déi Jore virdrun. Soss ass et bis 3:00 Auer gaangen oder et war nach méi spéit Musek.

Mer verstinn natierlech, op der Zowaasch, datt dat vläicht d'Leit stéiert. Mee mir soen, et ass nëmmen eemol d'Joer, dat wär vläicht net esou schlëmm. Awer op d'mannst am Fond-de-Gras, do misst et awer méiglech sinn, do stéiere mer keen. Wann een dat do e bësse méi laang lafe léisst, misst dat kee Probleem sinn.

Déi zweet Saach, déi ech wollt uschwätzen, ass d'Parksituatioun. Déi dräi Parkinge ware relativ iwwerlaf. Zu Nidderkuer stoungen d'Autoen hott an har eng Zäit laang, an de Stroossen och, well net genuch Parkméiglechkeeten do waren.

Do wollt ech Iech mat op de Wee ginn, vläicht ze kucken, d'nächst Joer dat iergendwéi anescht ze maachen. Tout en sachant, datt en plus um Contournement een Deel vum Parking wäert ewechfalen d'nächst Joer. Datt ee sech misst iwwerleeën: Wou kënnen d'Leit parken?

Well et ass eppes, wat ee grousse Succès huet. An et ass einfach schued, wann d'Leit do ronderëm fueren oder sech hott an har parken. Mer si jo frou, wann d'Leit op Déifferdeng kommen, wa mer flott Evenementer hunn. A mer wëlle jo do kee Pechert hischécken oder mussen Autoen ofschleefe loossen, wann et net néideg ass.

Soll ech eng zweet Saach direkt drunhänken oder?

**ENG STËMM:**

Jo.

**ERIC CILLIEN (DP):**

An der Zon Haneboesch, do ass jo fir d'Camionen déi Strooss zou, vu Suessem fir eran. An do ass dee grousse Probleem, datt d'Camione sech net drun halen. Ech weess, et gëtt warscheinlech keng ideal Solutioun, mee ech wëll Iech et awer matdeelen. D'Schëlter an der rue des Ligures ginn ëmgefuer vu Camionen, déi dann doduerch fueren, déi am Fong net dierften doduerch fueren.

Dat ass ee Probleem. D'Stoppschëld ass elo erëm geriicht ginn, mee et wäert net laang daueren, dann ass erëm eppes do.

Ech weess net, ob ee ka Ponts et chaussées froen, dass se dat op der Autobunn vläicht nach besser kennzeechnen. Well et ass net esou gekennzeechent, datt d'Camionen automatesch op de Rondpoint Biff, esou wéi et virgesinn ass, fueren an dann hannen erlaanscht fueren, wou se dréie kënnen.

Well déi grouss Camionen, déi Convois exceptionnels, déi kréien net richteg gedréit. Et ass normal, datt déi dann e

Schëld ëmfueren, wat eis onnéideg Geld kascht. Ob ee vläicht kéint intervenéiere bei Ponts et chaussées, datt se dat besser kennzeechnen a mer do och e bësse Rou géife kréien. Merci.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Informatiounen. Ech géif der Madamm Charlé d'Wuert gi fir deen Aspekt mat de Schëlter, mat der Situatioun. Madamm Charlé, wannechgelift.

#### SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert an och fir d'Fro oder d'Informatioun. Mer sinn eis der Problematik an der rue des Ligures bewosst. Zënter der Spärung uewen ass et méi schlëmm. Et war och scho virdru problematesch – also dat war schonn ëmmer e Probleem do an der rue des Ligures, dass immens vill Camionen do fueren. An et ass einfach, si hunn déi éischt verpasst a sinn dann an der rue des Ligures duerchgefuer, wat effektiv e Probleem ass. Virun enger Stonn krute mer elo nach an enger E-Mail vun engem Awunner d'Situatioun geschëldert, wéi do de Probleem ass.

Effektiv gëtt et verschidde Méiglechkeeten, mee keng ass esou richteg ideal. Mee ech mengen, et ass wéi Dir sot, dass een do mat Ponts et chaussées kuckt, mir wëssen, dass dat awer ëmmer e bëssen dauert a schwiereg ass an, leider, net vun haut op muer ëmsetzbar ass. Mee dass mer eis op jidde Fall mat hinne kuerzschléissen an der Hoffnung, datt et dann net dauert, bis datt et fäerdeg ass.

Mir versiche jiddefalls eppes do ze maachen. A mir wëssen, dass et net gutt ass.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Den Här Ulveling.

#### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Zum Blues Express. Dir hutt Recht, dat war ee grousse Succès dëst Joer, et waren immens vill Leit do. Ech huelen Är Suggestioune mat. Mir maachen en Debriefing.

An ech wëll awer soen, iwwer d'Parkplaze maache mer eis natierlech Gedanken. Mir sinn zum Beispill un de Cactus Bascharage erugetrueden. Et ass awer leider esou, dass de Cactus Bascharage bis 20:00 Auer samschdes op huet an dofir eis de Parking net wëllt ginn. Si fäerten natierlech, dass um 18:00 Auer dann d'Spectateuren dohinner parke ginn, an dann hätte si keng Plaz méi fir hir Leit.

Et ass awer och esou, dass mer um Parking Collé eng Honnert Plaze wäerten d'nächst Joer zousätzlech zur Verfügung hunn.

An natierlech kucke mer och am CID. Do si mer amgaangen ze iwwerleeën, dass mer, zumindest kuerzfristeg, deen ale CID deelweis ofrappen, fir do Parkplazen ze maachen. Dat géifen eng 105 oder 103, ech weess net méi genau, Parkplaze ginn. Déi sollen awer am Prinzip nëmmen op de Mount verlount ginn, haaptsächlech un d'Enseignantë respektiv d'Leit aus dem 1535° respektiv un d'Fondation Emile Metz. Dass déi Leit do prioritär Accès hätten. Samschdes a sonndes sinn déi jo net do, da kéint een déi 105 oder 103 Parkplazen och nach notzen.

Mir sinn eis deem Probleem bewosst.

Et wär nach d'Alternativ, et ass jo ee risegt Parkhaus vun der CFL zu Rodange opgeriicht ginn. Do sinn e puer Dausend Parkplazen. De Probleem ass dann, da gëtt den Tour erëm esou vill méi laang. Mir hunn eis wierklech vill Gedanken do gemaach. Mee, wéi gesot, mir studéieren dat weider. Merci awer fir Är Suggestiounen.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Den Här Aguiar hat eng Fro ugemellt. Här Aguiar, wannechgelift.

*peuvent manœuvrer, car les convois exceptionnels ne peuvent pas tourner correctement, ce qui endommage la signalisation et engendre des couts inutiles.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *prend la parole concernant le problème de la rue des Ligures. Elle confirme être consciente du problème, qui s'est aggravé depuis la fermeture en amont. Elle précise que cette rue a toujours connu des difficultés avec le passage intensif de camions, qui ratent la première sortie et traversent la rue des Ligures.*
*Elle mentionne avoir reçu il y a une heure un courriel d'un riverain décrivant la situation. Elle reconnait qu'aucune solution n'est idéale, mais convient qu'il faut se concerter avec l'Administration des ponts et chaussées, tout en sachant que les démarches prennent du temps et ne sont pas réalisables du jour au lendemain.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond concernant le Blues Express. Il confirme le grand succès de l'évènement et prend note des suggestions pour le débriefing.*
*Concernant les parkings, il explique avoir contacté le Cactus de Bascharage, qui refuse de prêter son parking, car le magasin ferme à 20 h le samedi et craint que les spectateurs n'occupent les places dès 18 h. Il annonce qu'une centaine de places supplémentaires seront disponibles l'année prochaine au parking Collé et qu'une réflexion est en cours pour démolir partiellement l'ancien CID afin de créer environ 105 places de stationnement, prioritairement louées aux enseignants et au personnel du 1535° et de la fondation Émile-Metz en semaine, mais disponibles les weekends. Il mentionne comme solution de rechange le parking CFL de Rodange avec plusieurs milliers de places, mais reconnait que cela allongerait considérablement le trajet.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *intervient pour poser une question concernant le rapport de la Commission du logement mentionnant une visite prévue de l'ancienne maternité. Il souhaite connaitre la date*

*de cette visite et demande si les membres du conseil communal peuvent y participer.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise qu'aucune visite n'est planifiée. Il rappelle qu'ils ont déjà communiqué leur intention de démolir le bâtiment pour construire de l'espace scolaire pour le centre. Il pose alors la question de savoir si les membres du conseil ne souhaitent pas une école supplémentaire pour les enfants.*
*Il indique que les plans sont déjà bien avancés et qu'ils travaillent avec l'ONA et le MiFa pour examiner la situation. Ils disposent déjà d'un terrain concret pour y installer une autre structure destinée aux réfugiés.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *adresse sa question à madame Charlé et à monsieur Ulveling, en leur qualité respective d'échevine de l'environnement et d'échevin NetZeroCities. Elle rappelle que le 23 décembre 2024, on pouvait lire sur le site officiel et les réseaux sociaux de la Ville de Differdange un texte en trois langues indiquant que le tir de feux d'artifice et de pétards est interdit sur le territoire de la commune, par respect et protection des personnes, des animaux et de l'environnement.*
*Elle demande quelle est leur position concernant les feux d'artifice et la pyrotechnie organisés la veille de la Fête nationale à Differdange, en leur demandant de prendre position notamment sur les aspects écologiques et NetZeroCities.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *répond qu'ils avaient tenté d'organiser un véritable feu d'artifice de catégorie F4. Les tests effectués n'ont pas été concluants, car les périmètres de sécurité étaient immenses. Ils ont donc abandonné cette idée.*
*Ils souhaitaient faire quelque chose de différent d'un simple spectacle de drones. Ils ont planifié un spectacle, qui a été bien accueilli par le public, accompagné d'une pyrotechnie faisant partie du spectacle.*
*Il précise qu'il ne s'agit pas d'un véritable feu d'artifice, mais de catégorie F2, à une hauteur de 45 m. Cela signifie moins de bruit, moins*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech hunn am leschte Rapport vun der Logementskommissioun gelies, dass d'Membere vun der Kommissioun déi al Maternité wéilte kucke goen, fir sech weider Gedanken iwwer dëst Gebai ze maachen. Dozou hätt ech zwou Froen: Wéini ass dës Visitt? A kënnen d'Membere vum Gemengerot do matgoen? Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Effektiv ass dat vun zwee Membere vun der Oppositioun gefrot ginn. An dat hu mir och beschwat. Et ass awer keng Visitt geplangt. Ech mengen, dat hu mer jo schonn hei matgedeelt, datt mer plangen, dat ofzerappen, fir do Schoulraum ze baue fir den Zentrum.

Ech denken, da muss een d'Fro stellen: Wëllt Der keng weider Schoul fir eis Kanner am Zentrum? Do sinn d'Pläng schonn zimmlech avancéiert. A wéi och deemools gesot, si mer mam ONA amgaangen, a mam MiFa, fir ze kucken, do hu mer och schonn ee konkreeten Terrain, fir do eng aner Struktur fir d'Flüchtlingen ëmzesetzen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Ass domat Är Fro beäntwert, Här Aguiar?

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert dann nach eng Kéier.

D'Fro riicht sech un d'Madamm Charlé an un den Här Ulveling, eng Kéier natierlech am Rôle als Ëmweltschäffen an dann och am Rôle als NetZeroCities-Schäffen. Den 23.12.2024 konnt een um offizielle Site an op de Soziale Medie vun der Stad Déifferdeng, follgenden Text an dräi Sprooche liesen:

„Mir erënneren drun, dass d'Schéisse vu Freedefeier a Knupperte verbueden ass um Territoire vun der Gemeng, aus Respekt a Schutz viru Mënsch, Déier an Ëmwelt. Mir soen Iech Merci fir Äert Verständnis."

Wéi stitt Dir zum Freedefeier respektiv der Pyrotechnik, déi um Virowend vun Nationalfeierdag zu Déifferdeng organiséiert gouf? Kéint Dir, wannechgelift, kuerz dozou Stellung huelen, andeems Dir, virun allem, op den ökologeschen an den NetZeroCities-Aspekt agitt. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Fro. Ech géif dem Här Wagner d'Wuert ginn, fir eis d'Pyrotechnik – oder wéi nenne mer et – ze erklären. Här Wagner.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech kann op déi Fro äntwerten. D'Madamm Pregno wollt natierlech och nach eng aner Äntwert kréien. Déi kann ech awer mat …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, well déi Fro hat ech elo guer net gestallt.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Ech kann dat Ganzt awer e bëssen apaken. Mir hate versicht, e richtegt Freedefeier ofzeschéissen, Kategorie F4. Déi Tester hu mer gemaach. Déi hunn eis awer net gutt gewierkt, well do

d'Sécherheetsperimeter immens grouss sinn. Dat wär am Fong dat Freedefeier, wat mer ëmmer kannt hunn. Dat hu mer awer du si gelooss.

A mir wollten awer eigentlech eppes aneschters maache wéi alt erëm eng Droneshow. Dofir hate mer jo och eng Show geplangt, déi och ganz gutt bei de Leit ukomm ass. A mir hunn dunn eng Pyrotechnik, déi zu der Show gehéiert, ofgeschoss. Dat ass u sech kee richtegt Freedefeier, dat ass d'Kategorie F2. Dat ass an der Héicht vu 45 Meter. Dat heescht: manner Kaméidi, manner Decheten. Respektiv huet se och nëmmen 100 Sekonne gedauert.

Dat sinn 100 Sekonnen, vill manner – wann et professionell ofgeschoss gëtt, mat engem Sécherheetsperimeter – wéi op Silvester, wou all Mënsch lénks a riets schéisse geet, éischtens de Risiko, zweetens de Kaméidi an drëttens d'Decheten.

Mir sinn dee selwechte Wee gaange wéi d'Stad Lëtzebuerg, déi och Silvester dat verbitt an dann awer fir Nationalfeierdag ee richtegt grousst Freedefeier ofschéisst. Wat mir awer net wollten, mir hu geduecht et wär besser, eng Showeinlage dobäi ze setzen.

D'Leit waren all zefridden. Et huet kee mer gesot, dat wär net flott gewiescht. Dat ass emol de Stand der Dinge.

D'Leit, déi do wunnen, sinn informéiert ginn. De CGDIS, d'Police, jiddereen ass avertéiert ginn, fir dass dat professionell konnt ofgeschoss ginn.

Et war d'Kategorie F2, dat ass dat Klengst, wat s de am ëffentlechen Handel ze kafe kriss. Wéi gesot, et huet 100 Sekonne gedauert, wou d'Leit emol erëm eppes anescht erliewe konnten. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Detailer, Här Wagner. Ass domat Är Fro beäntwert, Madamm Pregno?

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee. Meng Fro ass, leider, net beäntwert. Well ech wollt e Statement vun der Madamm Charlé als Ëmweltschäffen an dem Här Ulveling als NetZeroCities-Schäffen. Meng Fro ass net beäntwert ginn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling hëlt da Stellung zu där Fro.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech si prinzipiell, als NetZeroCities-Schäffen, géint Freedefeier.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci. Madamm Charlé.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Ech ralliéiere mech der Ausso vum Här Ulveling. Trotzdeem muss ech awer global bäifügen: Freedefeier ass schéin, d'Leit si frou, wa Freedefeier ass. Ech weess, net jiddwereen. Net jiddwerengem gefält dat. An natierlech huet dat een Impakt op d'Ëmwelt, a kee positiven! Dat ass mer natierlech ganz bewosst.

Et muss een awer einfach soen, warscheinlech ass et eng Drëps op ee waarme Steen, trotzdeem. An ech si mer bewosst, datt dat warscheinlech net ideal ass, Freedefeier ofzeschéissen. Ech denken awer, dass mer esou vill Saachen hei zu Déifferdeng hunn, déi an d'Loft geblose ginn, a wou mer eis wierklech druginn, dass et besser gëtt, datt dat dote warscheinlech minimal ass.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Dann hunn ech nach den Här Diderich hei stoen, deen eng Fro ugemellt hat. Här Diderich, wannechgelift.

*de déchets, et une durée de seulement cent secondes. Il compare ces cent secondes aux tirs professionnels avec périmètre de sécurité ou aux feux du Nouvel An, où tout le monde tire partout, générant risques, bruit et déchets. Il explique qu'ils suivent le même chemin que la Ville de Luxembourg, qui interdit les feux au Nouvel An, mais organise un grand feu d'artifice pour la Fête nationale.*
*Les riverains ont été informés, et le CGDIS et la police ont été avertis pour un tir professionnel.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande si la question de madame Pregno est répondue.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond négativement, précisant qu'elle souhaitait une déclaration de madame Charlé en tant qu'échevine de l'environnement et de monsieur Ulveling en tant qu'échevin NetZeroCities.*

**TOM ULVELING (CSV)** *déclare qu'en principe, en tant qu'échevin NetZeroCities, il est contre les feux d'artifice.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *se rallie à la position de monsieur Ulveling. Elle ajoute néanmoins que, globalement, les feux d'artifice sont beaux et rendent les gens heureux, même si tout le monde ne les apprécie pas. Elle reconnait l'impact environnemental négatif, dont elle est parfaitement consciente.*
*Elle estime cependant que, même si ce n'est probablement qu'une goutte d'eau sur une pierre chaude et que les feux d'artifice ne sont pas idéaux, Differdange compte tellement d'autres émissions dans l'atmosphère sur lesquelles ils travaillent pour améliorer la situation que cet impact est probablement minimal.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *indique avoir envoyé trois questions la veille, dont deux ont reçu une réponse. Une question concerne les perquisitions et les accusations qui y sont liées. Il précise que les informations parues dans la presse et les communications matinales soulèvent d'autres interrogations. Il*

*s'interroge fondamentalement sur l'impact éventuel de cette situation sur le chantier du Maxim's et demande si celui-ci continue comme prévu.*
*Il souhaite également revenir sur une question posée précédemment, à laquelle le bourgmestre avait promis de s'intéresser fortement et de lui répondre ultérieurement. Cette question porte sur les matériaux d'isolation de la façade. Il rappelle que ce détail technique n'était pas spécifié précisément dans le contrat initial. Le bourgmestre avait promis que, conformément à l'esprit de NetZeroCities, il s'agirait de matériaux organiques et non synthétiques. Ce détail technique reste en suspens.*
*Gary Diderich s'interroge ensuite sur le choix d'une notaire de la capitale pour l'acte de vente. Normalement, l'acheteur détermine le choix du notaire. Il fait référence aux mentions répétées du bourgmestre dans la presse concernant le notaire et l'acte notarié. Il souligne que la commune n'a jamais travaillé avec cette notaire auparavant et mentionne qu'elle a déjà été condamnée pour des affaires où elle n'a pas respecté sa déontologie. Personnellement, s'il était acheteur ou mandataire, il ferait d'autres choix. Il demande s'il existe des circonstances particulières expliquant le choix de cette notaire spécifique, d'autant que des actes avaient déjà été réalisés dans ce dossier il y a 14 ans avec un autre notaire. Habituellement, on reste avec le même notaire, qui connait le dossier et a déjà effectué toutes les recherches nécessaires.*
*Sa dernière question concerne BA Promotions, société dans laquelle le bourgmestre était impliqué et où son fils est maintenant partie prenante. Il demande s'il existe une implication directe ou indirecte de cette société avec la commune dans ce dossier ou d'autres, notamment comme sous-traitant, ou si la commune n'a strictement aucun lien avec cette SÀRL.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que la société BA n'a aucune relation avec la commune de Differdange. Il précise qu'en assumant ses responsabilités politiques pour ce poste, il*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hat déi dräi Froe gëschter schonn ageschéckt. Dovunner sinn zwou beäntwert ginn. Eng par rapport zu de Perquisitiounen, ëm wat et do gaangen ass, wat et mat deene Virwërf op sech huet.

Aus deenen Informatiounen, déi mëttlerweil aus der Press an de Moien aus de Kommunikatiounen ervirgaange sinn, ergi sech zum Deel nach aner Froen. Grondsätzlech hunn ech mech gefrot, ob dat doten elo iergendwéi eng Incidence op de Chantier huet. Ob deen elo awer weidergeet wéi geplangt oder net. Dat ass eng vun de Froen, wat de Maxim's ugeet.

An da wollt ech och nach eng Fro erëm stellen, déi ech d'leschte Kéier gestallt hat, wou Der gesot hat, Dir géift Iech ganz staark dofir interesséieren an op mech zréckkommen, dat ass d'Matière fir d'Isolatiounsfassad. Dat war net am Detail festgehale ginn am Kontrakt am Ufank. Dir hat awer versprach, dass dat ganz am Sënn vun NetZeroCities, organesch Matière soll sinn a keng syntheetesch Materialien. Dat ass een technneschen Detail, deen awer nach opsteet.

Da wollt ech och froen, wéi dat deemools gaangen ass beim Akt, dass eng Nottär aus der Stad erausgesicht ginn ass, fir deen Akt ze maachen. Normalerweis ass et jo esou, dass de Keefer festleet, bei wéi engem Nottär een en Akt mécht.

Dir hat elo gëschter an der Press des Ëfteren op den Nottär oder op den Acte notarié higewisen. Dofir wollt ech dat emol opwerfen, well bis elo hu mer nach ni bei där Nottär een Akt gemaach. Et ass och eng Nottär, déi schonn e puermol condamnéiert ginn ass wéinst Affären, wou se sech net un hir Deontologie gehalen huet. An an deem Sënn vläicht net – op jidde Fall, wann ech Keefer wär oder Mandataire fir ee Keefer wär, géif ech perséinlech do aner Choixen huelen.

Do wollt ech emol nofroen, ob et Circonstancë gëtt, déi dat erklären, dass et elo spezifesch deen doten Nottär war. Well do ware jo och schonn Akte gemaach ginn, an deem doten Dossier, viru 14 Joer. An do ware mer och net bei där Nottär. Normalerweis bleift een och bei engem Nottär, bei deem een en Dossier huet, dee schonn all d'Recherchë gemaach huet, dee scho weess, wat d'Proprietéitsverhältnisser sinn an esou weider an esou fort. Dat heescht, dat ass nach eng Fro, déi sech do stellt.

An déi aner Fro, déi ech gëschter schonn eragemailt hunn, ass punkto BA Promotions, wou Dir selwer dru bedeelegt waart, wou elo nach Äre Fils dru bedeelegt ass, ob et do an deem doten Dossier oder an aneren Dossieren eng direkt oder eng indirekt Implikatioun gëtt am Zesummenhang mat der Gemeng. Ob dat iergendwéi ee Soustraitant ass? Oder ob d'Gemeng strictement näischt mat där SÀRL ze dinn huet. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech fänken dann hannen un, Är Froen ze beäntwerten, fir keng ze vergiessen.

D'Firma BA huet keng Relatioun mat der Gemeng a mat der Stad Déifferdeng. Dat ass ganz kloer.

An ech widderhuelen: Wéi ech d'Responsabilitéit iwwerholl hunn an der Politik, fir dee Posten hei unzehuelen, hunn ech meng Parte bei där Firma BA ofginn. Déi hunn ech u mäi Bouf ofgetrueden. A vun do un huet d'Gemeng oder d'Stad Déifferdeng keng Relatioun mat där Firma.

De Bau an de Fortgang vum Chantier wäert, menger Meenung no, net beaflosst ginn, kann ech mer net virstellen, duerch eng Enquête, déi gefouert gëtt vun enger Police judiciaire. Ech gleewen net, dass dat een Afloss huet op de Bau.

De Choix vum Nottär. Dat ass schonn eng schwéier Ausso, déi Dir do maacht, a Relatioun mat deem Nottär, deen do getraff ginn ass oder deen do selektionéiert ginn ass. Dat ass een Nottär, dee mer gemeinsam mam Vendeur ausgemaach hunn an deen eis och proposéiert ginn ass vun him, well en deen Akt kennt, deen Acte d'achat vun der Firma an och den Akt, dee virdru virlouch.

Wat war nach Är Fro? Hunn ech elo eppes vergiess nach?

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Beim Chantier d'Isolatioun

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

D'Isolatioun. Do kann den Här Hartung eis nach den Detail liwweren. Jo, ech hat dat elo vergiess. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Zur Isolatioun. Et ass keng syntheetesch, mee eng mineralesch Isolatioun virgesinn.

**ENG STËMM:**

Steewoll.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Steewoll. Laine de roche.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Sinn Är Froe beäntwert? Oder hunn ech elo eng iwwersinn oder vergiess?

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et ass d'Weiderkommen och, ob dat de Chantier impaktéiert oder net. Wësst Der dat aus deem, wat …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat hunn ech …

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat hutt Der gesot, pardon.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

De Chantier gëtt net beaflosst wéinst enger Enquête vun der Police judiciaire, fir en Dossier ze clarifiéieren. Et ass validéiert alles. An dat ass entaméiert. Dat huet näischt mat där anerer Saach ze dinn.

Huet nach een eng Fro, déi ech vergiess hat opzeschreiwen oder wou ee sech gemellt huet, deen ech net berécksiichtegt hunn?

Dat waren d'Froen all. Da géife mer zu der Séance non-publique iwwergoen.

*a cédé ses parts dans la société BA à son fils. Depuis, la commune n'a aucune relation avec cette entreprise.*
*Il estime que la construction et l'avancement du chantier ne seront pas affectés par l'enquête de la police judiciaire.*
*Concernant le choix du notaire, il considère que monsieur Diderich fait une déclaration grave. Il explique que ce notaire a été choisi conjointement avec le vendeur, qui l'a proposé, car il connaissait l'acte d'achat de la société et les actes précédents.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise que l'isolation prévue n'est pas synthétique, mais minérale, en laine de roche.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *conclut que cela n'a rien à voir avec l'autre affaire et propose de passer à la séance non publique*



# SONDAGE CITOYEN SUR L'AVENIR DU SPORT À DIFFERDANGE

La Ville de Differdange, avec le soutien du ministère des Sports, a élaboré un questionnaire, qui vous donne l'occasion de nous faire part de vos expériences et de votre avis sur l'offre sportive locale.

Grâce à cette enquête, nous cherchons à comprendre en détail les habitudes de la population en matière d'exercice physique. Nous voulons savoir où, quand, comment et pourquoi vous pratiquez une activité sportive ou physique, ou, à l'inverse, pourquoi vous ne le faites pas. Le questionnaire s'adresse à tous les citoyens de la commune, quels que soient leur âge et leur activité sportive.

La Ville de Differdange a pour objectif de rendre le sport accessible à tous et de transmettre aux grands comme aux petits le plaisir de bouger. Aidez-nous à mieux adapter notre offre d'activités physiques à vos besoins.

# REJOIGNEZ LE RÉSEAU DES BONS D’ACHAT DE LA VILLE

La Ville de Differdange lance un appel à tous les commerçants locaux pour participer à son programme de bons d’achat. Une initiative gagnant-gagnant, qui dynamise le commerce local tout en offrant aux citoyens une solution pratique pour leurs achats.

**Comment ça fonctionne ?**

La Ville émet régulièrement des bons d’achat, notamment lors de jeux-concours ou d’évènements spéciaux. Ces bons représentent un pouvoir d’achat supplémentaire, qui profite directement aux commerces participants. En acceptant ces bons d’achat dans votre établissement, vous :

- attirez de nouveaux détenteurs de bons d’achat ;
- bénéficiez d’une visibilité accrue grâce à la liste officielle des commerces partenaires ;
- participez activement à l’économie locale de Differdange ;
- fidélisez votre clientèle en offrant une solution de paiement supplémentaire.

**Inscription simple et rapide**
Vous souhaitez faire partie de ce réseau dynamique ? Rien de plus simple :

Une fois inscrit, votre commerce apparaitra sur la liste officielle mise à disposition des clients, leur permettant d’identifier où utiliser leurs bons d’achat.
Ne manquez pas cette opportunité de développer votre activité tout en contribuant au dynamisme commercial de Differdange.




# STEEL RUN 2026 : INSCRIVEZ-VOUS

Coureurs confirmés ou simplement désireux de vous surpasser, le 13 septembre 2026, le Steel Run est la course un peu folle à ne surtout pas manquer. Sortez votre tenue de sport, ou mieux votre déguisement, et laissez vos foulées vous guider dans les lieux de Differdange où rarement les coureurs peuvent s'aventurer.

**Infos pratiques**

- Départ à 15 h.
- Distance de 11 km.
- Hommes et femmes, adolescents et adultes, de 14 à 99 ans.

Plus d'infos sur steelrun.lu.

LUNDI LITTÉRAIRE

02
Mar 26



# Judith BILDAU

## „Body in Balance“

In Zusammenarbeit mit der Chancengleichheitsabteilung der Stadt Differdingen

© Manuel Taquini

**Fräien Entrée**

Reservéiert Är Plazen!
Tel.: 58 77 1-1920
E-Mail: bibliotheque@differdange.lu

aalt stadhaus

19:30 | Festsall

# FUERPLANGWIESSEL AN DER SÜDREGIOUN

## Méi Bus. Méi Mobilitéit. Fir Iech.




Ab dem **4. Januar 2026** profitéiert de Süde vun engem verstäerkte Busreseau: verlängert Linnen, nei Strecken an optimiséiert Verbindunge vereinfachen Är Deplacementer.

**Méi Informatiounen:**

TICE

RGTR